DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

08a /// 2015

# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 11.12.2015








EDITEUR: ADMINISTRATION DE LA VILLE DE DUDELANGE

Séance du conseil communal du 11 décembre 2015 - résumé **04**

Gemengerotssëtzung vum 11. Dezember 2015 **06**

1. Correspondance **06**

2. Règlements de circulation **07**

3. Finances communales – approbation **07**

   1. du budget rectifié de l'exercice 2015
   2. du budget initial de l'exercice 2016
   3. des modifications à apporter au chapitre X : Eau – du règlement-taxes général
   4. des modifications à apporter au chapitre XI: Eaux usées et assainissement – du règlement-taxes général
   5. des tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et des modifications à apporter au chapitre XIV: Gaz – du règlement-taxes général
   6. de devis estimatifs
   7. de décomptes
   8. de subsides extraordinaires

4. Office social **41**

   1. présentation du rapport d'activité de l'exercice 2014 et approbation du budget rectifié de l'exercice 2015 et du budget initial de l'exercice 2016
   2. approbation de la délibération de l'office social du 27 novembre 2015 portant création d'un poste d'assistant social (m/f) à mi-temps

5. Aménagement communal et développement urbain – modification ponctuelle de la partie écrite du plan d'aménagement général pour le développement du site des ateliers Kraïzbierg **50**

6. Personnel communal **52**

   1. création d'un poste de fonctionnaire communal dans la carrière du rédacteur
   2. fixation du nombre d'emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux pour l'année 2016

Début de la séance à huis clos

   3. engagement à durée déterminée d'un salarié (m/f) dans la carrière de l'instructeur de natation
   4. nomination définitive et hors cadre d'un fonctionnaire communal dans la carrière du rédacteur
   5. promotion au grade 16 d'un fonctionnaire communal dans la carrière de l'ingénieur

Fin de la séance à huis clos

7. Questions au collège des bourgmestre et échevins (Gemengeninfo 8b /// 2015).

Application pratique: La journée du 11 décembre 2015 sera consacrée à la présentation du budget rectifié de l'exercice 2015 et du budget initial de l'exercice 2016 par les membres du collège des bourgmestre et échevins, aux prises de position des conseillers qui seront absents le 18 décembre 2015 ainsi qu'aux points 2 et 3.3 à 7 de l'ordre du jour.

La journée du 18 décembre 2015 sera réservée aux prises de position des conseillers communaux, aux réponses du collège des bourgmestre et échevins  et aux votes sur les points 3.1 et 3.2.

Veuillez agréer, Madame, Monsieur, l'assurance de notre considération très distinguée.

Pour le collège des bourgmestre et échevins,

Dan Biancalana, bourgmestre; Joseph Schmit, secrétaire communal

Editeur responsable:
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit
N° 08a /// 2015
Parution: MAI 2016

Photos, Illustrations: Ville de Dudelange,
David Laurent/Wili, Michel Brumat, André Weisgerber,
Mike Zenari, Steinmetzedemeyer

FSC www.fsc.org MIX Paper from responsible sources FSC® C018673

# RAPPORT SOMMAIRE DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL DES 11 ET 18 DÉCEMBRE 2015

**Présents:** MM. Dan Biancalana, bourgmestre, René Manderscheid, Loris Spina et Mme Claudia Dall'Agnol, échevins, M. Bob Claude, Mmes Jessica David, Josiane Di Bartolomeo-Ries, MM. Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Mmes Romaine Goergen, Nathalie Haas, Michèle Kayser-Wengler, Colette Kutten, MM. Marc Lazzarini, Romy Rech, Mme Brit Schlussnuss, M. Marc Schiffmann (absent le 11 décembre 2015), conseillers et M. Joseph Schmit, secrétaire communal
**Absent, excusé:** /

1. Le collège des bourgmestre et échevins a présenté les détails du budget rectifié de l'exercice 2015 et du budget initial de l'exercice 2016. Le budget rectifié de l'exercice 2015 présente des recettes ordinaires de 72.019.147,13 EUR et des dépenses ordinaires de 66.980.366,59 EUR, donc un boni ordinaire de 5.038.780,54 EUR; dans le service extraordinaire, il y a des recettes d'un montant de 19.450.333,81 EUR et des dépenses de 30.538.108,86 EUR, ce qui correspond à un mali de 11.087.775,05 EUR. Comme le boni du compte de l'exercice 2014 s'élève à 8.679.882,48 EUR, le boni présumé à la fin de l'exercice 2015 atteindra la somme de 2.630.887,97 EUR.

   Le budget initial de l'exercice 2016 se présente comme suit: des recettes ordinaires de 73.780.462,25 EUR et extraordinaires de 12.854.203,00 EUR, et des dépenses ordinaires de 71.713.092,76 EUR et extraordinaires de 15.396.715,52 EUR, d'où un boni ordinaire de 2.067.369,49 EUR et un mali extraordinaire de 2.542.512,52 EUR. En ajoutant le boni présumé fin 2015 de 2.630.887,97 EUR, il reste un boni définitif de 2.155.744,94 EUR. Le fonds de réserve budgétaire s'élève à 9.000.000,00 EUR et le solde des emprunts au 31 octobre 2015 est égal à 15.101.199,69 EUR. 82 fonctionnaires, 157 salariés à tâche intellectuelle et 261 salariés à tâche manuelle sont engagés par la commune au 31 décembre 2015.

   Une motion du parti CSV concernant le Late-Night-Bus a été refusée avec 9 voix du parti LSAP contre 7 voix des partis CSV, déi Gréng, déi Lénk et ADR.

   Le budget rectifié de l'exercice 2015 a été voté avec 9 voix pour, 4 voix contre et 3 abstentions, tandis que le budget initial de l'exercice 2016 a été voté avec 9 voix du parti LSAP, 6 voix contre des partis CSV, déi Gréng et ADR et 1 abstention du parti déi Lénk.

2. Le conseil a approuvé les modifications à apporter au chapitre X : Eau – du règlement-taxes général, comportant une augmentation de 2,05 à 2,50 EUR/m3 hTVA de la partie variable, les modifications à apporter au chapitre XI: Eaux usées et assainissement – du règlement-taxes général, avec une nouvelle fixation à 2,00 EUR/m3 de la redevance variable, et les modifications à apporter au chapitre XIV: Gaz – du règlement-taxes général comprenant une nouvelle fixation des tarifs d'utilisation du réseau pour l'année 2016.

3. Les devis estimatifs suivants ont été votés:

   1. remise en état du sanitaire au rez-de-chaussée de l'annexe 'pompiers' – 50.000 EUR
   2. aménagement d'un dépôt de sel aux ateliers communaux - 140.000 EUR
   3. aménagement d'un local de nettoyage à l'école Baltzing – 85.000 EUR
   4. mise en place d'un plafond acoustique dans toutes les classes du rez-de-chaussée de l'école Brill – 21.000 EUR
   5. renouvellement des fenêtres de l'école Brill – 380.000 EUR
   6. réaménagement du sous-sol de l'école Brill – 65.000 EUR
   7. signalétique dynamique et système ticketing au rez-de-chaussée de l'Hôtel de Ville – 70.000 EUR
   8. remise en état de la maison 106 rue de l'Hôpital – 70.000 EUR
   9. mobilier du service de la gestion des ressources humaines – 34.000 EUR
   10. toiture et isolation du musée municipal/centre d'art Nei Liicht – 115.000 EUR
   11. mur de soutènement dans la rue de l'Hôpital (77 rue Adolphe) – 140.000 EUR
   12. isolation de la dalle au rez-de-chaussée de l'école Centre A – 30.000 EUR
   13. raclage et réfection de différentes rues - 550.000 EUR
   14. modifications au réseau de gaz naturel accompagnant les travaux des P&T – 500.000 EUR
   15. canalisation des eaux mixtes dans l'avenue

G.D. Charlotte – 760.000 EUR
16. divers travaux de réfection des rues de 2015 à 2019 – chantiers P&T – 800.000 EUR
17. mise en sécurité du sous-sol de l'école Centre B – 30.000 EUR
18. installation d'un bain froid (cryo spa) au Centre sportif – 46.000 EUR
19. remplacement du revêtement au sol de la salle Grimler au Centre sportif – 215.000 EUR
20. conduite d'eau potable dans l'avenue G.D. Charlotte – 400.000 EUR
21. isolation thermique de la dalle au sol du gymnase de l'école Boudersberg – 60.000 EUR
22. conduite de gaz naturel dans l'avenue G.D. Charlotte – 400.000 EUR
23. mobilier de la maison sociale – 75.000 EUR
24. réseau de canalisation des eaux mixtes dans la rue du Nord – 500.000 EUR
25. modifications du réseau d'eau potable accompagnant les travaux des P&T – 500.000 EUR
26. réaménagement de la place publique devant la maison sociale – 200.000 EUR
27. acquisition de deux appartements pour l'aménagement de logements sociaux am Duerf – 800.000 EUR
28. renforcement du réseau d'eau potable au Roudebierg – 150.000 EUR
29. pose d'une conduite de distribution d'eau potable dans la route de Zoufftgen – 275.000 EUR
30. pose d'une conduite moyenne pression de gaz naturel dans la route de Zoufftgen – 285.000 EUR
31. pose d'une conduite d'eau potable dans la rue Curie – 115.000 EUR
32. pose d'une conduite d'eau potable dans la rue Edison – 45.000 EUR
33. pose d'une conduite de gaz naturel dans la rue Curie – 105.000 EUR
34. pose d'une conduite de gaz naturel dans la rue Edison – 43.000 EUR
35. renouvellement de l'antenne collective dans l'avenue G.D. Charlotte – 112.000 EUR
36. renouvellement de l'éclairage public au parking du centre sportif et dans la rue Jean Simon – 60.000 EUR
37. modernisation de l'illumination de Noël – 64.250 EUR
38. sonorisation et divers équipements électriques dans l'avenue G.D. Charlotte – 280.000 EUR
39. remplacement d'un transformateur dans la rue Fleming – 35.000 EUR

4. Plusieurs décomptes de travaux extraordinaires ont concerné la modification du trottoir et la construction d'un mur de soutènement au croisement des rues Karl Marx et Etang (166.878,32 EUR), l'aménagement d'un terrain synthétique au Stade Aloyse Meyer (1.584.411,79 EUR) et l'extension (2e étage) de la maison relais Strutzbierg (1.635.609,04 EUR).

5. Les subsides extraordinaires suivants ont été alloués: 8.463,39 EUR à la Société avicole pour participer aux frais de remise en état de la toiture du local du club à la station d'élevage, 3.670,35 EUR aux Gréng Scouten a Guiden en tant que participation au financement de deux cuisinières et d'un toit d'une grande tente, 2.250 EUR au Dëschtennis Diddeleng pour la participation aux premier et deuxième tours et aux huitièmes finales de la Coupe d'Europe, 1.561,20 EUR au Cercle de billard pour participer aux frais de rénovation de deux tables de billard, et 100 EUR au Service Krank Kanner Doheem en tant que soutien des activités.

6. Après la présentation du rapport d'activité de l'exercice 2014 par les responsables de l'office social, le conseil communal a approuvé le budget rectifié de l'exercice 2015 et le budget initial de l'exercice 2016 de l'office social qui comprend des recettes ordinaires de 2.035.045,41 EUR et des dépenses ordinaires de 1.948.795,41 EUR, donc un boni propre à l'exercice de 86.250 EUR. Le conseil a également approuvé la décision de créer un poste d'assistant social (m/f) à mi-temps.

7. En matière d'aménagement communal et de développement urbain, le conseil a approuvé la modification ponctuelle de la partie écrite du plan d'aménagement général concernant un reclassement du site des ateliers Kraïzbierg.

8. Concernant le personnel communal, les conseillers communaux ont créé un poste de fonctionnaire communal dans la carrière du rédacteur pour les besoins du service de l'architecture et des domaines, ont fixé le nombre d'emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux pour l'année 2016, ont engagé à durée déterminée M. Yann Schiltz dans la carrière de l'instructeur de natation, ont nommé définitivement et hors cadre M. Tom Bernard au poste de rédacteur créé auparavant, et ont promu M. Nic Krumlovsky au grade 16 dans la carrière de l'ingénieur. M. Patrick Bausch est désigné comme nouveau secrétaire communal et succédera à M. Joseph Schmit qui partira à la retraite à partir du 1er septembre 2016.

9. Mme Brit Schlussnuss remplacera M. Alain Becker comme représentant de la ville de Dudelange dans le conseil d'administration du Centre Hospitalier Emile Mayrisch.

JS



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 11. DEZEMBER 2015

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, ech begréissen Iech ganz häerzlech an der heiteger Gemengerotssëtzung wou de Marc Schiffmann sech offiziell entschëllegt huet an d'Jessica David wéinst professionelle Verpflichtunge mat Verspéidung antreffe wäert. Op dem Ordre du jour steet haut virun allem d'Presentatioun vum Budget 2016 an den nächste Freide kommen d'Diskussiounen an d'Stellungnahme vun de Vertrieder vun der Majoritéit a vun der Oppositioun an dann duerno de Vote.
Wat elo den Ordre du jour ugeet, hu mer Iech nach e puer Dokumenter zougefügt: engersäits d'Circulaire vum Plan pluriannuel de financement vun 2016, nieft de PPF fir d'Joeren 2017, 2018 an 2019, awer och de Rapport vun der Finanzkommissioun, déi de Méindeg getagt huet.
Da proposéiere mer dem Gemengerot, nach zwee Punkten op den Ordre du jour ze huelen, haut, respektiv de Freiden. Virun Iech läit d'Démissioun vum Alain Becker aus dem Verwaltungsrot vum CHEM, respektiv aus dem Hospice de la ville de Dudelange op den 1. Januar 2016. Mir géifen dat dann haut oder an der Sitzung vun e Freiden am Huis clos debattéieren.
An der Tëschenzäit ass den Délai fir de Poste vum Gemengesekretär ofgelaf. Do wëlle mer d'nächst Woch Virstellungsgespréicher hunn an de Freiden am Gemengerot iwwer de Contenu an den Timing diskutéieren.

**Ass de Gemengerot mat deenen zwee Ajouten op den Ordre du jour averstanen? Merci fir d'Zoustëmmung.**

## 1. KORRESPONDENZ

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Viru gutt zwou Woche war d'Regierung am Kader vun der Presentatioun vun de Plan-sectoriellen am Süden. Si huet déi verschidde Kantone besicht wou d'Gemengeconseilleren och invitéiert waren a wou si in globo d'Presentatioun gemaach huet wat dës Pläng fir d'Südregioun bedeiten an ass op déi verschidden Avise agaangen. Am Laf vum 1. Semester 2016 kënnen nach bilateral Gespréicher stattfannen éier se dann offiziell an déi nei Prozedur ginn. D'Gemeng Diddeleng gräift natierlech op déi Offer zeréck an informéiert de Gemengerot doriwwer wéi déi Gespréicher mat deenen eenzelne Regierungsmembere verlaf sinn.

Eng zousätzlech Kommunikatioun iwwer en Dossier, iwwer dee scho méi laang hei geschwat ginn ass a wou mer elo gréng Luucht vum Regierungsrot kruten, betrëfft déi al Aluminiumsfabrik hei zu Diddeleng, d'Affilux, do gouf festgehal, dass d'Sanéierung 100%eg vum Fonds pour la Protection de l'environnement iwwerholl gëtt, also eng gutt Nouvelle fir de Site an Diddeleng well iwwer déi lescht Joer schonn eng ganz Rei Iddien a Projeten um Dësch louchen, wéi dee Site kéint ausgesinn an dat heite geet elo an déi richteg Richtung. Esouvill zu dëse Punkten vun der Korrespondenz an ech proposéieren, elo op d'Presentatioun vum Budget rectifié vun 2015 a vum Budget initial 2016 iwwer ze goen.



## 2. VERKÉIERSREGLEMENTER

## 3. GEMENGEFINANZEN

### 1. Genehmegung vum Budget rectifié 2015

### 2. Budget initial 2016

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Hei schwätze mir iwwer déi Saachen, déi mir realiséiert hunn an déi, déi mer 2016 wëlles hunn, ëmzesetzen.
Ech wëll op dëser Plaz och eisem Gemengesekretär an och eisem Service Comptabilité Merci soe fir d'Opbereedung vun dësem Gemengerot well mer jo och wéi d'lescht Joer eng PowerPoint-Presentatioun hei wäerte maachen iwwer de Budget 2016. Mir sinn an enger Phase transitoire wou mer niewent deem klassesche Pabeier, dee mer virleien hunn, versichen, phaseweis de Paperless anzeféieren an och dat heescht intern eng Ëmstrukturéierung an eng aner Organisatioun vum Gemengerot, vun den zoustännege Servicer an doduerch méi Aarbecht.
D'Finanzkommissioun huet de 7.Dezember getagt an Dir hutt de Rapport mat den Eckdate virleien. D'Budgetsdokument an d'PowerPoint-Presentatioun ginn en toute transparence op den Internetsite gesat fir den Diddelenger Bierger Zougang zum Budget ze ginn an dat Ganzt méi verständlech ze maachen.
D'Virgabe sinn déi selwecht wéi all Joer: do hu mer engersäits d'Circulaire budgétaire mat de staatlechen Dotatiounen, déi mer vun der Regierung matgedeelt kréien, virun allem de Fonds communal de dotations financières, d'Gewerbesteier, den Impôt financier a wéi all Joer den Appel vum Inneminister wat d'Gouvernance budgétaire ugeet, där hire virsiichteg Charakter ze droen an awer an Aussicht ze halen, datt een als Gemeng an als Staat eng modern an efficace Administratioun soll sinn.
Natierlech, déi Previsiounen, déi mer matdeele konnten, fir de Budget 2016, wéi awer och de Pluriannuel, baséieren op dem Pacte de stabilité et de croissance, deen d'Regierung Enn Abréll 2015 op Bréissel geschéckt huet an natierlech och do d'Suerg gedroe gëtt vun engem finanziellen Equiliber wat d'Staatsfinanzen ubelaangt: engersäits um Niveau vun der Administration centrale, de Staat, der Administration locale, also d'Budgete vun de Gemengen, an natierlech och der Sécurité sociale. Mer befannen eis also hei an engem makroekonomesche Kontext an deem mer eis ganz kloer beweegen.
Wat heescht dat generell fir den Haushalt 2016, rectifié mä och initial, vun Diddeleng? Dat heescht, d'Budgetsdisziplin weiderféieren, beim Molhalen, Gemengegelder net zu der Fënster eraus geheien, weider Boni erwirtschaften och wann et méi kleng gëtt, an awer och d'Reserve weider net unzetaaschten, sou wéi et fir dëst Joer, respektiv d'nächst Joer virgesinn ass, Diddeleng och weider aktiv a liewenswäert halen, fir den Diddelenger gutt Déngschtleeschtungen an eng gutt Liewensqualitéit weider kënnen unzebidden an dat och kënnen ofzesécheren an och Projeten artikuléieren, déi generatiounsiwwergräifend sinn, an déi ze realiséieren an och de Rôle, dee mer als CDA-Gemeng hunn, gären unhuelen, deem och gär gerecht ginn och wann déi statlech Finanzen deem verhältnisméisseg net ëmmer Rechnung dréit.

Viru kuerzem ass an de Medie jo iwwer d'Reform vun de Gemengefinanze geschwat ginn, déi ass méi wéi batter néideg an do stinn e puer Iddien am Raum. Nach gëllt et, déi mëttelfristeg ëmzesetze fir datt d'Gemengen hire Politiken a Budgetspolitike kënne Rechnung droen. Den Challenge fir d'Stad Diddeleng hëlt net of. Mir sinn eng Stad, déi kontrolléiert a gemässegt weider wiisst an déi Projeten, déi an der Vitrine sinn, wéi de Projet "Am Duerf", Projet "Lenkeschléi", de mëttel- a länger-



fristege Projet Nei Schmelz weise ganz kloer dorop hin, sief et am Rectifié wéi och am Initial, do hu mer e Budget opgestallt, deen am Verhältnis zu de Mëttele steet, déi eis zur Verfügung stinn a mir wëllen hei och ganz kloer Invester tätegen, déi Diddeleng a seng Awunner weider bréngen, déi nohalteg sinn a realistesch ëmgesat kënne ginn.
Ech géif dann elo op d'Eckdate vum Budget rectifié agoen, wat den Ordinaire an den Extraordinaire ugeet. Am Budget rectifié 2015 hate mer ordinaire Einname vun 72.019.147,13 Euro an Ausgabe vu 66.980.366,59 Euro, dat ass e Boni am Ordinaire vu 5.038.780,54 Euro an am Extraordinaire hate mer Einname vun 19.450,333,81 Euro an Ausgabe vun 30.538.108,86 Euro, dat ass e Mali vun 11.087.775,05 Euro. Mam Boni vum Kont 2014 heescht dat e Boni am Ordinaire vun 13.718.663,07 Euro a wann een de Mali dann hëlt vun deenen 11 Milliounen, dann hu mer e Boni définitif am Rectifié vun 2,6 Milliounen Euro. Ze verzeechnen ass hei, wat den Ordinaire ugeet, den Initial par rapport zum Rectifié, datt mer am ordinäre Beräich gutt 933.000,00 Euro Einname méi hunn.
Wann een elo e bëssen an d'Analys ageet vun deenen Zuelen, da gesäit een, datt eng ganz Rei Variatiounen do sinn. Engersäits seet d'Circulaire ganz kloer, datt wat den Impôt commercial ugeet, soll ee minus 0,6% par rapport vum Kont 2014 rechnen an do hu mer eng gréisser Variatioun wat de Rectifié 2015 ugeet, um Niveau vun der Gewerbesteier. Dir kënnt Iech drun erënneren, datt mer am Initial 2015 eng gewësse Prudence walte gelooss hunn andeems mer fir d'Gewerbesteier eng hallef Millioun manner dra gesat hunn. Mat deene Virgaben vun der Circulaire ass et elo esou, dass den Initial 2015 par rapport zum Rectifié 2015 gutt 637.000,00 Euro Einname manner huet.
Wa mer natierlech déi Circulaire eent zu eent ëmsetzen an net déi Prudence walte gelooss hätten, dann hätte mer 1,1 Millioun Euro manner am Gewerbesteierberäich. Dat ass fir eng Stad wéi Diddeleng net négligeabel.

Wa mer op där anerer Säit kucken, de Fonds communal de dotations financières, do hu mer am Initial par rapport zum Rectifié gutt 700.000,00 Euro manner, dat heescht wann een den Initial mam Rectifié vergläicht, dann hu mer sécherlech 1,3 Milliounen Euro Recettë manner am Rectifié 2015 par rapport zum Initial 2015.
Wa mer elo nach d'Circulaire eent zu eent ëmgesat hätten, da wären et 1,8 Milliounen Euro Recettë manner, déi mer am Rectifié hunn. Dat sinn natierlech vill Suen, wat den Handlungsspillraum vun der Stad Diddeleng ugeet, wëssend, datt hei zu Diddeleng wéi och an deenen anere Gemenge gutt zwee Drëttel, gutt 70% vun den Einnamen, déi mer kréie, vun de staatlechen Dotatioune sinn.
Den Impôt foncier bleift stabel.
Mer hunn den Impôt commercial, deen ofhëlt mä dat ass eng generell Tendenz vu Joer zu Joer, et brauch ee just d'Konte vum Staatsbudget ze kucken, deen ass degressiv. Wat am Rectifié 2015 nach ass, ass engersäits de Restanten, dat sinn 1,3 Milliounen Euro, deen hëlt of par rapport zu 2014. Dat kann een am Budget nokucken, do hate mer 1,5 Milliounen, also gutt 200.000,00 Euro manner an dat ass eng Verbesserung vun der Andreiwung vun de Gemengegelder bei de Schëldner well mer eng ganz Rei Mahnungen an Démarchë beim Dierwiechter an Zesummenaarbecht mam Office social maache fir déi Suen anzedreiwen. D'Tendenz geet dohin, datt Neiverscholdungen ofhuelen.
Wann een déi Verschibunge kuckt, déi statt fonnt hunn um Niveau vun de Recettes ordinaires an den Dépenses ordinaires, wat d'Zomme selwer ugeet, do si mer am Equiliber.

Wat d'Recettes extraordinaires ugeet, do hu mer 9,9 Milliounen a bei den Dépenses extraordinaires 6,1 Milliounen Euro, also par rapport zum Initial si mer am Equiliber, mä et fannen eng Rei Verschibunge statt, engersäits duerch Reporten awer och zousätzlech Kreditter, déi mer gestëmmt hunn op der Dépensësäit an op der Recettësäit eng ganz Rei Subsiden, déi mer ageschriwwen hunn an de Rectifié mä awer och Participatiounen vum Staat, déi an d'Luucht ginn, haaptsächlech wat d'Maison-Relais ugeet mä awer och wat eis Initiative-socialen ugeet an och um Niveau vum Parking payant a vun den Avertissement-taxéen.
D'Dépenses ordinaires an d'Personalkäschten, do leie mer esou wéi och déi Joere virdrun, 58% mat dem Léierpersonal, ronn 51% reng um Niveau vun der Gemeng mat der Maison-Relais mat dran. Do beweege mer eis an engem ganz normale Kader, sou wéi och déi Joere virdun. Fir nach eng Kéier op déi verschidde Recettes ordinaires zeréck ze kommen, do tätege mer en Emprunt vun 2 Milliounen Euro, e report vun enger ganzer Rei vu Subsiden. Wat elo méi ass, dat sinn déi Taxes de participation au financement Collectif fir 700.000,00 Euro, dat sinn haaptsächlech de Projet "Am Duerf" a "Lenkeschléi", mä awer och eng ganz Rei Subsiden um Niveau vum Klimapakt, do hu mer 260.000,00 Euro ausbezuelt kritt vum Staat.




Anerersäits och d'Subsiden, déi mer manner kritt hu mä déi sech widder spigelen am Budget initial 2016, dat ass eis Maison sociale, 27, rue du Commerce, déi hu mer net am Rectifié mä dofir awer am Initial.
Da sinn do och nach d'Subside fir eng ganz Rei subventionéiert Wunnengen, Subsiden, déi mer net kréien, mä déi am 2016-Budget stinn. Do sinn och d'Aarbechte ronderëm d'Fassad vun der Kierch, déi Subside vun der Kultur- respektiv Kierchefabrik fanne mer och am Budget 2016 erëm.

D'Dépenses extraordinaires, dat si virun allem nieft de Rapporten eng Zomm vu 700.000,00 Euro fir zousätzlech Kreditter, déi mer am Gemengerot gestëmmt hunn, engersäits d'Extensioun vun der Schoul Gaffelt, déi véier Schoulklassen, an och déi finanziell Rallonge déi mer fir d'Maison sociale ginn hunn.
Dat deckt de Rectifié 2015, et kann ee soen, dass op den 31. Dezember 2015 d'Situatioun zefriddestellend ass. Mer hunn e Boni vun 2,6 Milliounen Euro, 8,6 Milliounen um Kont vun 2014, 9 Milliounen Euro am Fonds de réserve, 3 Milliounen am Fonds de péréquation, 456.000,00 Euro am Fonds de réserve spéciale vum Klimapakt, also eng Ausgangspositioun, déi gutt ass. Réserven, déi mer och am Rectifié net brauchen unzetaaschten, eng Capacité d'autofinancement vun 13,7 Milliounen Euro, eng Pro-Kapp-Schold vun 814,00 Euro, mir sinn also ënnert der 1.000,00 Euro-Grenz a wann een de Rapport kuckt vun den Annuitéite par rapport zu de Recettes ordinaires, dat ass 1,77. Alles wat ënner 10% ass, ass am grénge Beräich a mer befannen eis op där ganz lénker Extremitéit also och do an engem ganz positive Kader an d'Schold beleeft sech op 16.436.000,00 Euro .

Eng komfortabel Ausgangspositioun, bei där een natierlech och muss déi Dotations étatiques kucken, déi mer manner kritt hu par rapport zum Rectifié 2015. Sécherlech muss mer déi strukturell Evolutioun vum Budget am A behalen.
Esouvill zum Rectifié 2015 an ech proposéieren, elo op den Initial vun 2016 iwwerzegoen an dat um Slide ze verfollegen. Ech ginn op déi verschidden Eckdaten a Projeten an, déi mer 2016 wëlle realiséieren an déi eenzel Schäffe wäerten dann hire jeeweilege Ressorten no dorop agoen an Iech déi Akzenter virstellen, déi mer 2016 wëlle setzen.

De Budget initial fir d'Joer 2016 presentéiert sech esou: mir hunn am ordinäre Beräich Einnamen an Héicht vun 73.780.462,25 Euro an Ausgaben an Héicht vun 71.713.092,76 Euro, dat ass e Boni vun 2.067.369,49 Euro.
Dann hu mer ausseruerdentlech Einname vun 12.854.203,00 Euro an ausseruerdentlech Ausgabe vu 15.396.715,52 Euro an dat ass e Mali vun 2.542.512,52 Euro.
Wa mer de Boni vum Kont 2014, respektiv de Rectifié 2015 mat eriwwer huelen, déi 2.630.887,97 Euro, dann hu mer e Boni general am Ordinaire vu 4.698.257,51 Euro a wa mer do de Mali bäihuelen vum extraordinäre Beräich, dann hu mer en definitive Boni vun 2.155.744,99 Euro.

Dat heescht, mir hunn och do am Initial eng Capacité d'autofinancement vu 4,6 Milliounen Euro, mir hunn engersäits Recetten am Initial 2015 par rapport zum Initial 2016, wann een déi vergläicht, déi ginn 3% erop an d'Dépensen ëm 6%.
Wat kann een zum Budget 2016 soe par rapport zu de Prioritéiten? Et muss een am A behalen, wéi Diddeleng gewuess ass iwwer déi leschte Joeren.
Am Joer 2005 hat Diddeleng op den 31. Dezember 18 140 Awunner; 2010, also 5 Joer duerno 18 901 Awunner an op den 11. Dezember 2015 hu mer der 20 171. Dat sinn iwwer déi lescht 10 Joer e Plus vun 2 031 Awunner an et ass en Zouwuess vun 1 270 Awunner déi lescht 5 Joer. Dat ass eng ganz positiv Entwécklung fir eis Stad an de Wuesstem, deen nach virun der Dier steet. Mat deene Projeten, déi an der Maach sinn, steet eis Gemeng viru gréisser Erausfuerderungen, nieft deenen, déi mer elo hunn an och viru gréisser Investissementer a mat der Ausriichtung, déi mer dem Budget 2016 ginn, bereede mer eis kloer dorop vir well Diddeleng ass a soll weider attraktiv bleiwen.
Mir hu fir Diddelenger Verhältnisser am Budget initial 2016 en héijen Investitiounsvolume bäibehalen, 15,4 Milliounen Euro, dat ass fir dëse Schäfferot an dës Majoritéit ganz wichteg, well et och e Budget ass vun der Kontinuitéit, deen d'Zukunft vun Diddeleng kloer ofséchert. Et ass e Budget, deen Akzenter sëtzt am Sënn vun der Weidermoderniséierung vun Diddeleng an enger ganzer Rei vu Beräicher, Kannerbetreiung, Schoul- a Stroossebau, Infrastrukturen, Sportsinfrastrukturen an Urbanismus.

Mer tätegen Invester, déi nohalteg sinn a generatiounsiwwergräifend, mat engem Budget, deen och Diddeleng als véiert gréisst Stad hei am Land attraktiv hält, liewenswäert mécht an och de sougenannte local branding an de Virdergrond stellt. Diddeleng liewe wéi am Süden, dat wëlle mer konkret iwwer eis Investitiounspolitik ëmsetzen.



D'Ëmfeld, de makroekonomesche Kontext an deem mer eis befannen, ass natierlech dee vun de Staatsfinanzen an och vun deene Previsiounen, déi de Staat sech gëtt fir 2016, respektiv déi nächst Joeren, dovunner sinn natierlech och d'Gemengen ofhängeg.
E Wuesstem vun 3,2% fir 2015, respektiv 3,4% fir 2016, Prognosen, déi à la baisse revidéiert gi si par rapport zu deenen, déi Enn Abrëll virgi goufen, do waren se nach bei 3,7% fir 2015 a bei 3,6% fir 2016. Nieft der Croissance soll den Emploi 2,5% wuessen, de Chômage bei 6,8%, alles dat si wichteg Parameteren, déi och hei afléissen.

Och ze betruechte si landeswäit mä och an dësem Budget d'Inflatioun an d'Indextranche, déi den 2. Semester 2016 ausbezuelt gëtt. Och dat huet natierlech en Impakt wat d'Salairë vum Gemengepersonal ugeet.
Bei der Opstellung vum Initial 2016 beruffe mer eis natierlech och ëmmer op d'Circulaire budgétaire, déi dervun ausgeet, datt mer, wat d'Gewerbesteier ugeet, 4,7 % par rapport zum Kont 2014 sollen asetzen a 6,3% par rapport zum Kont 2014 wat de Kont Fonds Communal de dotations financières ugeet. Wat den Impôt foncier ugeet, am Initial bleift dat stabel, do si keng gréisser Variatiounen. Den Impôt commercial, do muss ee soen, datt mer am Initial 2016 wéi och schonn am Initial 2015 un Hand vun der Erfahrung an de Konten vun der Gewerbesteier, déi degressiv sinn, och hei eng gewësse Prudence walte gelooss hunn a mir hu fir d'Gewerbesteier erëm 500 000 euros manner dra gesat. Also och dëst Joer eng virsiichteg Approche, mir hu 16,8 Millioune statt 17,3 Millioune agesat, wéinst der Volatilitéit vun der Gewerbesteier, et ass am Fong eng Brems, déi mer agebaut hunn.

De Fonds communal de dotations financières, 18% setzt sech zesumme vun der Akommessteier, 10% TVA, 20% Autossteier an natierlech all Joer en adaptéierte Montant forfaitaire, deen agesat gëtt an dëst Joer bei 18,5 Milliounen Euro läit, déi de Staat sech gëtt, mat deene verschidde Critèren, déi en fonction vun der Populatioun, der Densitéit an de Surface-verten un d'Gemenge verdeelt ginn. Fir d'Stad Diddeleng sinn dat dëst Joer 33,4 Milliounen Euro, den Impôt commercial 16,8 an den Impôt foncier 780 000,00 dat sinn da ronn 70% vun den uerdentlechen Einnamen an eisem Budget. Dëst Joer mécht dee Montant, dee mer als Dotatioun kréien, als Fonds communal de dotations financières, 3% aus vum nationale Pot vum Fonds communal de dotations financières.

Compte tenu vun dësen uerdentlechen Einnamen ass et wéi gewinnt esou, datt mer hei zu Diddeleng eng virsiichteg, ausgeglache Finanzpolitik bedreiwen, wat mer och 2016 an déi Joeren duerno wéi och schonn déi lescht Joer kloer maachen. Mir wëlle gestalten an net nëmme verwalten.
Och dat ass eng Kontinuitéit, déi mer hei wëllen halen an dofir ass et wichteg, eng Ausgangspositioun ze hunn, déi eis en Handlungsspillraum erméiglecht, dee mer hunn an dee mer behale wëllen, och wann dat duerch d'strukturell Evolutioun vum Budget ofhëlt an och bei de staatlechen Dotatiounen, Diddeleng als CDA-Gemeng hirem regionale Charakter net ëmmer genuch Rechnung gedroe gëtt. Engersäits kann een op ville Plazen dat net begréissen, sécherlech och driwwer lamentéieren, et schuet fannen, dat ass och de Fall.
Op der anerer Säit setze mer awer kloer Akzenter mat dem Budget dee mer hunn an dat maache mer och dëst Joer ganz kloer an ech wäert herno op déi verschidde Punkten agoen.

Um Niveau vun den uerdentlechen Einnamen, déi mer hunn, dat ass engersäits d'Participatioun vum Staat um Niveau vun de Maison-relaisen, dat sinn 3,5 Milliounen Euro. Mir hunn awer och virgesinn, den Tarif d'utilisation du réseau ze erhéijen, dat ass jo eng Gebühr, déi eng uerdentlech Einnam awer och eng uerdentlech Ausgab ass, wou d'Gemeng Diddeleng als Propriétaire vum Gas-Réseau déi Gebühr vu CREOS verrechent kritt a wou mer als Stad Diddeleng dat u SUDGAZ, respektiv un ENOVOS weider fakturéieren, dat ass natierlech eng Nulloperatioun. Mir kréien op der enger Säit 700.000,00 Euro verrechent a mir verrechnen dat natierlech weider.

D'Gebühre fir Waasser an Ofwaasser wäerte mer erhéijen ab dem 1. Juli 2016, also nom Décompte wou mer vun 2,05 op 2,50 % wat d'Waasser ubelaangt a vun 1,80 op 2 fir d'Ofwaasser iwwerginn, fir och do d'Couverture vun de Coût-réellen ze decken an och den ordinäre Beräich an den extraordinäre Beräich auszebalancéieren, well mer resolut déi leschte Joeren vill Invester getätegt hunn an Domainen, déi net visibel sinn an dat ass ganz kloer beim Waasser- a beim Ofwaassersystem. Dat sinn Aarbechten, déi noutwenneg sinn, mä déi ee mam blousen An net gesäit mä am Alldag fir de Bierger wichteg sinn.

E puer Einnamen, déi mer méi kréien, e Changement am Initial par rapport zum leschte Joer, dat ass duerch déi ganz Logementer, déi mer kaf hunn, subventionéiert Logementer, déi mer dem Office social zur Verfügung stellen.



Do kréie mer en contrepartie natierlech Loyer vum Office social zeréck, deen den Office de Locatairë verrechent.
Mer kréien och uerdentlech Einname méi vum Lycée Nic Biever, engersäits duerch d'Verloune vun der Schwemm a vum Hartmann, dat si ronn 600.000,00 Euro, déi mer ageschriwwen hunn, an dann natierlech och duerch d'Piscine, d'Entrée an d'Piscine, a vun de Coursen. Mir kréien och Einnamen duerch d'Betebuerger Gemeng well déi bei eis kënnt an eis Schwemm fir d'Schoulkanner zur Verfügung gestallt kritt.

Uerdentlech Ausgaben, wat do wichteg ass, a wou mer konsequent e Montant dran hunn, dat ass bei den Allocations de vie chère. Déi setze mer op 625.000,00 Euro fest.

D'Gemeng Diddeleng ass deen zweetgréissten Arbeitgeber hei an der Stad Diddeleng, reng fir d'Gemengepersonal, do hu mer 500 Leit. Wa mer d'Léierpersonal derbäi rechnen, da si mer bei 700 Leit. Den éischten Arbeitgeber ass d'Husky mat iwwer 800 Leit.

Déi Part mat den Enseignante mécht 58% aus am Initial 2016, wa mer d'Enseignanten ewech rechnen, da si mer bei 51% a wat 2016 ganz kloer spillt, am Kader vun de Virgabe vun der Circulaire dat ass engersäits d'Indextranche, déi 2015 net fälleg war an am 2. Trimester 2016 spillt, dat sinn 2,5%. Natierlech och den Automatisme vun de Paien, d'Revisioun vun de Carrièren an déi zousätzlech Posten, déi mer 2016 schafen oder geschaf hunn. Also personalintensiv, qualitativ wéi och quantitativ mä dat bréngt och mat sech, datt mer Personal hunn dat gutt Déngschtleeschtungen am Service public ubitt. Dofir hu mer och de Choix fir de Service public héich ze halen an an Eegeregie ze féieren a keen Outsourcing wëllen. Dat sinn Ufuerderungen un eng Stad, déi kontrolléiert gemässegt weider wiisst an och Erausfuerderungen, déi mer an deem Sënn ganz kloer wëllen ophuelen.

D'Salairë vum Schoulpersonal 5,5 Millioune Euro, dat ass eng Variatioun vun 2,8% par rapport zum Joer virdrun. D'Virgaben, déi mer um Niveau vun den Dépense kréien, dat sinn 211.000,00 Euro, den Impôt de solidarité, eise Bäitrag zum Fonds de l'Emploi, 2% vun der Gewerbesteier, dat waren 350.000,00 Euro.

Wat mer awer och an den Initial gesat hunn, ass de Projet vun der Ausstellung am Kader vun der Mémoire collective iwwer eis Geschäftswelt an der Virkrichszäit, dat sinn 28.000,00 Euro, mat Texter a Fotoen an Audio. Mir organiséieren eng Konferenz an de Budget extraordinaire vun 80.000,00 Euro ass hei gestëmmt ginn. Et ass eng wichteg historesch a wëssenschaftlech Aarbecht, där mer wëlle Rechnung droen.
Fir am wëssenschaftleche Beräich ze bleiwen, hu mer am Budget 2016 e Poste stoe fir d'Uni, déi an de Süde komm ass. Mir hu Kontakter opgeholl am Kader vun der Recherche an der Fuerschung, engersäits fir zwee Projeten 2016 weider ze dreiwen, engersäits den nationale Bildungsbericht, deen am Fréijoer 2015 erauskomm ass, e lokale Bildungsbericht ze maachen, respektiv deen anere Volet, wou mer och Kontakter hate mat der Unitéit vum Aménagement du territoire, wou eng Visite op Diddeleng gemaach gouf fir d'urbanistesch Entwécklung vun Diddeleng ze kucken an der Internationaliséierung vun Diddeleng ronderëm der Zone de technologies de la Santé Rechnung ze droen. Et geet drëm, mat der Uni am Kader vu Master-Aarbechten am Domaine vun dem Aménagement du territoire déi global Entwécklung vun Diddeleng ze beobachten a weider ze verfollegen an engem wëssenschaftleche Kader.

Et hänkt nëmmen un eis, op déi Recherche, déi mer elo hei am Süden hunn, zeréck ze gräifen, dat ass eng eemoleg Occasioun an dat fänke mer 2016 un.

Ech wollt nach eng Kéier op d'Personal zeréck komme well ee wéineg Geleeënheet huet, fir eng Rei Saachen hei an de Virdergrond ze setzen, vun der sozialer Responsabilitéit, déi d'Gemeng Diddeleng hëlt um Niveau vun der Personalpolitik an och als Déngschtleeschter an Akteure vun engem Service public vis à vis vu Leit, di hei schaffen a vis à vis vu Jonken. Just nach eng Kéier fir kloer ze soen, datt de Moment hei an der Gemeng an der Verwaltung an och an de Regiebetriber, 44,83% Frae schaffen a 55,17 % Männer an datt mer natierlecher och an eiser sozialer Responsabilitéit par rapport zu Leit mat engem Handicap oder déi intern reklasséiert musse sinn, 22 Leit hunn, dat si 4,5%. D'Gesetzgebung ass 5%, mir leien also do ganz gutt. 7 Leit, déi am Statut vum Accidenté de la vie, respektiven Handicap hunn a 15 Leit, déi intern reklasséiert sinn.

Wann ech virdru gesot hunn, efficace Gemengepersonal an eng gutt Verwaltung, dat huet och domat ze dinn, datt mer eis Leit resolut an d'Formation continue schécken. Bis dato hu mer 3146 Stonne Formation



continue ofgehale fir eis Gemengepersonal. 2014 waren dat 2800 Stonnen, also e gudde Krack méi elo an dat ass wichteg fir eng modern ëffentlech, efficace an effizient Gemengeverwaltung ze sinn an ze bleiwen. Mir hunn e Plan de formation mam INAP gemaach an déi Rechnung ass op gaangen a mir sinn als Gemeng Virreider well och elo aner Südgemenge mat zéien a sech um Plan de Formation, dee mer hei ëmgesat hu mat dem INAP an der ADEM, wëllen uleenen.

Nei Leit, déi mer astellen, eis Personalpolitik, eis Politique d'encadrement, och dat gëtt héich gehalen. Alleguerten déi nei Mataarbechter, déi agestallt ginn, sief et Fonctionnairen, Employé-communalen oder Salariéen, gi begleet als nei Force hei am Haus, och dat ass e wichtegen Aspekt, deen ausgebaut ginn ass an deene leschte Joeren an awer och eis sozial Responsabilitéit walte loossen um Niveau vun deene Jonken, fir hinnen Zukunftschancen ze bidden a fir se op eng besser Zukunft ze preparéieren.

Eis Zesummenaarbecht mam Lycée Nic Biever wéi och mat der ADEM, der Chambre des Métiers, der Chambre de Commerce, der Chambre des Salariés, wou mer engersäits Jonker hei ophuelen am Kader vu engem Apprentissage, Jonker, déi am Kader vun der Garantie Jeunesse e Contrat d'Appui Emploi (CAE) kréien, fir hinnen e qualitativ gutt Encadrement ze bidden, fir se ze orientéieren, ze encadréieren se fit maache fir den Aarbechtsmaart, dat ass eng sozial Responsabilitéit, déi mer als Gemeng gär unhuelen an duerch zéien.
D'Stad Lëtzebuerg seet, datt se 38 Leit am Kader vun engem Apprentissage huet. Mär als Stad Diddeleng hunn der 18, déi bei eis en Apprentissage maachen, dat sinn der proportional gesi vill fir déi véiert gréisst Stad. Si maachen hiren Apprentissage a ville Beräicher, am CAE hu mer 2015 mat der ADEM e Projet-pilote lancéiert, wou och aner Gemengen, 13 Stéck nozéien, a wou mer 2016 15 Jonker tëschent 16 a 25 Joer hunn. Dat bréngt mat sech, dass dat vill Aarbecht ass, vill Zäit an Usproch hëlt, deen néidegen Encadrement a Suivi ze assuréieren. Och dat gehéiert zu eiser Personalpolitik.
Bei den ausseruerdentlechen Einnamen hu mer en Emprunt ageschriwwe vu 4 Milliounen Euro, fir de Finanzement vum Centre sportif René Hartmann ofzedecken, sou wéi mer dat hei am Gemengerot gesot hunn. Dat ass keen neie Moment. Den totalen Emprunt beleeft sech op 13 Milliounen Euro an de Projet vum Centre sportif kascht 27,5 Milliounen a soll déi nächst 30-40 Joer do stoe bleiwen. Wa mer deen Emprunt am Hierscht 2016 zéien, dann hätte mer den 31.12.2015 eng Pro-Kapp-Verscholdung vun 933 Euro, also nach ëmmer ënner 1.000,00 Euro. An anere Gemengen ass déi Verscholdung vill méi héich

2016 hu mer virgesinn, datt mer d'Reserven net untaaschte wëllen, déi mer hunn, déi knapps 12,5 Milliounen, a mir hätten dann, wa mer deen Emprunt maachen, eng global Schold Enn 2016 vun 19,1 Millioun Euro bei Annuitéite vun 1,3 Milliounen Euro, also och do, de Rapport Annuitéiten-Recettes ordinaires läit bei 1,8, si mer nach ëmmer ënner deenen 10%. Dat ass eng exzellent Situatioun an dat ass och wichteg well mir wëlle jo d'Belaaschtung fir déi zukënfteg Generatiounen a Grenzen halen an Zeeche setze vun enger verantwortungsbewosster Finanzpolitik.
De Subsid vum Ministère des Sports, dee mer am Hartmann aschreiwen, dat sinn 3,3 Milliounen Euro. Dann natierlech eng Rei Subsiden, wat d'Maisonrelais ugeet, eng hallef Millioun, dann awer och fir d'Logementer 1,1 Milliounen Euro, respektiv déi Projeten an der Rue de Champs, d'Chambre-meubléeën, do hu mer 0,8 Milliounen Euro stoen.
De Klimapakt, dat sinn 260.000,00 Euro, de Fonds de réserve an d'Dotatioun, dat ass esouwuel eng Recette wéi och eng Dépense. De Subsid vun der Deicher Schoul, d'Maison-relais fält och op 2016, dat sinn 0,5 Milliounen Euro.

Pacte de logement, do kréie mer dëst Joer näischt méi. Op den 11. Dezember 2015 hu mer 20 172 Awunner. Dat hätte mer kritt wa mer 1% gewuess wären, dat wier e Plus vun 200,00 Euro. Op den 31.12.2014 hate mer 19 995 Awunner, also fir déi plus 200,00 Euro hätte mer der missen 20 195 hunn an dofir fält dat dëst Joer ewech.

Dann nach wat ausseruerdentlech Einnamen ugeet, de Ministère de la Culture 404.268,00 Euro an d'Kierchefabrik mat 281.009,00 Euro, déi 50% fir d'Kierch frësch ze maachen, respektiv d'Fassad vun dësem Lieu de culte a wichtege Patrimoine architectural am Stadkär, deen zu eisem Patrimoine gehéiert. Déi éischt Phas ass fäerdeg a fir déi nächste Phasen, déi mer festgehal hunn am Kader vun de Renovatiounsaarbechte wëlle mer am Fréijoer 2016 mat der Kierchefabrik gemeinsam kucken, wéi d'Proprietéitsverhältnisser si vun der Kierch an de Kapellen, a wéi eng Phas als zweet an Ugrëff geholl soll ginn. Dofir hu mer am Budget 2016 am Extraordinaire elo mol näischt budgetiséiert en attendant, dass mer



d'Diskussioune mat der Kierchefabrik ophuelen an op e gemeinsamen Nenner kommen.
Ausseruerdentlech Ausgaben: Mir tätegen en Invest vu 15,4 Milliounen Euro, dovu sinn 9 Milliounen Euro, also 60%, fir nei Projeten. Dat ass en héijen Invest. An de Joeren 2015, 2014 an 2013 hate mer d'Invester vum Hartmann, vun der Maison-relais Strutzbierg, vun de Studentewunnengen, do hate mer Ausgaben, déi vill méi héich waren, an der Moyenne 24 Milliounen Euro.
Wann een awer do virdru kuckt, 2009, 2010, 2011, do hate mer en normale Budget wat déi ausseruerdentlech Ausgaben ugeet, do leie mer an der Moyenne bei 9,5 Milliounen Euro, hei mat 15 Milliounen Euro hu mer sécher e manner groussen Invest wéi déi lescht 3 Joer mä méi e groussen Invest wéi déi Joeren 2010 bis 2012. Also e kloeren Akzent, dee mer hei fir 2016 setzen, wou mer och weider an d'Stroossebauinfrastrukturen investéieren, an der Rue du Nord, Rue Large an an der Rue des Prés.

D'Gemengenateliere kréien en neie Salzsilo fir 140.000,00 Euro, d'Erneierung vum Fuerpark fir 480.000,00 Euro, dovun 100.000,00 Euro en neie Steiger.

Am subventionéierte Wunnengsbau huele mer ganz kloer Responsabilitéiten an der Kontinuitéit vum leschte Joer. Am Projet "Am Duerf" kafe mer zwee subventionéiert Appartementer fir 800.000,00 Euro.
D'Renovatioun vum fréiere Police-Gebai schléit mat 600.000,00 Euro zu Buch, dat ass e klasséiert Gebai, wou mer eng Visite gemaach hu mat Sites et monuments a mat der ITM. Mir maachen déi Renovatioun, well mer all Joer eng Remise en conformité musse maache well do Gemengeservicer dra sinn an dat Gebai sécherheetstechnesch net méi konform ass.
Parallel kucke mer scho méi wäit a probéieren als Gemeng aus deene Gebailechkeeten eraus ze komme wou mer Locataire sinn, fir a Gebaier eran ze plënnere, wou mer Propriétaire sinn.
Wat d'Police-Gebai ugeet, versiche mer, e Subsid vu Sites et monuments ze kréien.

Urbanismus: PAG, do hu mer 120.000,00 Euro virgesinn, dat féiere mer an därselwechter Approche an Dynamik wéi 2015 weider, wou mer jo de Prozess vun der Biergerbedeelegung agefouert hunn, wat eng ganz gutt Resonanz huet. D'Bierger hunn an deene verschiddenen Atelieren deelgeholl a gewisen, datt d'Bevëlkerung eng ganz Rei Expertise an Knowhow huet, déi ee kann als Added value gesinn. Enn Februar 2016 kënnt dat zum Ofschloss an da gi mer an déi offiziell Prozedur eran, wou och d'Bierger nach no hirem Avis gefrot ginn. D'Étude préparatoire gëtt da lancéiert a mir hunn Zäit bis August 2018 fir de PAG stëmmen ze loossen an ze kucken, wéi d'Visiounen vun der zukënfteger Entwécklung fir 2030 wäerte sinn.
De PAP fir d'Zone d'activité Helper gouf mat 140.000,00 Euro budgetiséiert. Do hu mer wëlles, och 2016 d'Propriétairë vun deene verschiddenen Terrainen zesummen ze ruffen, fir hinnen d'Ausriichtunge vum PAP ze erklären, datt do soll eng Zone mat Wunnengen an Handwierksbetriber soll hi kommen. Wann een dat wëllt ëmsetzen, muss en e Remembrement maachen an den Aval vun all deene Propriétairë kréien, déi do sinn. Dat wëlle mer aktiv ugoen an hinnen dee Szenario erklären.

Am Stadkär gëtt dee Projet vum Shared space mat Impakt op d'Mobilitéit, dee mer 2004 lancéiert haten, dëst Joer konkret. 2016 wäerte mer déi éischt vun 3 Phasen ëmsetzen. Déi éischt Phas geet am Februar un an dauert bis Enn 2016, wou och de Projet "Am Duerf" wäert färdeg sinn. Dëse Projet bedeit eng ganz kloer Identitéit am Stadkär. Déi éischt Phas zitt sech vun der éischter Entrée vum Projet "Am Duerf" vis à vis vun der Parfümerie bis erop bei de Bäcker "Thein", de Café Pin-Up, fir sech dat bildlech virzestellen. Et gëtt e kohärenten Ensemble, eng Identitéit gëtt deem Ganze verléint, engersäits de Projet "Am Duerf" mat senger Place publique, de Shared space, d'Aménagement ronderëm d'Kierch, also ganz kloer eng wichteg Identitéit am Stadkär. Déi 3 Projeten zesumme droen zu der Attraktivitéit vum Stadkär bäi a stäerken d'Geschäftswelt vun Diddeleng.

Et ass wichteg, am Kader vun deem Chantier déi néideg Promotioun ze maachen, fir matzedeelen, datt d'Geschäfter op bleiwen an datt mer d'Leit opkläeren, datt am Kader vum Shared space eng aner Utilisatioun vum Espace public wäert sinn an datt ee sech anescht duerch de Stadkär wäert bewegen an datt d'Mobilité douce an d'Convivialitéit en anere Stellewäert wäerte kréien.

Dës éischt Phas kascht eis 1,7 Milliounen Euro a fir esou e wichtege Projet kritt e keng staatlech Subsiden. Ufank Januar 2016 hu mir e Rendezvous mam Ministère de l' Économie fir ze kucken, ob mer europäesch Gelder fir dëse Shared space Projet kënnen ufroen.



Wat mer am Kader vun dësem Projet och budgetiséiert hunn, ass den Équipement ludique fir d'Kanner op der Plaz selwer am Duerf well jo ronderëm d'Haiser eng Plaz entsteet mat Terrassen a Bänken. Et soll eng aluedend Plaz mat engem gewësse Flair ginn.

An der Kontinuitéit vun dëse Projete hu mer och dëst Joer e Kredit vu 75.000,00 Euro budgetiséiert fir d'Promotioun vum Centre commercial. Duerch déi urbanistesch Approche hu mer en Zeeche gesat, datt mer d'Stäerkung vun der Geschäftswelt am Bléck hunn a mir hunn dofir d'Ënnerstëtzung vun der CLC, vum Geschäftsverband a vum Ministère de l'Économie, déi eis begleede wäerten. Mir wëllen de Moment net verpassen, eis 2016 ganz kloer ze positionéieren, et ass e kruziale Moment fir Diddeleng par rapport vun der Vermaarktung an der Offer hei zu Diddeleng a mir musse gemeinsam un engem Strang zéien. Mir ginn eis dofir déi néideg Strategie fir Enn 2016 net ze verpassen, alleguerten d'Atoute vun Diddeleng ervir ze sträichen. Mir schaffen un deem Strategy paper fir och aner Commercen a liberal Beruffer op Diddeleng ze kréien.
Luxmetering gouf mat 200.000,00 Euro budgetiséiert fir intelligent Compteure fir Waasser. Gas a Stroum ass jo schonns obligatoresch bis 2020 an 2016 wäerte mer do déi éischt Akzenter setzen. CREOS, Diddeleng, Sudgaz, Dikrech an Ettelbréck sinn do mat dran.

Wat d'Schoulgebaier ubelaangt, Quartiersschoule mat historescher Valeur, Renovatiounsaarbechten, dat alles schléit mat 731.000,00 Euro zu Buch fir déi 1 900 Schoulkanner, déi am Enseignement fondamental sinn.
Am Gebai Gaffelt maache mer am ale Gebai d'Toilettë frësch.
Am Gebai Balzéng gëtt e Botzlokal ageriicht an d'Chaudière remplacéiert,
Am Gebai Butschebuerg gëtt am Gymnase eng Isolatioun vun der Dall vum Buedem gemaach.
Am Gebai Brill ginn am ganze Gebai d'Fënsteren nei gemaach fir 240.000,00 Euro, wou mer kee Subsid vu Sites et monuments kréien. Um Rez-de-chaussée gëtt all Sall mat akustesche Plafonge gemeet. Am Sous-sol gëtt, well den CAD-Power jo elo fortgeet, eng Bibliothéik, Art à l'école an eng Salle multifonctions et multimédia ageriicht.
Am Gebai Deich ginn d'Sanitairë frësch gemaach a mir maachen och eng Étude fir de Gymnase, deen zimlech vétuste ass.

Am Gebai Strutzbierg A gëtt um Rez-de-chaussée d'Isolatioun vun der Dall gemaach an am Gebai B eng Mise en conformité vum Sous-sol fir datt een och do ka weider Dépôten ariichten. A mir hunn eis 100.000,00 Euro gi fir d'Renovatioun vum Strutzbierg C ze maachen, d'Schwemm gëtt parallel mat Lenkeschléi gekuckt.
Déi Prioritéiten, déi mer 2016 ëmsetzen, sinn erstallt ginn am Kader vu Begehungen a Visite vum Schäfferot mat de Service-techniquen an de Presidente vun de Comité-d'écolen, wou e Relevé gemaach gouf vun alleguerten de Saachen, déi mussen an deenen nächste Joer no Prioritéite verbessert ginn. Dat gëtt iwwer de Pluriannuel ëmgesat an dat ass eng concertéiert Approche.
Fir d'Gebai Lenkeschléi hu mer e Kredit agesat vun 100.000,00 Euro fir um Niveau vun der Étude virunzekommen.
Fir d'Crèche Petit hu mer 600.000,00 Euro virgesinn, wou mer konkret, wat d'Ausriichtung vun der Crèche ugeet, weider komm sinn a wou mer kierzlech eng Entrevue am Éducatiounsministère haten, wou mer eise Projet virgestallt hunn, wou viraussiichtlech fir 68 Kanner Plaz gemaach ka ginn. Dëse Projet soll an deenen nächste Joren ëmgesat ginn.

Den Espace public, den Aménagement vum Park vum Lycée ronderëm de Centre sportif René Hartmann, dat wëlle mer nei gestalten an dee Potential notzen, fir datt d'Schüler an d'Bierger deen anescht kënnen notzen, dat Ganzt am Kader vun der Mobilité active.
Am Quartier Italien, an der Rue des Minières maache mer ronderëm deen Terrain, dee mer beim Portal hunn, mat engem Kredit vun 200.000,00 Euro en Équipement public, wou mer Büroe wäerte setze fir de Projet Ensemble, awer och e Versammlungsraum fir den Interesseveräi vum Quartier Italien mä och eng Salle multifonctionnelle esouwuel notzbar fir d'Maison-relais wéi och de Fondamental, mat der Iddi, datt do Airtramp ka statt fannen, an awer och e Sall, deen de Lycée ka benotze fir pädagogesch an éducatif Aktivitéiten.
Zu deene méi klenge Projeten, déi awer och wichteg sinn, gehéiert d'Galerie Nei Liicht, do musse mer den Dach frësch maachen, do sinn Infiltratiounen an d'Portierswunneng ass morsch an do musse mer 115.000,00 Euro investéieren.
Den Ticketingsystem um Rez-de-chaussée fir eis Gemengeservicer fir d'Bierger kascht 70.000,00 Euro.
A schliisslech nach de Konzept vum Stadmusée, wou mer mat enger Berodungsfirma zesumme schaffen, fir dee méi interaktiv a pädagogesch unzegoen.



Domat ginn ech d'Wuert weider u meng Kollege vum Schäfferot fir datt si Iech Detailer zu deenen eenzele Punkten aus hire jeeweilege Ressorte kënne ginn.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Ech fänke wéi traditionell mat deene sensibelste Punkten un, nämlech dat, wat dat Soziaalt, respektiv den Ëmwelt- an Naturschutz beinhalt.
Dir wësst, datt Solidaritéit hei zu Diddeleng keen eidelt Wuert ass. Mir hunn ëmmer eis Verantwortung am soziale Beräich iwwerholl.
Wat den Office social ubelaangt, wäerte mer mam President Conny Theobald herno nach am Detail doriwwer schwätzen, sou das ech mech relativ kuerz ka faassen am deem Beräich.
Haut konnt een am Luxemburger Wort liesen: "Arm im reichen Land. Immer mehr Luxemburger sind dem Armutsrisiko ausgesetzt. ...Der schöne Schein trügt... " .

An deem Artikel steet och, datt den Aarmutsrisiko mat 16,4% zimlech héich ass an dat ass emol op den éischte Bléck net ze erkennen, mä et ass omnipresent an et ass och eng Tatsaach, datt ëmmer méi Leit ënner der Aarmutsgrenz leien. Praktesch all 5. lëtzebuergesche Bierger ass betraff, a virun allem auslännesch Bierger a Bierger mat engem nidderege Bildungsniveau. All 2. Allengerzéiende fält dorënner an déi gréisst Leidtragend si wéi ëmmer d'Kanner. Aarmut zu Lëtzebuerg, dat ass alles eng Saach vun der Definitioun.
Den Aarmutsrisiko ass an deene leschte Joer, besonnesch zënter der Kris vun 2008 konstant gewuess a läit elo bei 16,4%. Besonnesch zënter 2011 ass e rasanten Trend no uewen ze verzeechnen, dat heescht ëmmer méi Leit lafe Gefor, an d'Aarmut ofzerutschen. Waren et 2011 nach 13,6% vun der Bevëlkerung, si mer haut bei 16,4%. Wat Aarmut ass mengt jiddereen ze wëssen. De Begrëff léisst sech just subjektiv definéieren, all Mënsch versteet eppes anescht dorënner. Ouni déi staatlech Zouwennunge wéi d'Allocations familiales, de Kannerbonus, den RMG an d'Chômagegeld wären hei nach vill méi Leit betraff. Aarbechtslosegkeet, deier Loyeren, eng Scheedung, en Accident, eng Faillite, alles dat sinn Ursaachen, wou d'Leit da bei eis an den Office social kommen.

E puer Zuele vun 2015: Allocations compensatoire wéi d'Taxe communale, op de 7. Dezember 2015 hu mer schonns 576 Demanden era kritt, dat mécht e Montant vu 486.291,00 Euro.

Nei ass dëst Joer eis Prime post-scolaire, fir déi mer 212 Demanden erakritt hunn.
Vun eisem Cent-Buttek profitéiere 655 Leit, dat ass eng Moyenne vu 60 Leit pro Mount.
De Kleederschaf vu Fréiseng benotzen 52 Persounen, dat ass eng Moyenne vu 6 Leit pro Mount.
Fir den Telealarm hu mer 233 Clienten.
Beim Repas sur roues si mer op 88 Clienten.

Ab Mäerz 2016 wäerte mer endlech eise Mataarbechter nach méi flott an adäquat Gebaier zur Verfügung stellen, well da plënneren se an d'Maison sociale, wou se ënner anere Konditioune besser schaffen an d'Leit an anere Raimlechkeete betreie kënne. Den Office social gëtt herno nach vill méi am Detail hei um Ordre du jour presentéiert, ech wëll deem net virgräifen.
Den zweete Pilier wou mer soen, ass eise Service Emploi an eis Initiative sociale, dat sinn zwee Voleten. Diddeleng hat 1994 fir d'éischt esou e Projet lafen a mir sinn nach ëmmer déi eenzeg Gemeng, déi esou ee Projet finanzéiert. Et ass en Aarbechtsbeschafungsprogramm mam But, Leit aus der Aarbechtslosegkeet eraus ze féieren, se berufflech auszebilden a Kontakt mat der Aarbechtswelt ze kréien. D'Donnéeë vun 2015, do si Plus Minus 350 Leit an deem Service virstelleg ginn.
Dëst Joer si fir d'éischt d'Fraen an der Majoritéit (52%), soss war dat ëmmer 50%-50%.
Bei der Altersstruktur fält op, dat et ëmmer méi eeler Chômeure sinn, déi virstelleg ginn. D'Verhältnis bei deenen iwwer 50-Järege läit elo scho bei 10%. A Krisenzäite sinn dat oft déi Leit, déi als éischt hir Plaz verléieren a si sinn och ëmmer méi schwéier ënner Dach ze bréngen.

Um Niveau vun der Formatioun falen zwou Saachen op, éischtens emol eng konstant héich Zuel vu schlecht forméierten Demandeur-d'emploien, déi eis hei opfalen. Dat zweet ass, et ass ëmmer méi eng grouss Zuel Leit mat enger Première oder mat engem Bac Plus. Op den éischte Bléck gesäit dat gutt aus mä dat si Leit, déi hiren Diplom an hirem Hierkunftsland kritt hunn an da feelen hinne ganz wichteg Kompetenze fir hei um Aarbechtsmaart ënner ze kommen. D'Sprooch ass ee vun de gréissten Hindernisser beim Beschafe vun enger Aarbecht.

Et ass och esou, dass en Drëttel vun alleguerten deene Leit, déi bei eis kommen, schonns eng Aarbecht hunn, mä meeschtendeels an enger prekärer Situatioun dat heescht am Kader vun engem Interimskontrakt oder




mat engem CDD, an dofir kommen déi och bei eis, fir déi Onsécherheet an der Lag wou se si mat engem CDI eventuell ze verbesseren.
Beim Personal hu mer elo 2,5 Persoune bei eis schaffen a vun deenen ass 1 Persoun praktesch ganz fir d'Initiative sociale zoustänneg, déi ëmmer méi aarbechtsintensiv gëtt. Mat deem neie Kontrakt mam Ministère du Travail gëtt ëmmer méi vun deene Leit verlaangt.

Et ass esou, datt mer eist Personal wäerten erweideren an de leschte Samschdeg war jo d'Annonce an der Presse fir déi Persoun, déi mer wëllen astelle fir eise Service ze diversifizéieren. Dat maache mer ënner anerem och fir datt déi Persoun sech méi verstäerkt ëm déi intern Formatioun bekëmmert. Et ass esou, dass déi Fonctioun och ëmmer wéi wichteg gëtt, fir d'Leit besser auszebilde fir hinnen eng Change um Marché de l'emploi ze ginn. Deen neie Mataarbechter soll d'Fonctioun vun engem Coordinateur social iwwerhuelen, deen net nëmmen d'Aktivitéite vun externen Akteuren, zum Beispill am Jugendberäich, soll ënnert seng Fittichen huelen.
Dëst Joer hate mer erëm eng Kéier de Sommet économique mat de wichtegsten Entreprisen hei op eisem Territoire a mat der ADEM an dem Lycée Nic Biever. Dat geschitt am Rhythmus vun all 2 Joer an do kommen ëmmer ganz vill konkret Resultater derbäi eraus. Dat ass eng Dominanz vum Schäfferot mä de Gemengerot gëtt ëmmer gewuer wat dobäi eraus kënnt.
Wat de Service d'Emploi ugeet, sinn ech houfreg, datt mer déi eenzeg Gemeng sinn, déi sech esou eppes kaschte léisst a mir wäerten dat och an Zukunft weiderféieren.

Deen nächste Pilier ass eise CIGL, dee mer och scho laang hunn an eiser Gemeng. Et handelt sech ëm eng sozial Beschäftegungsinitiative an den Haaptbut dovun ass d'Aglidderung, respektiv d'Erëmaglidderung vun de Leit um Aarbechtsmaart an et ass och en Deel Solidarwirtschaft do, dat heescht, de But ass, de Besoin vun der Bevëlkerung ofzedecken.

De CIGL aktuell huet 19 Leit, dat heescht 14 mat engem CDD a 5 mat engem CDI an de leschte Mount konnte mer 2 Leit verabschiden, déi en CDI fonnt hunn. Dat war en Erfollegserliefnis. De CIGL wäert eis och dëst Joer mat 364.206,00 Euro zu Buch schloen an dat si Suen, déi gutt ugeluecht sinn.
De Coup de main mécht fir Leit vu 60+ all déi kleng Aarbechten. Wéi mer 2004 ugefangen hunn, hate mer 231 Clienten, haut 2015 leit déi Zuel bei 1315 Leit, an et gesäit een, datt d'Leit ëmmer méi op dee Service ugewise sinn.
Deen zweete Service, dee mer ubidden, ass de Recycler, do hu mer 2011 zugefange mat 314 Clienten an haut si mer bei 726. De Recycler ass dee Service, dee bei d'Leit heem geet an all déi Saachen asammelt, déi an de Recylingcenter solle gefouert ginn. Mir erlaben domat de Leit, net méi do am Stau ze stoen a mir spueren $CO_2$ derbäi.
Déi aner Aarbecht déi se nach maachen ass de Fauchage tardif an der Zone industrielle Riedgen a Wolser a si fleegen d'Buerg um Gehaansbierg, wann et duerch d'Vegetatioun néideg ass, ze botzen.

De CIGL ass och 2016 e feste Bestanddeel vun eisem Budget an och dat ass gutt investéiert Geld.
Deen nächste Pilier ass de Chancegläichheetsservice an d'Non-discrimination. Dir wësst, d'Chanceglaicheet ass en Haaptuleies vun der Diddelenger LSAP an déi bis elo gefouert Politik ass, dat konsequent esou weider ze féieren. Mat dem Schafe vun deem Service si mer nei Weeër gaang. Nieft der Berodung kréien d'Leit hei eng konkret Hëllef ugebuede fir eng Léisung fir hir Problemer ze fannen, zum Beispill wann se Zougang zum Aarbechtsmaart brauchen, d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff, respektiv den Ofbau vun der haislecher Gewalt. Et geet dorëms, d'Chancëgläichheet vu Fraen a Männer ze förderen. D'Fra soll dem Mann gläich gestallt sinn an d'selwecht behandelt ginn. Et geet also ëm d'Gläichstellung vun de Geschlechter.

Weider Aktivitéite sinn déi berodend Fonctioun par rapport zur Gemengepolitik, Ausschaffe vun engem jäerlechen Aktiounsprogramm op der Grondlag vun der europäescher Charte, Chancëgläichheet an der Verwaltung an an de Betriber, zum Beispill am Kader vun eisem Audit berufundfamilie a Chancëgläichheet fir Bierger a Biergerinnen a fir dat Thema méi no ze bréngen, gëtt eng Rei vun Informatiouns- a Sensibiliséierungsveranstaltungen organiséiert, wéi Ausstellungen, Konferenzen, Workshopen, Formatiounen an esou weider. Alles dat sinn Aktivitéiten am Kader vum Service à l'égalité des chances an och do hu mer 1,5 Mataarbechter, déi mer agesat hunn an och déi kënne sech net iwwer Langweil bekloen.

Deen zweete Service, wou ech zoustänneg sinn, ass eise Service Logement. De Logement social ass virun allem geduecht fir sozial schwaach Leit, déi vun der





Wunnengsproblematik betraff sinn. Et ass eis gelongen, an der Tattebiergerstrooss en Haus ze kafen, wou mer konnte Wunnraum fir 19 Leit schafen. Dat war am Budget mat enger Millioun dotéiert an dat ass gutt ugeluechte Geld.
Dat nächst Joer kafe mer Am Duerf 2 Appartementer fir 800.000,00 Euro, och déi Sue si gutt investéiert, sou datt mer wäerten Enn des Joers bal 35 Wunnengen als Gemeng zur Verfügung hunn, wou mer de Leit kënnen offréieren. Et ass och esou, datt den Office social nach e Mi-temps wäert astelle fir de Suivi vun deene Bewunner ze maachen. Déi kréie kee Bail à loyer mä eng Mise à disposition an et ass esou, datt do e Projet de vie derhannert stécht an déi Persoun, déi betreit exklusiv déi Leit fir datt se erëm kënnen op eegene Bee stoen. Dat gëtt zu 100% vun der Gemeng gedroen, sou datt mer am Beräich Logement social ganz gutt gestallt sinn a mir wäerten och an Zukunft vun de Leit, soufern se Interessi hunn, hir Wunnenge lounen an se dann un den Office social weiderginn.
Dat nächst wat mer 2010 an d'Liewe geruff hunn, ass de Groupe technique d'intervention, eng Surveillance vun de Logementer, eng Kommissioun, déi permanent duerch Diddeleng d'Cafészëmmere souwéi Zëmmeren an aneren Haiser kontrolléieren, wou Leit verlount kréien a wou oft ganz prekär a katastrofal Zoustänn herschen. Opgronn vun deene Visitë konnt munches geännert ginn. Mir maachen eis natierlech net ëmmer Frënn domat a mir kréie frech Bréiwer mä mir wäerte konsequent kucken, datt déi Leit, déi do wunnen, hir Liewenssituatioun verbessert kréien.

Mir hunn nach aner Artikelen an eisem Budget stoen, déi vläit net esou kloer sinn: Aide familiale, Ënnerstëtzung am Stot bei Krankheet, Subventioun beim Kaf vum Schoulmaterial, Plan d'action canicule, Repas sur roues, Telealarm, selbstverständlech de Weltbuttek, eise Label Faitrade-Gemeng, Entwécklungshëllef, Diddeleng hëlleft, an ech wëll och ervir sträichen, datt mir déi eenzeg Gemeng hei am Land sinn, déi hiren Déierenasyl ënnerstëtzt bei hirer Kastratiounskampagn fir d'Hënn an d'Kazen, och dat ass e ganz wichtege Volet. An dann zum Schluss Natur an Ëmwelt mat der Fleegestatioun an der Le'h, och déi gëtt vun eiser Gemeng finanziell, materiell a logistesch ënnerstëtzt. All dat ass fir mech ënner Solidaritéit ze verstoen an eis Gemeng brauch sech an deem Domaine keng Reprochen ze maachen. Mer maachen dat gären an och an Zukunft weider esou.
E weideren Dossier ass dee ganz sensibelen Dossier vun Ëmwelt an Naturschutz. Den Ëmweltschutz ass längst méi wéi nëmmen Natur- Landschaftsschutz, et ass eng partnerschaftlech Zesummenaarbecht vu Staat a Gemengen zesumme mat Wirtschaftsverbänn an de Bierger. Op lokalem Niveau sinn d'Gemenge gefuerdert, eng Virreiderroll ze spillen an d'Diddelenger Gemeng wäert dat och konsequent duerchzéien.
Als Klimaschutzgemeng mat deem gréissten Naturschutzgebitt Haard hu mer nohalteg mat eisen natierleche Ressourcen ëmzegoen, eis Aartevilfalt ze schützen an domat eng aktiv Ëmwelt- an Naturschutzpolitik ze bedreiwen. Diddeleng huet eng héich Liewensqualitéit an d'Gemeng muss sech hirer ökologescher Verantwortung stellen. Et gëllt also global ze denken a lokal ze handelen an den Ëmweltschutz fänkt bei jiderengem un.
D'Gréngt Haus ass a bleift d'Ulafstell vun eiser Politik an do gëtt een alles gewuer wat ee muss wëssen zum Thema Offallkonzept, spezielle Container Recyclingspark, Offalltrennung, Spuermoossnamen, Waasserspueren, Kompostéieren, Ëmweltchemikalien, Energie mat der néideger Dokumentatioun a Verléiene vun einschlägege Bicher. De Rapport vun 2015 vum Ëmweltberoder am Kader vum Klimapakt si mir mat 56,7% certifiéiert ginn an duerch eng Rei vu Beschlëss vum Schäfferot si mer elo am November 2015 op 63% geklommen, dat ass eng relativ héich Prozentzuel a mer hunn och fir déi Beméiungen 260.000, 00 Euro kritt, déi mer an e Fong setzen op dee mer kënnen zeréck gräifen. 2015 kënnt d'Erstelle vun Energiepäss fir eis Gemengegebaier, all Gebai huet elo en Energiepass. Weiderhin hu mer eng Étude iwwert d'Benotze vun der Wandkraft duerchgeféiert mä déi ass an der Schwief well den Ëmweltministère kuckt, wéi eng Chiffere fir eist Land valabel sinn.

Mir hunn eise Solarkadaster fäerdeg gestallt a wäerten dem Gemengerot an der Ëmweltkommissioun deen 2016 virstellen a kucke, wéi mer weider fueren.
An alle Gemengegebaier hu mer den Energieverbrauch gepréift fir Sanéierungsaarbechten unzegoen.
Mer hunn eng Fotovoltaikanlag op dem Sportszenter René Hartmann an um Dach vun der Diddelfamill installéiert.

Leider hate mer kee Succès mat der Ausschreiwung fir eise Klimaberoder. Mir hunn se dräimol ausgeschriwwe mä déi Plaz konnt net besat ginn.
Am Detail ass et fir d'Erfëllung vun de Klimapaktcritèrë wichteg, den Energieverbrauch an eise Gemengegebaier, vun eisem Fuerpark a fir d'Beliichtung vun eise Stroossen ze erfaassen. Dat maache mer esouwéisou



schonns zënter e puer Joer awer zënter 2014 ginn all déi Donnéeën zentral an enger Software erfaasst a mir maachen do en Update fir permanent ze wëssen, wou mer wat verbrauchen.
Mir hunn hei an der Gemeng 2 nei Zieler installéiert fir de Stroumverbrauch vun der ëffentlecher Beliichtung ze moossen a wann hei op der Gemengeplaz Veranstaltunge sinn, z.B. fir de Maart oder d'Fête de la musique, da kann dat separat erfaasst ginn.
Wat den Energiekonzept fir d'Gemengegebaier ugeet, do hu mer dëst Joer verschidden energetesch Sanéierungsmoossnamen ëmgesat.

Am Gebai Strutzbierg A a B hu mer all d'Fënsteren ersat, am Gebai Strutzbierg A den Heizungskollektor ersat an eng nei Isolatioun an eng ganz nei Heizungsregelung gemaach.
An der Waldschoul sinn all déi al hëlze Fënsteren duerch neier ersat ginn, ebenfalls d'Dall ass ganz nei isoléiert.
Am Pompjeesschapp ass d'Isolatioun vun der Dall an tëschent de Garagen an dem 1. Stack gemaach ginn.
Am Boulodrome ass déi ganz Isolatioun nei gemaach ginn.
An der Schoul Brill all Fënsteren- an Türdichtungen ersat an den Heizungskollektor mat enger néier Isolatioun ersat.
Am Gebai Ribeschpont hu mer d'Heizung nei gemaach an d'Isolatioun vu sämtlechen Heizungs- a Waarmwaasserinstallatiounen.
Am Service industriel, wou eis Gäertner sinn, hu mer eng ganz nei Heizung installéiert an all d'Réier sinn isoléiert ginn.

Eis Leit hunn och am Energieberäich Weiderbildung gemaach. Regelméisseg melle mer eis Mataarbechter fir Séminairen am Energieberäich un. Wat mer 2015 nei gemaach hunn, ass, dass mer eis Belegschaft an Ecodrive-Formatiounen op Colmarbierg geschéckt hunn an dat féiere mer 2016 weider.
Eis ganz ëffentlech a Stroossebeliichtung gëtt an enger Energie-Software opgeholl an 2015 hu mer LED-Luuchten an der Rue de la Fontaine an op der Kierchplaz installéiert, an engem Deel vun der Rue du Commerce, Rue des Marguerites, am Boujel, op Lenkeschléi an am Park Le'h an och am Kader vun der Neigestaltung vun der Rue du Nord, der Rue du Pré an der Rue Large, iwwerall sinn oder ginn LED-Luuchten installéiert, och an der Aloyse-Kayser-Strooss an elo hu mer nach wëlles d'Neigestaltung vum Park Nic Biver a vum Centre René Hartmann fir och do LED-Luuchten unzebréngen.

Energiesparen in der Schule ass e Projet, dee mer vill Freed mécht, dat leeft zënter 5 Joer an och dëst Joer hate mer voll Succès, alleng schonn am Joer 2015 konnten eis Schoulen 13.500,00 Euro Energiekäschte spueren, dat ass relativ vill. De Projet leeft dëst Joer aus an de Schäfferot huet décidéiert, datt deen och op Demande vun de Schoulen, ëm 5 Joer verlängert gëtt.
Energiespueren an de Stéit, dat ass natierlech e bësse méi problematesch. Am Kader vum STEP-Syndikat hu mer mat MyEnergy eng Berodungsplaz opgebaut, wou déi privat Stéit sech eemol wöchentlech gratis vun engem Beroder vu MyEnergy berode loosse kënne, mä dat gëtt leider net an Usproch geholl obwuel mer vill Reklamm maachen.

Mir hunn dorop reagéiert a Myenergy huet décidéiert, dass déi Berodung an Zukunft doheem bei de Leit stattfënnt. Bis elo hunn d'Leit missen an d'Gréngt Haus kommen a fir déi mëscht war dat net konkret ze erfaassen.

Mir haten och Aktiounswoche mat hinnen. Am November hate mer Tipps zum besseren Heizen, do hu 27 Stéit drun deelgeholl, dat war nawell e Succès.
Wat kee Succès huet, dat sinn eis Themenowender, am Mee koume guer keng Leit an dat schafe mer of. Do musse mer eis eng aner afale loosse fir d'Leit ze motivéieren.

Subventioune fir Energiealternativen hate mer der dëst Joer 13, do hu mer de Montant vun 18.500,00 Euro ausbezuelt.
D'Semaine de la mobilité hate mer och dëst Joer erëm.
Offallwirtschaft, do leie mer ganz gutt mat eisem Deckungsgrad. Mat deem neie Gesetz vum Abréll 2012 musse mer vill méi eng strikt Uwennung vum Verursaacherprinzip verlaangen, d.h. d'Käschte vun der Offallwirtschaft mussen duerch déi entspriechend Einname gedeckt sinn. 2015 hate mer e Wiederverwendungsgrad vun 53,8%, dat ass e Plus vun 1,8% par rapport zu 2014 an dat entsprécht och der EU-Directive, déi sech dat fir 2020 als Virgab ginn hunn.
Superdreckskëscht fir Betriber a fir all Diddelenger Schoulen. Déi lescht Maison-relaisen a Schoulgebaier goufen elo ausgezeechent sou datt hei zu Diddeleng nieft dem Service industriell an dem Centre culturel all Maison-relais an all Schoul mat deem Label ausgezechent gi sinn.
Schoulufank fuere mer weider mat eiser Offallvermeidung an do gi mer an d'Primärklassen an informéieren se iwwer Präventioun a si kréie gratis eng Drénkfläsch




an eng Broutbéchs vun der Gemeng spendéiert fir de Müll kënnen ze reduzéieren.
Eise Floumaart, dee mer schonns säit 11 Joer mam STEP maachen, hat och dëst Joer e grousse Succès mat iwwer 60 Stänn, wou jidderee seng Saachen, déi en net méi brauch, ka verkafen.
Fairt Frühstück war dëst Joer fir déi 10. Kéier an hat grousse Succès. Et war dëst Joer e bëssen anescht mat Torwandschéisse mat fair gehandelte Bäll a Musek.

Fairtrade-Gemeng fir eis Promotioun vu fair gehandelte Produiten, do hu mer 2015 och de Label kritt.

Nationalen Dag vum Bam, dat gëtt all Joer vun eise Gärtnereibetriber gemaach an dëst Joer hu mer mat deenen 3 lokale Scoutsgruppen an der Rue des Champs en neie Bongert ugeluegt an do hunn iwwer 120 Kanner matgemaach. Net vergiesse wëll ech eis Soroptimisten aus dem Minett, déi de Bam vum Joer gespent hunn. Och deen ass an der Rue des Champs ugeplanzt ginn.
Eis Bampatenschaften, do hu mer ëmmer en Ausfluch. All Diddelenger Bierger awer och Schoulen oder Veräiner kënne Pate ginn. Dat heescht, datt een de Bam viru senger Wunneng heegt a fleegt a méi Versteesdemech fir de Bam als Partner vum Liewe kritt. Den Ament hu mer 130 Paten.

De SICONA, do geet de Romy Rech méi spéit drop an, och do bleiwe mer bei eiser Politik andeems mer de SICONA ënnerstëtzen. Eis Schoulklasse ginn do op Bauerenhäff an duerch Naturklasse gefouert fir do interessant Informatiounen ze kréien.
Eisen Heckekadaster bleift d'Grondlag fir de SICONA 2016.

D'Ëmweltkommissioun huet sech fënnef mol getraff ënnert dësen Themen: Fair Trade, Klimapakt, Besichtegung vum STEP, CFL multimodal a Renaturéiere vun der Diddelenger Baach an am Kader vum Forstwirtschaftsplang si se mam Fierschter duerch de Bësch gefouert ginn.
Klimateam huet sech véier mol getraff, dat funktionéiert ganz gutt a mir iwwerlee fir dat ze erweideren, vläit mat Vertrieder vun de Betriber, oder d'Bierger andeems mer eventuell de Biergerforum mat derbäi huelen.
D'Routinnenaarbecht vum Service ass Froen a Berodung vun de Bierger am Kader vun Energie, Offall, Lärmschutzbeschwerden, a fir eis Belegschaft gi Klimatipps ausgeschafft an déi kréie se all Mount per E-Mail zougeschéckt. Se këmmere sech em d'Archivéieren an d'Verwaltung vun de Commodo-Incommodo-Prozeduren, schaffe mat an Aarbechtsgruppe wéi CFL multimodal, Plan-sectoriellen, Klimapakt, PRO-SUD, Infopoints, STEP, MyEnergy, Nei Schmelz an ebenfalls bekëmmere se sech ëm de Biergerforum.
2016 muss fir de Klimapakt gekuckt gi fir nei Ziler ze definéieren, eng Bestandsopnam ze maache mat eisem externe Klimaberoder a mer wäerte kucken, wéi mer déi 75% an Usproch huele kënnen.
Energieverbrauch an de Gemengegebaier, do gëtt de Solarkadaster der Bevëlkerung an dem Gemengerot an der Ëmweltkommissioun d'nächst Joer virgestallt.
Fotovoltaik, do muss ee soen, datt mer do hei zu Diddeleng all eis Diecher, déi mer als Gemeng hunn, ausgereizt hunn. Vun der Statik hier hu mer keng Diech méi iwwereg soudatt mer mussen op Privatdiecher zeréck gräifen.
Wat d'Wandenergie ugeet, musse mer waarden, wat de Ministère eis matdeelt, ob mer zeréck gehale ginn als Standuert oder net, dovun ass dee Projet ofhängeg.
LED-Stroossebeliichtung, dat gëtt konsequent weidergefouert.
Offall op de Fester, de Cup-System, deen hu mer provisoresch am Hartmann agefouert. Et geet natierlech dorëms, dee Cup-System dobaussen ze maachen op der Fête de la musique an op aner Veranstaltunge fir all déi Pappbecheren ze vermeiden, dofir gëtt dee Cup-System agefouert. Am Januar hu mer d'Veräiner invitéiert fir mat hinnen ze schwätzen, wéi mer do viru kommen. Et geet dorëms, dee System dobaussen ze maache fir den Offall ze reduzéieren a mir wäerten do och e Konsens fannen.

Mobilitéit, Ecodrive-Coursen am Centre de formation, déi gi weider gefouert.
Mer wäerten och 2016 e Kontrakt mat der Beroderfirma EKOS ofschléisse well mer jo keen externe Klimaberoder konnten engagéieren, well kee sech gemellt huet, an déi 60.000,00 Euro kënne mer huelen aus deem Fong, dee mer kréie vum Klimapakt. 2015 hu mer 260.000,00 Euro kritt. Do kënne mer also weider schaffen.

Offallwirtschaft, do hu mer dëst Joer eng Gebühr och op eise Sperrmüll gefrot gehat, d.h. 10,00 Euro fir 2 Kubikmeter zweemol am Joer. Och do musse mer käschtendeckend fueren a mir hunn eisen neie Müllwon mat enger Wo équipéiert, sou dass mer d'nächst Joer wäerten en neit Gebühremodell mussen ausschaffen.



Superdreckskëscht fir Betriber, 2016 kënnt och de Centre sportif René Hartmann dran an d'Gemeng an d'Bibliothéik, déi feelen eis nach.
D'Schoulufanksfest, Fairt Frühstück, de Floumaart, Bampatenschaften, SICONA, den Dag vum Bam, eis Subventioune fir Energiealternativen, alles dat gëtt weider gefouert a wat nei ass, am Kader vu PRO-SUD leeft e Projet "Clever akafen", d.h. do gëtt no ökologeschen a klimarelevante Critèren akaf a mir hunn als Gemeng och décidéiert, eis dorun ze bedeelegen.

Den nächste Volet, op deen ech wëll agoen ass d'Hygiène an d'Propretéit, d'Waasser- a Kanalwiesen. Mat dem Wuesstem vun eiser Stad an der Entwécklung vun eiser Bevëlkerung stelle sech och nei Ufuerderungen un eis Gemeng. A punkto Hygiène a Propretéit sollen Trottoiren, Stroossen, Parkanlagen an engem hygiènesch einwandfräien Zoustand gehale ginn, et soll jiddereen dozou bäidroen. "Propper Diddeleng" soll e Slogan ginn, deen eescht ze huelen ass. Eise Gemengeservice hu mer verstäerkt fir dat ze garantéieren an eis Sensibiliséirungskampagn wäerte mer weiderféieren, wéi och eis Aktioun "De richtege Reflex".

Dat selwecht gëllt fir eis Efforten am Beräich Ofwaasserentsuergung a Kanalwiesen am Sënn vum Ëmweltschutz a Präventioun vun Iwwerschwemmungen. Eist Ofwaassersystem gëtt permanent erneiert an ausgebaut. An ebenfalls hu mer nei ëffentlech Toiletten installéiert an och Muppentoiletten. Dat heescht, all Bierger soll matmaachen, well et Freed mécht, an enger propperer Stad wéi Diddeleng ze liewen.
Ech wëll nach kuerz op eise Bannhidder agoen. Dir wësst, alles dat kascht Geld an Zäit an eise Bannhidder ass permanent um Dill an ech wëll lech just soen, datt en dëst Joer erëm 75 Bréiwer huet missen eraus schécke wéinst der Propretéit vun Terrainen, Poubellen, Déieren an Terrassen an illegal Dépôten. Wat déi illegal Dépôten ubelaangt, konnte mer dëst Joer eng Zomm vu 5.000,00 Euro akasséiere vu Leit, déi hir Poubellen illegal deponéiert hunn. Dat kleng no net vill, mä mer hate jo déi Tax vu 75,00 Euro gestëmmt a vu datt jiddereen eng Trace hannerléisst an de Serge déi fënnt, ginn déi Leit ugeschriwwen a si musse bezuelen.

Den drëtten Alter, do ass et esou, Senioren, eeler Leit hei zu Diddeleng, déi hunn e gudden Ambiente fir sech hei kënne wuel ze spieren an e Liewen an der Gemeinschaft an an Autonomie ze féieren. En altersgerecht Liewen ze garantéieren ass eent vun eisen Ziler an Diddeleng verfügt iwwer all déi Moosnamen.
Wéi gesäit esou ee Liewen an der Gemeinschaft aus a wat kënne mir als Gemeng eise Leit offréieren?

Mir hunn eng Rei Clibb an Associatiounen, déi Aktivitéite fir Senioren am kulturellen a sozialen Niveau organiséieren. Eist Flaggschëff, de Club Senior am Schwaarze Wee, e Centre de rencontre fir eeler Leit awer net nëmme fir eeler Leit, dat gëtt et elo zënter 10 Joer a si organiséire sportlech Aktivitéiten, Konferenzen zu aktuelle Sujete wéi Sécherheet, Mobilitéit, Ausflich, Visiten, Thé dansant, Theater spillen, Kaffisstuff, wou ee sech kann treffen an zesumme poteren. D'Amiperas ënnerstëtze mer och regelméisseg, do kënnen d'Membere sech dënschdes am Club Senior treffen. D'Amicale "Gëlle Joren" vum Altersheem gëtt och ënnerstëtzt an organiséiert regelméisseg Aktivitéite fir d'Awunner vum Altersheem. Eis Drëttalterskommissioun, déi Fester organiséiert, ënner anerem d'Journée Nostalgie wou déi 75jähreg geéiert ginn an net ze vergiessen Associatioune wéi de Foyer de la Femme, Amis de la fleur, Gaart an Heem, al dës Clibb engagéiere sech fir déi eeler Leit, mä do kënnen déi eeler Leit sech och aktiv abréngen.
Wéi eng Servicer huet d'Gemeng Diddeleng den eelere Leit ze bidden, fir ze hëllefen? Hei hu mer Infrastrukture fir eeler Matbierger ze ënnerstëtzen, déi Hëllef brauchen, wéi den Téléalarm, de Service Repas sur roues. Ab 2014 hu mer en neie Service HELP 24 hei op Diddeleng bruecht, deen net nëmmen doheem kann agesat gi mä och dobaussen, an dee 24 Stonnen op 24 disponibel ass.
Eise Fitnessparcours am Schnauzelach, wou déi eeler Leit sech kënne sportlech betätegen, net ze vergiessen eis Infrastrukture fir Persounen, déi net méi alleng kënne wunne, eist neit Altersheem, de Foyer de jour vun der Croix rouge an d'Tagestätt vun der ALA, alles dat sinn Aktivitéiten a Servicer, déi derzou bäidroen, datt eis eeler Matbierger hei zu Diddeleng ëmmer a gudden Hänn sinn.

E lescht Wuert nach zu eise Syndikater: Op de SICONA ginn ech net am Detail an, dee Montant fannt der am Budget, et ass all Joer deeselwechten.
Déi aner dräi Syndikater, wou ech responsabel sinn: de STEP gouf 1979 gegrënnt fir 5 Gemengen, Diddeleng, Beetebuerg, Réiser, Käl a Remeléng. Am Joer 2005 gouf en erneiert fir 95 000 Awunner an d'Ausgaben am Budget fir 2016 si stabil bliwwen. Fir de STEP méi no ze bréngen, hate mer dëst Joer eng Visite



des lieux fir d'Ëmweltkommissioun an d'Membere vum Gemengerot organiséiert.
Deen zweete Syndikat, wou ech responsabel sinn, ass de Minettkompost, deen 1994 gegrënnt ginn ass fir 22 Membergemengen, dat bedeit 185 000 Awunner. Do gi pro Joer 32 000 Tonnen organeschen Offall geliwwert an et ass och eng Biogasproduktioun do, déi bei enger maximaler Kapazitéit bis zu 25 000 Tonne Biogas produzéieren. Am Budget gesitt der, datt dee Montant an d'Luucht gaangen ass aus där ganz einfacher Ursaach, datt d'Quantitéiten erof gaange sinn, et ass manner Offall, manner Gréngs, geliwwert ginn a manner Biogas produzéiert ginn. Mer haten en immens waarme Summer, wou näischt gewuess ass an e Syndikat wéi de Minettkompost lieft jo vun de Recettë vum Offall a wann näischt geliwwert gëtt, ass och keng Recette do an d'Gemenge mussen deen Defizit droen. Am November hu mer iwwer dee Budget geschwat a mir misste feststellen, datt déi 22 Gemengen unanime der Meenung waren, dat Lach duerch eis Budgetsgelder ze decken. Dat war parteiiwwergräifend e Vote unanime fir vun deene 10,00 Euro op 14 Euro iwwer ze goen.

Dee leschte Syndikat, wou ech Member sinn, ass de SIDOR, deen 1971 gegrënnt gouf. En huet 36 Membergemengen, dat sinn ongeféier 350 000 Awunner, dat heescht zwee Drëttel vun de Gemenge si Member vum SIDOR. Dat ass eng héich modern Müllverbrennungsanlag, wou 70% vum jäerlechen Offall hei am Land verbrannt ginn. D'maximal Kapazitéit läit bei 165 000 Tonnen an déi Anlag ass 2010 moderniséiert ginn zum Präis vun 100 Milliounen Euro. Aus deem Offall gëtt och Stroum gemaach, dat ass vum CREOS gespeist, domat kënne mer 28 000 Stéit mat Stroum speisen. De Montant am Budget bleift d'selwecht, dat heescht 96 Euro pro Tonn fir de Ménage. D'nächst Joer wäerte mer nom STEP d'Ëmweltkommissioun an de Gemengerot invitéiere fir de Minettkompost besiichtegen ze goen, da gesitt der och wou déi Suen alleguerten higinn- Merci fir d'Nolauschteren.

Loris Spina (LSAP – Schäffen): Ech fänken dann direkt u mat deem Beräich deen am Budget als éischt optaucht, nämlech d'Informatik. Ech brauch lech jo net ze erzielen, wéi wichteg e Computer, en Telefon oder soss sou een Apparat ass. Dat ass bei jidderengem am Alldag mat dat wichtegst Instrument fir ze schaffen an deementspriechend ass dann och Panik wann esou en Apparat eng Kéier net richteg funktionéiert. Dofir ass dann och all Kéier wann den Telefon do uewe geet, Urgence ugesot an déi Jonge musse méi ewéi op Zack si fir deenen Urgencen entgéint ze wierken. Wat och do luewenswäert ass, ass déi ganz Flexibilitéit well et ass net einfach, do uewen ze schaffen, wann een e Planning iwwer eng Woch wëll maache fir verschidde Projeten unzegoen an ëmmer erëm geet den Telefon, dass Panik u Bord ass an d'Flexibilitéit gëtt ganz grouss geschriwwen. Jiddereen huet seng Pôle-de-compétencen an awer sinn se flexibel genuch fir an all Beräich kënnen ze intervenéieren.
Wéi grouss den Opwand ass, kann een a ganz kuerzen Zuelen undeiten. Mir hu 965 Gebaier, 78 Servicer hei op der Gemeng, 510 Telefonsnummeren a 430 E-Mail-Adressen ze géréieren, just fir e klengen Abléck ze ginn iwwer dat wat d'Informatik ze géréieren huet. De Montant vun de Logiciellen ass an d'Luucht gaangen. Dat ass ënner anerem fir de Logiciel, dee gebraucht gëtt an der Kannerbetreiung, am Enseignement an dem Service Médico scolaire, déi kréien eng gemeinsam Datebank, wou den Accès partagé ass. Dat huet de Virdeel, datt een net muss zweemol encodéieren, dat ass en Zäitgewënn an d'Datesécherheet ass méi grouss an et ass méi komplett an et huet ee méi séier den Iwwerbléck iwwer e Kand.

E weidere neie Logiciel brauche mer an eiser Garage, do hu mer eng Autodata-Software kaf, déi eis erlaabt, sämtlech Autosmarken ze späicheren an eng Feelerdiagnostik ze erstellen a méi Reparature selwer ze maachen, wouduerch mer Suen aspueren.
D'Demandë wuessen, et ass e Beräich, dee sech permanent weider entwéckelt, dat wat ech haut kafen, ass muer net méi aktuell. Och do mussen se probéieren, um leschte Stand ze bleiwe fir datt eis Servicer déi beschtméiglech Ënnerstëtzung kréien an och dat mécht deen Job net méi einfach.
Nach eraus ze hiewen am Budget sinn déi 30.000,00 Euro fir d'Installatioun vum Wifi am Centre sportif René Hartmann.
Stéchwuert Hartmann: Och d'Aarbechten am Hartmann waren déi ganzen Zäit begleet vun eisem Service informatique, all Service huet méi wéi een Apparat an dat war e grousse Méiopwand an awer huet all Dag alles an alle Servicer weider funktionéiert a si si vill solicitéiert ginn.
Gläichzäiteg hunn och d'Veräiner ëmmer méi Demanden, well engersäits si selwer méi efficace wëlle schaffen awer och vun de Federatiounen ëmmer méi Oplage kréien, z.B. Live-Ticker, an och deem probéiere mer gerecht ze ginn.



E-Conseil fir 18.000,00 Euro, wou jidderee säin Device soll kréie fir de Paperless ze realiséieren. Als Gemeng bidde mer och Informatikscoursen un a fir déi, déi sech nach net fit spieren, do kann een a Coursen iwwert Tablet a Smartphone etc. sech verbessere loossen.

Den Informatiksyndikat, dat ass de SIGI, deen et fäerdeg bruecht huet, just ganz liicht, 0,64 Euro erop ze goe mat deem wat pro Awunner als Cotisatioun gefrot gëtt, mir wären elo bei 23,95. Dat ass eng Leeschtung well d'Ufuerderunge sinn ëmmer méi grouss ginn um Terrain. 104 vu 105 Gemenge si Member, just d'Stad ass net Member. Dat weist, dass dee Syndikat gutt Aarbecht mécht a gefrot ass an ouni Syndikatskäschte fir d'Gemeng 3 bis 4 mol méi héich wären.

Firwat si mer houfreg als SIGI, dass mer d'Cotisatioun net méi erop gedréckt hunn? Well, wann ee kuckt, wat déi normal Salairen, d'Entwécklung, wat déi matbréngt, dat hätt sech schonn op de Präis geschloen a mir hunn e groussen, neien Deal mat Microsoft missen ofschléisse well d'Lizenzen zu engem Enn komme an elo hu mer zesumme mat dem Centre informatique de l'État e gemeinsamen Deal gemaach, deen och ganz gutt ass awer net esou gutt wéi de SIGI sengerzäit an aussergewéinlechen Ëmstänn konnt ergatteren, an deementspriechend ass de Präis vun de Lizenzen e bëssen an d'Luucht gaangen an dat spigelt sech an de Cotisatioune vun der Gemeng erëm.
D'Highlights vum SIGI ware sécherlech d'Zertifikatioun PSDC fir seng ganz Gemengen a logistesch Programmer. De Cockpit an d'Fiches de Traitement sinn do eraus ze hiewen a mat de Cotisatioune gëtt et an Zukunft méi schwiereg fir de Präis ze halen, well de SIGI op der Sich ass no engem neie Gebai.

Ech vertrieden eis Gemeng och am SES, do hu mer déi glécklech Situatioun, das de Montant d'selwecht bliwwen ass. Do huet een net ganz vill Spillraum well 90% hänken of vun de Personalkäschten an dat wat de SEBES eis fakturéiert, d.h. 90% vum Budget stelle sech praktesch vun alleng op.
E weidere Punkt, wou ech Verantwortung hunn, ass d'Biergerbedeelegung. Et ass eis wichteg, am Kontakt mam Bierger ze bleiwen, seng Meenung ass wichteg. An deene sëllege PAG-Sitzunge konnt een dat mat erliewen. Ronderëm de Verkéier hate mer eng ëffentlech Sitzung.

Bei der Neigestaltung vu verschiddene Quartiersplazen hu mer probéiert, d'Leit mat anzebezéien. Ronderëm d'Réfugiéen hate mer eng ëffentlech Sitzung. De Shared space ass och ugeschwat ginn, och do hu mer op de Bierger gelauschtert.

Eis Permanence mëttwochs moies komme gutt un a si beléift. Mir probéieren och, 2016 offen an transparent Kommunikatioun ze förderen a weider vun den digitale Medien ze profitéieren De Bierger hei zu Diddeleng gëtt weiderhin eescht geholl fir datt mer zesummen an där dynamescher Stad hei am Süde kënne werkelen. Mat schaffen a matdiskutéiere soll ee vu jonk u léiere, dofir hu mer de Kannergemengerot an de Jugendgemengerot. Zwee Projete fir de Kannergemengerot: si wëllen Integratiounscouch matmaachen a si hunn d'Iddi opgeworf fir un engem Kannerguide ze schaffen. Och dat sinn zwee flott Projeten an ech hoffen, dass se dat 2016 realiséiert kréien.

De Jugendgemengerot huet sech virgeholl, fir am Kader vun de Flüchtlingen eppes ze maachen. Do sinn eng Rei Iddien, et muss een elo kucken, wat zeréck behale gëtt. Dat ass eng flott Initiativ. Deen zweete Projet, dat si Selfie-Points, dat ass elo ganz aktuell a si sichen no flotte Plazen zu Diddeleng am Kader vun engem Selfi-Projet festzehalen.

De Biergerforum ass bei all deenen dote Prozesser en treien an aktive Supporter gewiescht, d.h. si waren ëmmer bei deene Sitzungen derbäi.
2016 hunn si sech ee grousse Projet virgeholl an zwar wëllen se eng lokal Petitioun lancéieren, respektiv méi no baussen ëffentlech maache fir datt de Bierger d'Méiglechkeet huet, e Punkt op den Ordre du jour fir de Gemengerot ze bréngen.
En neie, méi modernen Internetsite ass och an der Maach an do probéiere mer och, d'Kommunikatioun an den Dialog mam Bierger nach méi ze förderen.
Familljepolitik gëtt zu Diddeleng ganz grouss geschriwwen. Mir sinn houfreg, eng familljefrëndlech Stad ze sinn, wou d'Kand am Mëttelpunkt steet, dat stellt een ëmmer erëm fest, wann een eis Infrastrukture kuckt. Schoulen, Maison-relaisen, Spillplaze sinn an engem ganz gudden Zoustand an dat soll och esou bleiwen, dobäi gëtt d'Sécherheet an d Attraktivitéit héisch gehalen.

Eis verschidde Wunnquartiere sinn idyllesch a flott an d'Liewensqualitéit ass méi oder manner groussgeschriwwen, dat hängt dervun of, wou ee wunnt mä grondsätzlech hu mer eng héich Liewensqualitéit.





Fräizäitméiglechkeeten huet een der ganz vill hei zu Diddeleng. Et huet ee vill Sportméiglechkeeten an och um kulturelle Plang gëtt vill ugebueden.
D'Natur ass iwwerall present, et ass och des öfteren eng lass hei, Fester, Manifestatioune ginn iwwert d'ganzt Joer ugebueden.
Mir hunn eng Familljekommissioun ënner der Leedung vum Josiane Di Bartolomeo-Ries, déi säit Joren extrem aktiv ass an och ëmmer nei Projete lancéiert, och dat dréit derzou bäi, datt mer eng familljefrëndlech Stad bleiwen.

Mir sinn den zweetgréissten Arbeitgeber an do huele mer eis Virbildfonktioun ganz eescht a mir sinn e familljefrëndleche Betrib als Gemeng an do soll sech och näischt drun änneren.
Mir hunn eng Rei vu Partneren, déi eis begleeden, ënner anerem d'Eltereschoul, dee Projet féiere mer weider. Do gëtt et en neie Moment mat enger neier Coordinatrice, Madame Carrilho, déi dat elo féiert.
D'Initiative Liewensufank, de Projet Baby Plus ass e wichtege Projet an de Budget ass an d'Luucht gaangen. Dat huet eng Rei vun Erklärungen, virun allem, datt mer elo am drëtte Joer si wou de Projet richteg zu Diddeleng ukomm ass. Mir si bei 60% vun de Familljen, déi an esou enger Situatioun sinn an dorop zeréck gräifen. Am Ufank ware mer bei 50% an et ass opgefall, datt d'Familljen ee bis zwee Mol dorop zeréck gegraff hunn a mëttlerweil si mer bei ganz regelméisseg dräi bis véier Mol, wou se Kontakt hu mam Vertrieder vum Baby Plus an aner Famillje kommen nach méi oft op dës Offer zeréck. Dofir gouf dee Projet jo och lancéiert. Engersäits huet dee Projet sech um Terrain bewäert, anerersäits hu mer awer och méi an d'Publikatioun an an d'Kommunikatioun gestach, respektiv och d'Kooperatioun mat eise Gemengeservicer an dat schéngt ganz kloer seng Friichten ze droen.

De Projet Lenkeschléi, do ass et esou, datt mer en neit Konzept fir Diddeleng wëllen unhuelen an datt d'Kanner de ganzen Dag do betreit ginn. Mir hunn dat elo mol Bildungshaus genannt awer dat Wuert ass net definitiv an och net ausschlaggebend. Et sinn 180 bis 200 Kanner virgesinn, mer haten den Appel gemaach wou mer d'Enseignanten an d'Educateuren aus de Maison-relaise gefrot hu fir an deem Aarbechtsgrupp matzeschaffen, dee vun externe Beroder begleet gëtt, déi schonn Ähnleches op anere Plazen am Land geplangt an ëmgesat hunn an Erfahrungswäerter um Terrain konnte sammelen.

Et ass net einfach, wann een am pädagogesche Beräich en neie Wee wëll goen, am Ufank ware relativ vill Diskussiounen, mer hunn awer elo e ganz dynamesche Kär vu Leit fonnt, déi do wëlle konstruktiv matschaffen.
Et geet grondsätzlech drëm: Wat brauch e Kand, dat de ganzen Dag do betreit gëtt? Wat brauch et vu schouleschen Ufuerderungen, wat brauch et vu pädagogesche Ufuerderungen, wat brauch et am Encadrement parascolaire? All déi Froe sinn an deem Aarbechtsgrupp opgegraff ginn a mir hu probéiert, Äntwerten ze fanne fir datt mer do en Haus hunn, wou jidderee sech wuel spiert, ugefange beim Kand iwwert déi Leit, déi do schaffen, bis zu den Elteren, déi och e wichtegen Deel sinn an hir Plaz an deem Aarbechtsgrupp hunn. Mëttlerweil waren an den Elterecomitée Walen an déi Leit, déi do gewielt gi sinn, kënnen an deem Aarbechtsgrupp matschaffen. Well d'Eltere sinn a bleiwen e wichtege Partner an deem Ganzen.
Ufanks nächst Joer wäerte mer och dem Gemengerot an der Schoulkommisioun de gemeinsame Point do maachen, wou virgestallt gëtt wat déi Leit bis elo do erschafft hunn. Et ass awer och méiglech fir déi professionell Enseignanten an Éducateuren, déi net aktiv do matschaffen, sech dat ulauschteren ze kommen an déi eng oder aner konstruktiv Remarquen ze maachen. Et ass ni ze spéit fir matzeschaffen an déi Ronn wäert am Ufank vum Joer 2016 stattfanne, éier dëse Groupe de travail a seng éischt Phas erageet.

Da kommen ech bei de Sport. Diddeleng ass a bleift eng Héichbuerg, dat brauch ech net nach eng Kéier ze erwänen. Mir hu vill Suen investéiert an de Sport an deene leschte Joeren, mer kréien awer och eng Rei Recetten, z.B. fir den Hartmann 3,3 Milliounen Euro fir déi lescht Tranche ze bezuelen. Mer hunn eng Konventioun mam Lycée fir den Hartmann an och fir d'Piscine, do kréie mer ronn 600.000,00 Euro an och eis Beetebuerger Frënn kommen elo mat hire Schoulklasse bei eis schwammen, an do gesi mer 133.000,00 Euro vir. Do ass den nämmlechte Schlëssel bäibehale ginn, wéi mir de Beetebuerger sengerzäit bezuelt hunn.
Deemno setze mer hei zu Diddeleng weiderhin op de breede Sport, de Fräizäitsport, Competitioun op héchstem Niveau, de Schoulsport, d'LASEP an d'LASEL.
De Sport am allgemenge kritt natierlech seng Ënnerstëtzung. Eis Infrastrukturen, allen voran deen neien Hartmann, eis Schwemmen, eis Gymnasen, déi eenzel Terrainen, déi sinn an engem gudden Zoustand. D'Viraussetzung dofir ass, datt mer am Kontakt bleiwe mat de Veräiner, déi wëssen, wat se brauchen.



Engersäits mécht eise Service des sports dat, anersäits hu mer eng ganz aktiv Sportskommissioun, déi ganz no bei de Veräiner ass an am gemeinsamen Dialog probéiere mer ëmmer erëm, dat Bescht fir den Diddelenger Sport erauszefannen an ze proposéieren.
Wat déi verschidde Budgetsposten ubelaangt, do sidd der net iwwerrascht, wann ech soen, datt mer am Hartmann déi Erfahrungswäerter vun engem Joer elo musse maachen. Dat si grondsätzlech Héichrechnungen, wat d'Frequentatioun an den Energieverbrauch ubelaangt awer och wat d'Material ugeet an alles wat ronderëm ufält, dat musse mer elo mol kucken, wat dat éischt Joer René Hartmann mat sech bréngt.
Fir Iech eng kleng Iddi ze ginn, wéivill Aktivitéiten do ulafen, hunn ech mer déi Woch vum 23. November ugekuckt an do hate mer insgesamt, wat d'Veräiner an d'Clibb ugeet, 365 Stonne Sport zu Diddeleng am Gymnase am Hartmann an och an de Schwemmen, 266 Schoulsportstonnen, d'Maison-relais an esou Projete wéi de Wibbel hate 25 Stonnen an der Woch an de Public ass mat 52 Stonnen an der Woch sportlech aktiv gewiescht, d.h. ouni Matcher a Kompetitiounen hate mer 708 Stonne Sport, déi hei zu Diddeleng gemaach gi sinn. Dat as schonn en impressionante Chiffer. Dat muss natierlech geréiert a coordinéiert ginn, do musse Kontakter oprecht erhale ginn, do ass eng Surveillance néideg, do ass Botzen an Entretien néideg an all déi, déi do drun hänken hunn och keng Zäit fir sech ze langweilen. Dat ass e ganz aktive Beräich mä et ass och dat wat zu enger aktiver Stad ewéi Diddeleng zu 100% passt.
Nei Projeten, déi vläit eraus ze hiewe sinn, 100.000,00 Euro, déi mer an d'Étude stieche fir de Léierbaseng um Strutzbierg méi efficace ze kréie fir d'Zukunft.
De Skatepark, do hu mer mat 20.000,00 Euro nei Elementer virgesi fir dat Ganzt ofzerënnen, fir dass dat e flotte ganze Komplex ass.

Wat opfält, ass de Seniore Fitness, dee gëtt deelweis nei gemaach an opgepeppt an och do sinn nach eng Kéier 13.000,00 Euro fir de Calestenics, deen donieft installéiert gëtt. Dat ass am Fong geholl, wat sech esou erginn huet aus den Alldagsbeobachtungen. Wéi mer gesinn hunn, wien alles de Senior Fitness notzt, do waren net nëmme Senioren an do hu mer festgestallt, dass e Besoin do ass fir kënne u verschidde Staangen an Apparater mat Kierpergewiicht sech héich ze zéien, sech ze balancéieren an ähnlech Akrobatien ze maachen, deelweis am Fräizäitberäich awer et kann een dat och koordinéiere mat Leit, déi dat e bësse méi oft maachen. Mir sinn iwwerzeegt, dass dat e Projet ass, deen op Diddeleng passt a beim Seniore Fitness ass et sécher déi richteg Plaz fir intergenerationnell flott Momenter ze erliewen.
D'Salle Fos Grimler, do muss de Buedem frësch gemaach ginn, dat sinn 215.000,00 Euro, dat gëtt natierlech och eng Erausfuerderung, engersäits fir dee richtege Buedem erauszesichen awer och fir mam T71 oder mam Lycée ze kucken, wéini dee richtege Moment ass, fir déi Aarbechten ze maachen.
Et ass zwar kee Wellness, mä d'Wuert Spa ass am Budget, de Cryo-Spa, also e Kältebecke fir 46.000,00 Euro. Dat ass virun allem geduecht fir Sportler fir déi d'Ufuerderungen ëmmer méi héich ginn. D'Temperatur läit bei 1 bis 14 Grad an et kënne maximal 3 Persoune gläichzäiteg dra goen. Do kënnen d'Muskele sech besser regeneréieren an et ënnerstëtzt och den Heelungsprozess bei Blessuren.
Sport a Kultur sinn zwou Saachen, déi zu Diddeleng ganz grouss geschriwwe ginn. Ech fueren da mat der Kultur weider.

Kultur huet säi Präis, dat ass ganz sécher, wéi der och an dësem Budget gesitt. Mer zu Diddeleng si bereet, dee Präis ze bezuelen, mer hunn e ganz dynameschen a kreative Gemengeservice a mer wëllen deen dote Wee konsequent weider goen.
D'Kultur an alle Faarwen, wéi se zu Diddeleng ugebuede gëtt, steet fir Diversitéit an Divertissment a jiddereen, dee wëll, kann déi och natierlech notzen, dat ass geduet fir Grousser a Klenger, Jonker a fir déi, déi ëmmer jonk bliwwe sinn.
Dat ass fir Diddelenger, fir Net-Diddelenger, Lëtzebuerger oder Net-Lëtzebuerger, d'Qualitéit gëtt ëmmer nach héich geschriwwen an et ass eis wichteg, dass et zu engem sozialen abordabele Präis ugebuede gëtt an datt mer de Lëtzebuerger Kënschtler eben eng Bühn kënnen offréieren. Mir sinn e Musterschüler wat Kultur ubelaangt par rapport zum Ministère. Mer erfëllen natierlech d'Engagementer, déi mer via eis Konventioun ugeholl hunn.
2015 hate mer 95 Evenementer, et muss ee soen, dass all zweeten Dag entweder eng Bühn opgeriicht gëtt, e Spectacle statt fënnt oder en Demontage stattfënnt... all zweeten Dag, dat ass en zolitte Programm.

Déi 95 Evenementer sinn natierlech haaptsächlech Kulturevenementer gewiescht, mer hunn awer och eng Rei Veräiner an Associatiounen, déi déi Plaz genotzt hunn, nämlech eis Museksschoul an eis zwou Diddelenger Museken hunn och deen dote Kader konnte notze fir hir Evenementer.






Am generellen ass d'Offer virun allem am Art contemporain erem ze fannen. Natierlech hu mer Concerten, sämtlech Museksrichtungen, vu Blues, Rock, World, iwwer Klassesch bis zu Pop ginn ugebueden. Ah jo, Jazz hu mer och nach.
Cabaret gëtt och do ugebueden, Danz, Liesungen a Konferenze fënnt een och do an deem Haus erëm. Mat dem "Like a Jazz machine" hate mer dëst Joer e Rekordjoer mat 440 Payanten, d.h. och do hu mer ganz kloer déi doten Niche besat.

Mer sinn natierlech och Produzent a Co-Produzent a mer fördere virun allem lëtzebuergesch Kreatioun en.
Mer bidden awer och ganz vill an der Kannerprogrammatioun un, do hu mer flott Collaboratioune mat Maison-relaisen an de Schoulen. Natierlech hängt dat och ëmmer dervun of, wéi motivéiert déi Encadrante vun de Kanner sinn a wéi eng Moyenen si hunn.
Mer haten 28 Premièren op der Schmelz an 9 Kreatiounen, wat wierklech ganz flott ass.
D'Moyenne de fréquentation war héich, mer haten 120 pro Spectacle, wann een do d'Moyenne hëlt.
Och wann ee muss ganz éierlech soen, dass et schwiereg ass, nei Gesiichter dohinner ze kréien, dat läit net un der Programmatioun, déi ganz diversifiéiert ugesat ass, mä d'Fro ass, wéi maachen ech engem Loscht op eppes, wat en net onbedengt kennt, wéi provozéieren ech de Virwëtz bei de Leit fir eppes kucken oder lauschteren ze goen, dat ech net kennen. Alles dat an engem lëtzebuergeschen Ëmfeld, wou de Kulturkuch net méi grouss gëtt an awer méi Institutiounen a kulturschaffend Haiser do sinn, déi sech dee Kuch wëllen opdeelen an d'Publikum, wat net an deem Mooss zouhëlt.
Mer sinn awer ganz kloer positionéiert an där Kulturlandschaft an dat ass zu Diddeleng, zu Lëtzebuerg an och iwwer d'Grenzen eraus esou an dat och bei den Artisten, dat ass net well mer zu Diddeleng méi e grousse Cachet bezuelen, mä well eis ganz professionell Équipe engersäits net nëmme Kompetenz un den Dag leet mä awer och fir e ganz familiäre Kader suergt, sou dass d'Artistë sech ganz wuel bei eis fillen.
Ech hat gesot, Kultur kascht, awer ech wëll och betoune, dass zwee Drëttel vun deenen Dépensen, déi mer an d'Kultur stiechen, zesumme mam Ministère, awer och erëm an déi lëtzebuergësch Économie zeréck fléissen. Engersäits fir déi lëtzebuergësch Kënschtler, d'Publicitéit maache mer meeschtens mat Agencë vu Lëtzebuerg an déi eenzel Corps-de-métieren, déi do solicitéiert ginn, d'SACEM, d'Hôtellerie an d'Restauratioun, profitéiere sécherlech och vun deem Ganzen.

Wat kënnt 2016 op eis duer? Mer si frou an houfreg, e Cabaret ze presentéieren, haaptsächlech dee mam Jay Schilz a mam Paul Gelhausen, dat schwätzt scho fir sech.
De Kannerbicherdag kritt eng nei Nues, do probéiere mer, méi enk mat de Schoulen an de Maison-relaisen zesummen ze schaffen an ënnert anerem däerfen do Kanner fir Kanner virliesen, wat deem Ganze wäert gutt doen.

Mer hu weiderhin intern Kollaboratioune mat eiser regionaler Musekssschoul an eisen Harmonien.
Am Kader vun "Nos interprètes" wäerten de Luc Hemmer an de Kevin Tamanini op der Bühn stoen.
Mer hunn am Kader vum Jazz Machine eng flott CD-Release mam Benoît Martini.
De Mois de la femme ass dëst Joer erëm ze fannen an do ass eng enk Collaboratioun mat eisem Service à l'Égalité des chances. Ganz flotte Projet, dee sech Home, sweet Home nennt gëtt zesumme mat de Réfugiéë gemaach, wou Jugendlecher mat Professioneller probéieren, ronderëm den Danz d'Musek a Gesang déi eenzel Geschichten duerzestellen.
Jazz maache mer natierlech och.
D'Danzproduktioun ass och vertrueden, mer hunn de Fish oder de Richard Bona, fir nëmmen déi zwee ze nennen.
Mer hunn eng ganz Serie vu Konferenze ronderëm d'Diddelenger Geschicht, wat sécherlech och ganz spannend wäert ginn.
Et ass u sech wéi gehabt, et ass e bësse vun allem, op Lëtzebuergësch, Franséisch an Däitsch, fir all Alteren. Et geet dorëms, fir Neies ze entdecken, fir sech erëm ze begéinen, mat der Iddi, zesummen ze sinn, solidaresch ze sinn, verschidde politesch Themen ze thematiséieren awer och fir ze laachen an einfach emol eng gutt Zäit zesummen ze verbréngen. Vill gutt Qualitéit a virun allem Ënnerstëtzung fir déi jonk a lëtzebuergësch Kënschtler.
Kultur gëtt net nëmmen op der Schmelz produzéiert a virgefouert, mer hu weiderhin eis Muséeën a Galerien hei zu Diddeleng, wou och erëm eng Bühn ass fir haaptsächlech lëtzebuergësch Kënschtler fir sech engem breede Public kënnen ze presentéieren.
Am Quartier Italien ass eise Centre de Documentation des migrations humaines mat 40.000,00 Euro erëm ze fannen, wat och e bewährte Partner ass.
An den Dépenses extraordinaires hu mer de Musée municipal an d'Galerie Nei Liicht wou den Daach nei gemaach muss ginn.




Wat ech nach wëll eraus hiewen, dat sinn déi 12.000,00 Euro, déi mer am Kader vun engem ganz flotte Projet am Kader vun der Biennale de la culture industrielle hunn. Do hu véier lëtzebuergësch jonk Kënschtler, de Mich Feinen, d'Justine Blau, d'Marlène Krein an d'Nora Wagener e flotte Projet op d'Bee gesat, deen och intergenerationnell ugeduecht ass. Mat Atelieren a Workshope gëllt et d'Vergaangenheet vun der Siderurgie a vum Eisen erëm ze valoriséieren an och dat kënschtleresch duerzestellen. Och einfach zesumme kommen, Diskussiounen zesumme féieren, déi eng oder aner Konferenz, e Patt zesummen ze drénken, do ass ganz vill Kreativitéit wou do usteet an dat wëlle mer natierlech als Diddelenger Gemeng ënnerstëtzen. Wichteg ass awer och, dass eng gewëssen Dokumentatioun statt fënnt an eng gewëssen Nohaltegkeet soll assuréiert sinn.
D'Bibliothéik ass weiderhin e wichtege Pilier an eiser Kulturlandschaft, do gitt der ganz kompetent, offen a frëndlech empfangen, begleet a beroden.
2016, och do ass de Projet e-Book, dat ass en nationale Projet, dee mir mat initiéiert hunn. Alleng wier dat net gaangen, dofir ass den Dossier zevill komplex, virun allem dee ganze rechtleche Volet an och d'Sécherheet an de Logiciellen, déi dofir gebraucht ginn an den Help-Desk deen herno domat verbonnen ass. Deemno si mer do am Konsortium vun der Nationaler Bibliothéik mat dran, fir 2016 dat dote kënne ze starten.
Wéi gesäit dat aus? Et geet een als User mat sengem Device an d'Bibliothéik, et schreift ee sech an de Réseau vun der nationaler Bibliothéik an, den Accès gëtt fräigestallt an da kann een eng App erof lueden a schonns ass ee prett fir vum e-Book kënne ze profitéieren. Dat bréngt bestëmmt nach weider Leit an eis Bibliothéik. Wéivill Leit bis elo an dës Bibliothéik gaange sinn. 2015 waren dat iwwer 10 000 Leit, déi bis Dezember an der Bibliothéik waren, d.h. ronn 43 Leit pro Dag, wat e flotte Chiffer ass. 16 050 Leit hu sech ageschriwwe bis elo a mer hu ronn 950 Prête pro Mount, wat awer imposant Chiffere sinn, ouni déi Leit ze vergiessen, déi dohin eng Zäitschrëft oder eng Zeitung liesen oder an engem Buch bliedere ginn. D'Optik huet sech och verbessert an eis Bib weist sech nach méi modern an hell fir de Bierger.
Och do probéiere mer, méi aktiv am Kannerberäich ze sinn, well wat ee méi fréi ufänkt, wat een och herno als Erwuessene bereet ass, de Wee dohinner ze fannen. Mer probéieren, eng Rei vu Kanneranimatiounen ze organiséieren, eemol de Mount samschdes Moies, mat Ateliere mat Musek a Liesungen, mat Schrëftsteller, mat Auteuren, sou dass do maximal d'Freed um Liese soll vermëttelt ginn.
Mer maachen och neierdéngs Literatur-Rallyen, och dat kënnt bei de Kanner natierlech ganz gutt un.
Mer feiere gär a vill hei zu Diddeleng a mer suerge mat eise Fester a Manifester derfir, dass gutt Laun hei am Süde verbreet gëtt an et ass och an deem Sënn, wéi mer dat verstinn. Et gëtt vill geschafft zu Diddeleng an d'Leit musse sech kënnen erhuelen an ameséieren an dofir sinn d'Fester a Manifestatioune ganz wichteg. Awer net nëmme fir Diddeleng. Et ass iwwer Bierg an Dall bekannt, dass zu Diddeleng Spaass ugesot ass an dass eis Highlights wéi d'Fête de la musique, d'Butschebuerger Buergfest, Summer, Spill a Spaass an de Chrëschtmaart ëmmer erëm risege Succès hunn.
Dëst Joer wollt ech ervir hiewen, dass de Summer Stage mat 35.000,00 Euro eng nei Nues kritt huet. Op där schéinster Bühn, déi mer hei am Süden hunn, am Park Le'h, do ass et elo esou, dass d'Harmonie municipale net nëmme ronderëm déi Bühn aktiv ass mä och d'Plaz op der Bühn notzt fir hir musikalesch Fäegkeeten ze presentéieren. Mer wëllen et elo fäerdeg bréngе fir regelméisseg mat der Harmonie lëtzebuergësch Museker mat op d'Bühn ze kréien, dass déi gemeinsam Partitiounen ausschaffe fir verschidde klassesch Lidder mat Rock a Pop ze verbannen an engem breede Publikum dat kënnen ze presentéieren.
De Virowend vum nationale Feierdag ass och e bëssen opgepeppt ginn déi lescht Joeren. National branding a local branding sinn déi aktuell Stéchwierder. Do fanne mer 18.000,00 Euro erëm. Firwat e bësse méi? Et ass Iech bestëmmt opgefall, dass mer méi an déi routwäiss-blo Dekoratioun investéiert hunn. Kulinaresch solen och nei Akzenter gesat ginn, Freedefeier ass ugesot an natierlech och Animatioun soll deen Dag ugebuede ginn. Mir wëllen de Leit et méi einfach maachen, deen Owend zu Diddeleng ze bleiwen a mat eis zesummen ze feieren.

Den Intervilles ass erëm opgetaucht am Budget dëst Joer mat 8.000,00 Euro, dat ass e flotte Projet gewiescht. Et ass nach net 100% sécher, dass sämtlech Gemengen dat wëlle matmaachen, mä d'Gemeng Diddeleng huet Faarf bekannt an ass derbäi.
Christmas swimming, dat ass mat 20.000,00 Euro fir d'nächst Joer erëm virgesinn, dëst Joer net wéinst den Ëmbauaarbechten an der oppener Schwemm.
Ofschléissend wëll ech Iech drun erënneren, dass et hei zu Diddeleng an am Süde weiderhi viru geet. Mir sinn eng Stad, déi ganz dynamesch ass, wou gutt Laun um Ordre du jour ass, Liewensqualitéit gëtt héich geschriwwen, am Sport- a Kulturberäich gëtt vill ugebueden.





Faarweg Manifestatiounen däerfen iwwert d'Joeren net feelen, eis Gemengeservicer schaffe ganz vill a ganz gutt am Sënn vun hire Bierger, et soll a wäert ee sech och an Zukunft weiderhi ganz wuel hei fillen an ech sinn iwwerzeegt, dass mer hei genee dat richtegt Budgetsdokument presentéiert hunn, wat eng ideal Basis dofir ass, weiderhi gutt hei am Süde liewen ze kënne. Merci.

Claudia Dall'Agnol (LSAP - Schäffin): Dir krut elo schonn eng ganz Partie Detailer zum Budget rectifié an zum Budget fir d'nächst Joer presentéiert. Ech versichen, esou kuerz wéi méiglech a meng Ressorten anzegoen, ouni zevill Detailer ze ginn an ouni Iech mat Zommen ze erschloen, déi der souwisou an Ärem Budgetsdokument erëm fannt.

Ech kommen direkt op de Verkéier ze schwätzen a wat dat mat sech bréngt fir all déi Leit, déi net hei zu Diddeleng schaffen, mä auswäerts.

Op den 1.1.2015 ware 443.250 Autoe enregistréiert an dat sinn der 12005 méi wéi dat den 1.1.2014 de Fall war an déi Chifferen halen net op mat klammen an ech wäert Iech kee Geheimnis verrode wann ech Iech soen, datt eng gutt Partie vun deenen Autoen hei zu Diddeleng immatrikuléiert sinn.

Virun allem déi Leit, déi net hei zu Diddeleng schaffen, wëssen, dass et vun Dag zu Dag méi schwéier gëtt fir moies aus Diddeleng erauszekommen an owes och erëm eranzekommen. Dofir ass iwwer Joeren déi Étude gemaach gi mat der Ponts et Chaussées, dem CFL, dem Ministère an dem Verkéiersverbond an deenen zwou Gemengen, nämlech Diddeleng a Betebuerg, déi sech de Problem vum Duerchgangsverkéier deelen. D'Resultater vun där Étude sinn dem Grand public Ufank November virgestallt ginn.

Mir hunn alleguerte keng Baguette magique fir dee Problem esou séier ze léise wéi mer dat gär hätten, well den Duerchgangsverkéier ass bei eis an och an eiser Nopeschgemeng natierlech e ganz grousse Problem, virun allem wann ee weess, datt den Duerchgangsverkéier dacks duerch eis franséisch Grenzgänger entsteet a laut STATEC hu mer där ëmmerhin 81 000 zu Lëtzebuerg.

Dir wësst och, datt d'Autobunn soll ëm eng drëtt Bunn erweidert ginn. Et ass ze hoffen, dass mer doduerch den Duerchgangsverkéier vun de Frontaliere bremsen an datt si iwwert d'Autobunn fueren an net méi duerch de Stadkär. An owes dat nämlecht nach eng Kéier fir heem. Mir solle kucke fir se ze encouragéieren, déi Autobunn ze huelen an se ze découragéieren, hei duerch eis Gemeng ze fueren.

Den Échangeur Diddeleng-Bireng, do sinn d'Preparatiounen amgaang och wann een dat net no bausse gesäit.

2016 soll och scho mam Rond-point selwer ugefaange ginn an 2018 soll dee fäerdeg ginn.

Wéi ëmmer wann ee vun engem Schantche schwätzt, deen e groussen nationale Charakter huet a wou mer net selwer Bauhär sinn, do muss ee mat den Datume virsiichteg sinn, well et kann ëmmer eng Iwwerraschung kommen. Ech denken z.B. un e Wanter mat vill Schnéi, prinzipiell sinn awer all d'Acteuren optimistesch, datt se hire geplangten Timing kënnen anhalen.

Hei zu Diddeleng schätze mer Bequemlechkeet a sinn se och gewinnt an am léifste fuere mer bis virun d'Dier vum Café, Restaurant, Geschäft, etc. an doduerch si mer selwer um Problem mat Schold. Et bréngt näischt, wann ee sech moies an owes doriwwer opreegt, wann een am Stau steet, wann ee selwer dra steet. En Deel vun deem Stau si mir selwer. Ech reege mech och selwer dacks op, mä da solle mer higoen a kucken, wat mer fir eis selwer vun Alternative kënne fannen a selwer iwwer eis Gewunnechten nodenken.
Et ass un eis als gewielte Gemengevertrieder, Denkustéiss ze ginn an och Alternativen ze siche fir d'Leit an déi Projeten ëmzesetzen, dat esouwuel fir d'Ëmwelt ze schützen, mä virun allem awer och fir d'Nerve vun all de Verkéiersdeelhueler. Jidderee soll bei sech selwer kucken, wou et sich iwwerhaapt rentéiert, den Auto erauszehuelen, well fréier huet een deeselwechte Wee ze Fouss oder mam Vëlo gemaach.
Mer wëssen och alleguerten, dass et virun allem bei eis an der Gemeng éischter kuerz Weeër sinn, déi ze meeschtere sinn, a wann e wëll an et ass net grad dat allerschlechste Wieder, da kann een dat ze Fouss, mam Vëlo, mat eisen neien Elektrovëloen, mam Bus oder mam Zuch maachen.

Als Reproche kréie mer alt mol ze héieren, et wieren net genuch Parkplazen do, obwuel an deene leschte Joer neie Parkraum kreéiert ginn ass. Och wann nach net all Projet fäerdeg ass, wéi z.B. den neie Post-Parking,





da geet et drëm, Langzäitparker ofzeschrecken andeems mer de Parking payant, respektiv de Parking résidentiel an Diddeleng agefouert hunn an dee mer dann och d'nächst Joer ausdehne fir datt de Parkproblem sech net weider an d'Niewestroosse vum Zentrum verlagert.

An der Verkéierskommissioun Enn Juni gouf driwwer diskutéiert, d'Virbereedungsaarbechte lafen am Service zesumme mat eisen Agent-municipauxen an och eiser Beroderfirma. Mir hoffen, datt mer ganz séier zu definitive Resultater kënne kommen.

Während der Mobilitéitswoch haten d'Bierger(innen) eng éischt Geleeënheet fir hei am Festsall mëttes an owes un de Service an d'Beroderfirma hir Froen erun ze droen, fir och hir Virschléi ze maachen an dat Ganzt war e ganz flotten Austausch.
D'Ausweidung vun eisem Camionnettereglement solle mer am selwechten Otemzuch mat an d'A faassen an dat hu mer an der Verkéierskommissioun mat ugeduet.

Bis elo ass dat Reglement just an Italien an op der Schmelz a Kraaft a mir hunn driwwer diskutéiert fir dat op ganz Diddeleng auszebreeden an ze kucke fir deene séllege Camionnetten, déi monter duerch eis Quartiere stinn, eng Plaz zur Verfügung ze stellen, wou se kënne parken ouni an eise Stroossen a Quartieren ze hënneren.

Och wa mer muer op deem ganzen Territoire Parking résidentiel hätten, da géif dat net all Problemer léisen, well och wann een eng Vignette huet, dann ass dat leider keng Garantie, datt, wann een heem kënnt, eng Parkplaz viru senger Dier kritt. Et bedeit just, datt Friemer, déi net do wunnen an also keng Vignette hunn, net déi ganzen Zäit do kënne parke mä bezuele musse an datt déi Zäit limitéiert ass. An datt se, wann se déi Zäit iwwerschreiden, en Avertissement taxé kréien.
A ville Stroossen ass et och en hausgemaachte Problem. Wa mer wëssen, datt mer vill al Stroossen hunn, wou et Haiser gëtt, déi keng Garagen hunn, wann dann op eemol Appartementshaiser hikomm sinn a mer nëmmen eng Handvoll Parkingen hunn, dann entspane mer zwar d'Situatioun mam Parking résidentiel well da keng Friemer méi de ganzen Dag do kënne parken an och d'Camionnetten owes fort sinn, mä ech betounen, et bleift keng Garantie op eng fräi Plaz virun der eegener Dier wann ee weess, datt eenzel Stéit haut dräi bis véier Autoen hunn a guer keng oder vläit nëmmen eng Garage oder Afaart hunn.

Dee Parking résidentiel bedeit méi Horodateuren an déi fannt der dann am Budget erëm. Fir nach eng Kéier op d'Parken zeréck ze kommen, Dir wësst, datt mer d'lescht Joer Ufank Januar de Fohrmann an de Crassiersparking payant gemaach hunn aus deene genannte Grënn, fir méi Flux dran ze bréngen an déi Leit ofzeschrecken, déi de ganzen Dag Parkplaze blockéiert hunn a vun do aus an den Zuch geklomme sinn. Eisen zentralen Haaptparking also als Park & Ride benotzt hunn. Dat ass eis och gelongen, déi Dauerparker si fort, ausser natierlech wa grouss Manifestatioune si wéi d'Braderie, da fënnt een hei zu Diddeleng no am Zentrum eng Parkplaz an dat war an dat bleift jo och de But vun deem Parking payant, datt wann ee wëllt eng Kommissioun maachen oder een huele goen, datt een dann och eng Parkplaz kritt ouni 15 Mol musse ronderëm ze fueren.

Vum Auto bei de Vëlo, Dir wësst, datt eise Projet e-Bike am Oktober ugelaf ass mat deenen éischte Statiounen. Déi zwou lescht Statiounen, dat ass den Hartmann an d'Le'h, do si mer amgaang an dat soll Enn des Joers fäerdeg ginn. Mir hunn dee Projet zesumme mat de Südgemenge gemaach. Rëmeléng, Käl an Téiteng ware bis elo net derbäi awer d'nächst Joer maache se mat, sou datt mer de Réseau da komplett hätten a mer hoffen, datt dee Projet dann hei zu Diddeleng gutt ukënnt fir datt mer d'nächst Joer kënnen zwou nei Statiounen opmaachen, eventuell am Quartier an op der Schmelz. Dat hängt dervun of, wéi gutt dee Projet ugeholl gëtt.
Wat d'Vëlosweeër ugeet, probéieren alleguerten d'Gemengen, sech besser iwwer d'Vëlosweeër ze vernetzen an e Projet vun der Regierung gesäit vir, datt all d'Gemengen duerch Vëlosweeër solle verbonne sinn. Et ass och en Zil, all déi wichteg Punkte wéi Garen, Zone-industriellen etc. un d'Vëlosweeër unzebannen, dat betrëfft dann natierlech och Diddeleng. D'Gesetz gouf de 24. Februar dëst Joer an der Chamber gestëmmt, mir sinn also um gudde Wee fir de Vëlo esouwuel an der Fräizäit wéi och am Alldag ze förderen.
Et ass awer ganz schwéier, an enger gewuessener Stad nodréiglech nei Vëlosweeër anzefügen. Déi Diskussioun gëtt schonns esou laang gefouert wéi ech am Gemengerot sinn, dofir musse mer alleguerten drun denken, wa mer nei Projete maachen, wann nei Staddeeler entstinn datt mer ëmmer am Viraus plangen, esou Vëlosweeër mat anzebauen.

Vläit nach e Wuert un d'Autosfuerer, déi sech dacks vun de Leit um Vëlo generft fillen a mengen, se géingen




hënneren. Si sollen ëmmer drun denken, dat all Vëlo en Auto manner bedeit, deen se am Stau nerft. Dir fannt am Budget och eng Rouerbéimaschinn an déi kënne mer ënner anerem gebrauche fir eis Vëlosstänner selwer ze maachen, fir datt mer dann endlech flächendeckend Velosstänner kënnen hunn. Bei der Gare huet d'CFL jo hir M-Box, eng Këscht fir 32 Vëloen anzespären installéiert an déi gouf och ugeholl vun de Bierger(innen).
Wa mer schonns beim ëffentlechen Transport sinn, da kommen ech bei de Bus an de Citybus, do fiert jo den TICE zënter dem 15. September déi nei Linne. Dat sinn déi Linnen, déi de Bierger(innen) an der ëffentlecher Reunioun den 23. Oktober 2014 virgestallt gi sinn.
Mir hate jo an der leschter Conseilsreunioun am November driwwer geschwat, datt muss nogebessert ginn a mir haten och schonns zwou Verkéierskommissiounen iwwer dat Thema wou mer eis eens goufen, wéi mer solle virgoen. Mer probéiere jo och mam TICE, eisen Haaptacteur a Partner, dës Ännerunge zur Zefriddenheet vun eiser Populatioun séier ëmzesetzen an dozou gehéiert virun allem, datt all eis Linnen erëm bei d'Gemeng solle fueren.

Dir wësst, datt déi Responsabel vum TICE selwer hei an der Reunioun waren, datt net nëmmen Diddeleng wëll ëmänneren an nobesseren an datt si eben amgaang sinn, alles ze sammele wat soll nogebessert oder geännert ginn an datt da gekuckt gëtt fir dat Ganzt an engem Jet ze maache well mer an engem Verbond sinn. Si hu jo selwer hei gesot, datt ee vun deem Datum un, wou bis alles dobannen ass, als absolute Minimum véier Méint brauche fir dat ëmzesetzen.
Wat elo nach zum Budget ze soe bleift, dat ass, datt mer méi bezuelen. Firwat? Well mer méi Kilometer fueren, vu 85 000 Kilometer op ronn 154 000 Kilometer am Joer. Mir fueren, wann der déi al mat deene neien Horaire vergläicht, méi laang Auerzäiten an zwar sinn dat 6 Fahrte méi den Dag, sonndes duebel esou vill wéi virdrun an dat mécht also den Ënnerscheed am Budget aus. Dir kënnt Iech virstellen, datt ee fir méi Kilometeren ze fuere méi Bussen a méi Chauffere brauch an d'Personalkäschten erop ginn. Déi Busse muss een och ënnerstellen, dat bedeit méi Infrastruktur an alles an allem kascht dat Geld an dat fannt der am Budget erëm. Wann ech bei de Busse sinn, da vläit och nach, datt den TICE och nei Bussen dëst Joer bestellt an do ginn och fënnef Midibussen 2016 bestallt. E Midibus huet ronn zéng Meter an déi sollen dann haaptsächlech hei zu Diddeleng agesat ginn. Natierlech bestellt den TICE och déi normal Solobussen, an och där ganz grousser, nämlech Gelenkbussen.

Eis Stroosse sinn oft enk a mer hunn och vill Kéieren hei zu Diddeleng an et ass schwéier fir en normale Solobus vun 12 Meter duerch d'Stroossen an eisen ale Quartieren ze fueren. Wann den TICE dat neit Material huet, wat fir September 2016 de Fall soll sinn, da wäert dat hoffentlech e bësse méi einfach gi fir d'Buschaufferen, fir hei zu Diddeleng duerchzefueren.
Mer plangen zesumme mat der Mobilitéitszentral zwee nei Afficheuren, mir hu schonns ee bei der Gare, dat sinn déi Bildschiermer, wou een drop gesäit wéini wat fir ee Bus kënnt, wéi laang een nach muss waarden. Mer wëllen nach esou ee bei d'Kierch a bei d'Gemeng kréien.

Mir hunn dëst Joer och déi Vitesseafficheuren installéiert, een an der Näerzengerstrooss, an ech sinn iwwerzeegt dervun, datt déi Leit, déi mi oft laanscht e sou een Afficheur fueren, selwer schonn erféiert sinn, wann dee Männchen net gréng gelaacht mä rout elle gekuckt huet, sou datt mer domat och eist Zil erreecht hunn, well d'Leit gesinn, wéi séier se ënnerwee sinn an op d'Brems drécken.

De Bypass vun der Ponts et Chaussées an der Route de Zoufftgen ass och endlech fäerdeg, esou datt do dee Stau, dee virdrun entstane war, sech bedeitend verbessert huet.
De Rond-point fir op de Krakelshaff an domat d'Strooss bei der Husky, déi duerch dës Aarbechten eng gutt Zäit zou war, ass och erëm op, sou datt een erëm doriwwer Richtung Betebuerg Mondorferstrooss fuere kann.
De Projet Nightrider gëtt och zesumme mam PRO-SUD weider gefuer. Mer wëllen zweemol de Mount e Late-Night-Bus aféieren, wou Jonker a manner Jonker nuets zeréck op Diddeleng fuere kënnen.

Dëst Joer hu mer bei der Semaine européenne de la mobilité matgemaach well mer dëst Joer eng ganz Rei Neiegkeete konnte virstellen an och vun där Semaine de la mobilité profitéiert hu fir do Reklamm ze maache bei eise Bierger(inne) fir datt se verstäerkt dovu Gebrauch solle maachen, z.B. M-Box, nei Linne vum Citybus an eis e-Biken.

Dat war ganz vill Aarbecht virun allem virdru mä och an der Woch selwer an duerno fir deen Dossier elektronesch anzeschécken. Dofir wëll ech am Numm vum ganze Schäfferot mä och a mengem eegenen Numm e ganz grousse Merci un eis Mataarbechter(inne) soen.
Dat nächst Joer maache mer och erëm bei eiser nationaler Mobilitéitswoch mat.





Wann ech vun der Voirie schwätzen, wësst der, datt gebuddelt gëtt, zwar fir eng gutt Saach mä bis et esou wäit ass, sinn d'Leit dacks generft vun de Chantieren. Well mer awer all eisen Awunner an deene Leit, déi heihi schaffe kommen, mat Internet, propperem Waasser a Stroum versuerge wëllen, da komme mer net derlaanscht, all dat à jour ze setzen. Leitungen hu leider eng begrenzte Liewensdauer éier se mussen ersat ginn.
Aner Chantiere kommen och duerch déi modern Technik, op déi awer haut bal kee wëll verzichten, nämlech z.B., datt de Glasfaser verluet gëtt fir dann, wann dat fäerdeg ass, mer alleguerten e séieren Zougang zum Internet hunn.

Déi mëscht vun deene Leitunge leien ënner Botz oder ënnert der Strooss an do komme mer net laanscht d'Schantercher mam Bagger. Ech weess, datt während der Dauer vun esou Schantercher d'Leit net frou sinn an dofir maache mer zesumme mat all den implizéierte Partner, wéi z.B. d'Post, alles fir déi Chantieren esou kuerz ewéi méiglech ze halen a mer kucken och, datt déi Acteuren sech alleguerte koordinéiere fir d'Liewensqualitéit vun eisen Awunner(innen) esou man ewéi méiglech ze stéieren.
Mir wësse wéi wichteg dës Projete sinn an datt se dobausse bei der Populatioun awer dacks net déi populärst sinn, well se ebe Chantiere virun der Dier mat sech bréngen, d'Leit ginn deelweis an hire Gewunnechte gestéiert, mä eis Infrastrukture sinn esou wichteg a jidderee muss och kënne vun engem modernen an adäquaten Infrastrukturnetz profitéiere, sou datt mer net laanscht déi Chantiere kommen.
Mir investéieren an d'Optiméierung an an d'Verbesserung vun eise Gasleitungen, Drénkwaasser an Ofwaasser, a mir sinn amgaang an der Rue des Prés an an der Rue Large mat Gas, Waasser, Post, Antenn an Éclairage public a mer fueren d'nächst Joer weider mam Schantchen an da kënnt nach de Kanal derbäi, de maache mer an der Rue Jean Friedrich, an der Aloyse-Kayser-Strooss si mer och amgaang a kënnen d'nächst Joer do de Reaménagement maachen.
Shared space gouf virdrun am Detail genannt.

D'Post huet als Projet, iwwerall am Land d'Haususchlëss mat dem Post-Glasfasernetz ze verbannen. Och eis Gemeinschaftsantenn, d'ELTRONA huet nach vill Haususchlëss, déi momentan am aérien sinn, do hu mer e Budget Divers chantiers – Mise sous terre de l'antenne collective virgesinn, fir een Deel mat der Post matzemaachen an d'ELTRONA mécht en Deel vun deenen Uschlëss an de Souterrain, mä et ass näischt Genaues definéiert. Laut hiren Aussoe wäert d'Post an der Edison, an der Zoufftgen an an der Curie-Strooss schaffen an dofir hu mer e Budget punktuell virgesinn, also net eng ganz Strooss oprappe mä just do wou et néideg ass, fir um Waasser an um Gas ze schaffen. Well mer nach net genee wëssen, wou d'Post wäert schaffen, hu mer zwee Artikelen ouni Stroossennimm "Chantiers Postes - gaz " a "Chantiers Postes – eau potable" dran. Wann dann opgerappt gëtt, kënne mer eis uschléissen.
D'Post huet wëlles, mat 4 Équipen d'nächst Joer hei zu Diddeleng ze schaffen, sou datt dat relativ séier misst viru goen.

Mer probéieren ëmmer, eis Kräften ze bündelen a Réunioune mat allen Acteuren, dat spuert Geld mä et spuert virun allem de Leit, déi do wunnen, lerger an Nerven. Dat heescht, mir probéieren, esou séier wéi méiglech e Projet virunzedreiwen andeems nëmmen eng Kéier opgerappt gëtt, wann dat méiglech ass.
A well ech elo scho weess, datt eis déi vill Schantercher a Verkéiersproblemer wäerte virgeheit ginn, wëll ech d'Diane Lecorset zitéieren, déi an hirem Komentar vum Lëtzebuerger Wort vum 1. Juni geschriwwen huet: "Eine Stadt muss mit der Zeit gehen, auch wenn das mit einer Baustelle und einigen Unannehmlichkeiten einher geht". An deem hunn ech näischt méi bäizefügen.
Ech kommen dann zu méi engem agréabelen Thema, nämlech d'Museksschoul, déi regional a ganz aktiv ass an dëst Joer all Dag um Dill war fir Kanner, Jugendlechen an Adulten e qualitativ héichwäertege Museksunterrecht kënnen ze bidden.
Eis Präisser, déi mer do froe sinn och esou sozial, datt jidderee Musek ka maache wann en dat wëll a jidderee, dee Musek wëll léieren, dat ass natierlech och e wichtege Réservoir vu Jonker a manner Jonker fir eis zwou Harmonien, déi dovunner kënne profitéieren.
D'Museksschoul huet e Projet d'établissement iwwer fënnef Joer ausgeschafft, dee war och an der Iwwerwaachungskommissioun Enn Novemner virgestallt an diskutéiert ginn an et gouf duerch all Bänke begréisst.
Fir dëst Joer hat se mam Projet "Musek fir all Kand" ugefaang a gi regelméisseg an d'Maison-relaise fir de Kanner d'Musek an engem ganz jonken Alter méi no ze bréngen. Déi Responsabel wëllen nach méi wäit goen an d'Kanner mam Bus an d'Museksschoul bréngen. Dat bedeit natierlech Aarbecht a verlaangt Flexibilitéit vun all de Partner, mä hei ass e grousse Reservoir vu Kanner un déi mer soss net eru kéimen.



D'Museksschoul mécht all Joer e Compte-rendu vum vergaangene Schouljoer an an deem vun 2014 fannt der erëm, datt 38,46% vun de Schüler, also 370 vun am Ganzen 962 Persounen aus eiser Gemeng komm sinn. Mir bidden also eppes un, wat déi Diddelenger och notzen.
Mer hun e ganz aktiivt Jugendhaus an dat wëlle mer weiderhin am Budget ënnerstëtze mat deem néidege Geld fir datt déi Jonk eng Ulafstell hunn, wou se gutt encadréiert sinn. Si hunn och dëst Joer erëm eng Rei Aktivitéite wëlles, ënner anerem e Projet iwwer Ëmwelt an Ëmweltverschmotzung. De Jugendsummer maachen se während der grousser Vakanz zesumme mat der Jugendkommissioun, dat gëtt och weider gefouert.
Fir e Projet erauszepicken, dat ass de "Welcome refugees", wou se geziilt wëllen déi 2 Populatiounen zesumme bréngen an hëllefen, datt d'Integratioun bei der Jugend wäert geléngen. Si ware karitativ täteg déi lescht 2 Joer mat der Stëmm vun der Strooss an dem Cent-Buttek an och dat wëlle se weiderféieren. All Joer ass eng grouss Porte ouverte, wou jiddereen wëllkomm ass. Mä et kann een eigentlech ëmmer dohinner kucke goen.
Am Beräich Tourismus maache mer weiderhin eis Visite guidée, déi d'Leit kënnen hei an der Gemeng buchen. Mir schaffe mat anere Südgemengen zesummen als ORT a mer hunn e flotten Internetsite: www.Redrock.lu, wou een ëm dës Zäit déi flott Chrëschtmäert kann erëm fannen, déi et hei am Süde gëtt.
Zënter Ufank August ginn et jo och zwee flott Mountainbike Trails, déi och vum ORT Süde mat organiséiert gi sinn a vun deenen ee Startpunkt hei zu Diddeleng bei eisem Boulodrome ass. Alles an allem huet sech dës gemeinsam Aarbecht mat professionelle Mataarbechter also gelount a soll och d'nächst Joer weider gefouert ginn.
Zum Jumelage bleift ze soen, datt mer dëst Joer de Projet vun der Spillplaz zu Berane am Montenegro, dee mer jo finanziell ënnerstëtzt hunn, ofgeschloss hunn.
Eise, Lycée Nic Biever war dëst Joer an eis Partnerstad Lauenbuerg op Besuch an et bleift ze hoffen, datt méi Associatioune sech bereet erklären, mat eise Partnergemengen zesummen ze kommen an och vläit deen een oder anere Projet unzegoen an d'Gemeng ass sécherlech ëmmer bereet, se ze ënnerstëtze wann hir Projete Kapp a Fouss hunn.
Integratioun, mir hunn d'Chance hei zu Diddeleng bal 100 verschidden Nationalitéiten ze hunn an alleguerte liewe mer flott zesummen an dat ass gutt esou well d'Zuelen op Landesniveau, déi schwätzen eng kloer Sprooch, dat sinn d'Zuelen, déi d'STATEC am Hierscht erausginn huet, nämlech datt 45,9% vun allen Awunner hei am Land Net-Lëtzebuerger gewiescht sinn op den 1.1.2015.
Dëse Schäfferot ass och der Meenung, datt all Nationalitéit eng Beräicherung fir eis Stad a Gemeng ass a genee aus deem Grond ënnerstëtze mer eis Integratiounskommissioun weiderhi fir d'Fête des cultures ze organiséieren. All Joer gëtt an der Kommissioun bei engem Briefing gekuckt wat een nach ka besser oder anescht maachen.

2014 hat d'Integratiounskommissioun sech scho staark gemaach fir méi EU-Auslänner un d'Walurn ze kréie fir d'Europawalen an do hate mer da ronn 970 Bierger(innen) agedroen. Nach méi Leit sollen iwwerzeegt gi fir sech un deene Walen ze bedeelegen a mer sinn der Meenung, datt och dat en Integratiounsfaktor ass.
D'Integratiounskommissioun huet ënnert hire verschiddene Presidenten am Laf vun de Joere scho vill verschidde Methode probéiert. An der leschter Reunioun hu mer driwwer diskutéiert, datt et wichteg wär, och eis Clibb an Associatioune méi mat anzebanne well vill vun eisen auslännesche Matbierger si jo aktiv an deene Clibb an Associatiounen an hunn och sécherlech Vertrauen an hir Responsabelen, Encadranten an Traineren. Mer wëllen also kucken, wéi mer se derzou kënne bréngе fir flott, innovativ Projeten am Kader vun der Integratioun ze realiséieren, vläit och wat d'Aschreiwung op d'Wallëscht ubelaangt.
Dat waren awer just éischt Diskussiounen an et muss ee kucken, an deenen nächste Kommissiounssëtzungen iwwer dat nächst Joer dat méi detailléiert ze plangen.

De Projet mat deem intressanten Numm "Integratiounscouch" wäerte mer d'nächst Joer och weider, respektiv zu Enn bréngen. Ëm wat geet et? Et geet dorëms, aus recycléiertem Material eng Couch, e Canapé, also eng Sëtzgeleeënheet fir mindestens 2 Persounen ze bauen, dee Concours hu mer am Hierscht ausgeschriwwen a mir haten hei am Hall eng Ausstellung mat ville faarwege Panneauen, wou d'Leit konnte kucke kommen. Am Miseler Land ass dee Projet scho virun e puer Joer gelaf, et ass e ganz flotte Projet a mir hoffen, datt mer och hei zu Diddeleng vill Succès hunn.

Eis "Boîte à lire" am Quartier Schmelz an an Italien hu mer mëttlerweil ageweit an och si gëtt gutt ugeholl vun den Awunner. Wann ech do laanscht ginn, sinn ëmmer nei Bicher dran.



Zum Volet Integratioun gehéieren och eis Sprooche-coursen, déi mer weiderféieren. 2014-2015 hate mer iwwer 600 Participanten an de Course fir Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch a Portugisesch ze léieren. Dovun hunn der 320 e Certificat de participation zegutt, dat entsprécht engem Taux vu 54%. Fir deen ze kréie, muss een op mannst a 70% vun de Course présent gewiescht sinn. Niewent eisen eegene Course bidde mer och nach Italienesch-Coursen un, zesumme mat der Association italo-luxembourgeoise Diddeleng-Betebuerg. Avis aux amateurs!

Domat kommen ech zum Schluss ech soen et schonns e puer Joer laang bei de Budgetsdebatten datt ech dee Budget ënnerstëtze well en deene Prinzipien, fir déi meng Partei, d'LSAP-Sozialisten asteet, gerecht gëtt an dat sinn d'Prinzipie vu Fräiheet, Solidaritéit, Gerechtegkeet a Sécherheet. Dat ass dëst Joer net anescht an dofir wëll ech dëse Saz nach eng Kéier widderhuelen an ech weess, datt e gudden Deel vun de Leit heibannen dat och esou gesäit.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir Är Presentatioune vun de Prioritéite vum Budget 2016. E Budget ass ëmmer en Art du choix an hei maache mer de Choix fir Diddeleng 2016 weider breet opzestellen an attraktiv ze halen an och der Stad hirer mënschlecher Dimensioun Rechnung ze droen, an Diddeleng weider ze bréngen, mat finanzieller Virsiicht an engem kontrolléierten Handlungsspillraum an et ass virun allem e Budget, dee kee vergësst an alle Generatiounen eppes bitt. Ech wënschen dem Gemengerot haut an d'nächst Woch eng konstruktiv Diskussioun, déi Diddeleng weider bréngе soll.

Dat war d'Virstellung vum Budget 2016. Ass de Gemengerot prett fir weiderzefueren?
Mir kommen dann elo zum Taxereglement fir d'Waasser, respektiv fir d'Ofwaasser fir d'Parties variables.

**3. Gemengefinanzen**
**Genehmegung vum Taxereglement fir d'Waasser**

**4. Ofwaasser**

René Manderscheid (LSAP -Schäffen): Ech maachen dat kuerz an humorlos well eng Taxenerhéijung ass ni flott, ech wëll awer drop hiweisen datt mer déi lescht Erhéijung vum Drénkwaasser 2009 virgeholl hunn. Deemools war de Präis vum Drénkwaasser 2,05 Euro d. h. 1,95 + 0,10 déi Taxe de prélèvement an d'Ofwaasser war 1,80 Euro.
Schonn deemools huet eng EU-Directive eis forcéiert, d'Präisser fir d'Drénkwaasser an d'Ofwaasser käschtendeckend ze maachen, mir hunn eis awer net entschloss op dee Wee ze goen.

Elo, sechs Joer duerno, komme mer awer net méi derlaanscht, déi Taxen ze erhéijen, net well mer der Directive wëllen nokommen, mä einfach well de Präis muss an d'Lut gesat ginn.

Mir haten eng Reunioun mat der Gas- a Waasserkommissioun, wou den Här Krumlovsky eis e flotten Dossier ginn huet, an deem genee erklaert gëtt, wéi dee Präis berechent gëtt an dat ass eng komplizéiert Übung. Et muss een ALLES kucken, dat mat dem Waasser ze dinn huet, wéi Infrastrukturen, Gefierer, Personal, etc. an da kënnt dee Montant do eraus.

Mer haten och eng Diskussioun an der Waasserkommissioun a mer proposéieren, d'Drénkwaassergebühr bei 3 Euro ze loossen, awer déi variabel Gebühr op 2,50 Euro ze erhéichen.

Beim Ofwaasser bleift déi fix Gebühr bei 3,3 Euro awer déi variabel Gebühr gëtt op 2 Euro eropgesat.
Déi Taxenerhéijunge trieden awer eréischt den 1. Juli 2016 a Kraaft well mer am Juni 2016 ofliese ginn an dann den 1. Juli 2016 gëtt déi Tax an d'Praxis ëmgesat.

Meng perséinlech Meenung ass, dass de Waasserpräis vill ze vill niddereg ass. Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Leit alleguerte mam Waasser relativ respektlos ëmginn, duerfir ass déi Hausse fir mech keen Drama.

Dat nächst Joer wäerte mer eng flott Brochure maachen iwwer d'Drénkwaasser, déi mer an de Schoulklassen an am Public verdeele wäerten. Ech hu mer eng Lëscht gi gelooss, wat an deene leschten 2 Joer am Bezuch op d'Waasser geschitt ass.

Do hu mer d'Stroosse Schumann, Thiel an Eifes a Balzeng frësch gemeet, dat ass mat 194.700,00 Euro zu Buch geschloen, d'Strooss Pierre Dupong mat 89.000,00 Euro, d'Rue des Champs mat 132.000,00 Euro, d'Marcel Schmit-Strooss kascht eis 49.000,00 Euro an d'Aloyse Kayser-Strooss 51.000,00 Euro, alleng am Waasserberäich, dat musst der Iech emol virstellen.





Eise Waasserbehälter um Leitschebierg, deen derfir geduecht ass, d'Drénkwaasserversuergung ze garantéieren, hu mer banne wéi bausse ganz nei gemeet fir iwwer 500.000,00 Euro. De Gehaansbierg ass renovéiert gi fir 48.000,00 Euro, dat heescht, alleng am Waasserberäich hu mer iwwer eng Millioun Euro ausginn an deene leschten 2 Joer, sou dass ee mat engem 2,50 Euro-Präis, géif ech soen, vun engem lächerleche Betrag schwätzt.

An iert d'Fro opkënnt, Taxenerhéijung fir déi sozial Schwaach, wéi kommen déi bäi, do kann ech lech aus Erfahrung soen, dass bal ni eng Demande am Office social virläit fir d'Waasserrechnung bezuelt ze kréien, do schwätzt iwwerhaapt keen dervun. Et ass éischter fir de Stroum an de Gas wou Demandë kommen.
An der Waasserkommissioun waren der 8 derfir an 2 Enthalungen. Dozou wëll ech nach betounen, dass den ADR onentschëllegt gefeelt huet an et och net fir néideg fonnt huet, e Représentant ze schécken.

Romy Rech (LSAP): Ech kann dem Schäffe Manderscheid zoustëmmen, wann e seet, dat dote wär eng raisonnabel Augmentatioun, well eigentlech, wa mer richteg kucken, sinn déi Taxen do net käschtendeckend, mir si wäit, wäit vum Käschtendeckungsprinzip ewech.

Mir hunn hei eng Traditioun, dass mer och besonnesch an dem dote Beräich versichen, dat op engem nidderegen Niveau ze halen, et muss een awer och soen, dass et extrem wichteg ass, och an der Zukunft, ëmmer erëm drop hinzeweisen, dass mer alleguer mat deem kostbare Gutt Waasser, wierklech e bësse Schindluder dreiwen an dass et fir eis selbstverständlech an absolut normal ass, wa mer de Krunn opdréinen, dass do ëmmer schéi propper Waasser eraus kënnt an dass mer eis ni d'Fro stellen, wéi ass dat méiglech, dass dat esou ass, an dat huet leider e ganz héije Präis. Keen ass frou iwwer Taxenerhéijungen, mir sinn och net frou doriwwer, déi heiten ass awer noutwenneg an och déi Informatiounscampagne zugonschte vun eisem Waasser ass dréngend noutwenneg. Eis Fraktioun ënnerstëtzt dat.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt just nofroen, Här Manderscheid, Dir sot schonn, dass et net alleng wéint der Directive ass, datt mer d'Taxen erhéijen, mä well mer esouvill Käschte mat eisem Waassersystem hunn, dat kënne mer da jo esou weider ginn, wann d'Leit dobaussen eis froe firwat déi Taxen erëm geheicht ginn. Wa mer elo soen, déi Directive musse mer anhalen, do wollt ech froen: Si mer dann elo um Punkt, dass mer dat elo mussen anhalen oder musse mer nach weider drop oppassen? Dat heescht, et kann ee sech virstellen, wann déi nächst Haussë kommen, och wann d'Directive erfëllt wier, déi komme jo da wéinst eisem Entretien vum Waassernetz? Vläit nach just wéinst dem Entretien oder och nach wéinst der Directive, ech si mer do net ganz kloer. An anere Wierder, si mer elo mat der Directive richteg oder musse mer och do nach e bëssen noreechen?
Da wollt ech just nach soen, et ass kloer, dass mer dat heite matstëmmen. Wat eis iwwerzeegt huet, ass, dass am Office social nach keng Demande erascheckt gouf, fir grad wéinst dem Waasser eng Allocation à la vie chère ze kréien. Dat heescht, mir kënne mat guddem Gewëssen déi Hausse do matstëmmen.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Ech wëll dem Här Manderscheid Merci soen, dass en eis aus dem Häerz geschwat huet. Ech wollt am Numm vun deene Gréngen och soen, dass mer d'Accord si mat der Erhéijung vum Waasserpräis.
Dat Waasser, dat aus eisem Krunn fléisst ass längst net méi dat wat d'Natur eis zur Verfügung stellt, et gëtt opbereet a bei d'Clienten transportéiert an dat soll a muss bezuelt ginn.

Eisen Drénkwaasserpräis ass nach wäit ewech vum Präis vun deem Waasser wat mer am Supermarché ze kafe kréien an dat oft qualitativ net besser ass.

D'Argument, dass d'Waasser esou deier gëtt fir Leit mat wéineg Akommes ass net besonnesch stéchhalteg vu dass et eng Allocatioun gëtt fir Gemengentaxen ze kompenséieren. Sozial schwaach Stéit kënne sech zousätzlech zu de staatleche Bäihëllefen dës Allocatioun ufroen a si ass erhéicht ginn.
Dës Allocatioun huet nämlech de Virdeel, dass déi Leit se kréien, déi se brauchen an trotzdem nach Intérêt hunn, spuersam mam Waasser ëmzegoen, wéi mir alleguerten.

Des weidere stëmme mer och fir d'Erhéijung vun der Ofwaassertax mat deem nämmlechten Argument.
Ech wollt awer dervu profitéiere fir de Schäfferot un eppes ze erënneren, wat ech hei schonn x-Mol versprach kritt hunn. Ech hu schonn e puermol nogefrot fir datt den Härtegrad vun eisem Waasser soll bekannt




gemaach ginn, wat wichteg ass fir d'Doséierung vum Wäschmëttel. Ech sichen ëmmer erëm verzweiwelt um Site vun Diddeleng no där Zort Informatioun an no anere Informatiounen iwwer eist Drénkwaasser. Et wier flott wa mer nieft där Broschür, déi eraus kënnt, och d'Informatioun vun där Broschür op de Site vun der Gemeng Diddeleng sëtzen, well do geet ee jo fir d'éischt nosiche wann ee gär eppes wëll wëssen an do kéinten ouni Weideres och Informatiounen iwwert eist Drénkwaasser stoen.

Vill Leit sinn nämlech veronséchert an zweiwelen un der Qualitéit vun eisem Drénkwaasser, do ass Opklärung néideg.

Wa mer keen an der Gemeng hunn, dee kuerz Erklärunge kéint schreiwen, da kéint een ëmmerhin e Link maachen op eist Waasserwirtschaftsamt.

Et kéint een och vläit Krunnewaasser hei am Gemengerot benotzen amplaz vu Fläschewaasser, dat wär jo och schonn e schéine Gest.

Ech wëll drun erënneren, dat mer, wa mer schonn eng Stad vum Süde wëlle sinn, am Süde kritt een ëmmer Krunnewaasser zerwéiert bei sengem Kaffi. Dat passt also ganz gutt zum Image vun der Stad.

Nathalie Haas (Déi Lénk): Bei Déi Lénk si mir prinzipiell géint sämtlech Erhéijunge vun Taxen, ech mengen awer, datt ech hei zu engem ganz groussen Deel ka Recht ginn, dass ee ganz gutt muss oppassen, wéi ee mam Waasser ëmgeet.

Allerdéngs hu mer och schonn d'lescht Joer am Budget proposéiert, eng Staffelung vum Waasserpräis ze maachen an déi Propos ass och ënnert anerem an der Kommissiounssëtzung gemaach ginn, wou mer och eng Äntwert vum Här Manderscheid kruten. Wou ech awer wëll drop hiweisen, ass, datt ech mer dann awer d'Fro stellen - wann dat Argument kënnt, eng Staffelung kéinte mer awer net dra bréngen oder dat dee Moment deen éischten Deel géing gratis zur Verfügung gestallt gi vum Waasser, net pro Stot mä op de Kapp – wisou ass dat zu Monnerech méiglech wann et hei net méiglech ass?
Natierlech muss een op där enger Säit oppassen, wat gëtt u Waasser verbraucht, natierlech muss een de Leit dat soen a mir mussen dodrop oppassen, fir eis an eis Ëmwelt.Op där anerer Säit musse mer awer och oppassen, datt mer do net an en Eck gedrängt gi wou mer de Problem kréien, datt mer Leit hunn, déi Problemer hu fir sech Waasser kënnen ze leeschten.

Als Lénk begréisse mer extrem a sinn och dankbar derfir, datt mer bei der Allocation à la vie chère eng Erhéijung virfannen, déi dann zu engem gewëssen Deel géing kompenséieren.
Nichtsdestotrotz enthale mir eis genee aus deene Grënn well mer och schonn eng Staffelung vum Waasserpräis virgeschloen hunn.

René Manderscheid (LSAP -Schäffen): Ech komme fir d'éischt op dem Här Gangler seng Fro zu der Directive zeréck. Mir hunn alle Membere vun der Kommissioun en Dossier ausgedeelt gehat, do sinn e ganze Koup Tabellen dran an do sinn och op der éischter Säit 5 Simulatioune gemeet gi vum Waasserpräis.

Fir präzis op Är Fro ze äntwerten, mat deenen 2,50 Euro komme mer där Saach relativ no, sou datt mer an deenen nächsten 3 bis 4 Joer net méi onbedéngt musse mam Waasserpräis an d'Luucht goen. Ech schwätzen just vum Waasserpräis, net vum Kanal, dat ass erëm eng aner Diskussioun. Mam Waasserpräis si mer zimlech no un der Wourecht an domat komme mer elo eng gewëssen Zäit duerch de Bësch.

Betreffend déi Fro zum Härtegrad vum Waasser, mir hunn an der Broschür Angaben iwwer d'Chimie, do si Saachen uginn ewéi Magnesium, Nitraten, Sulfaten, ech wäert eisen Techniker beim Waasserwierk awer bieden, och den Härtegrad dran ze setze fir dass mer komplett sinn. Déi kënnt och op de Site.
Dat Wuert "gestaffelte Waasserpräis" taucht ëmmer erëm op an et kann een net soen, wat zu Monnerech geet, muss och hei goen, dat kann een net vergläichen. Mir bleiwe bei eiser Politik, wéi mer se hei proposéiert hunn an ech soen deene Leit Merci, déi dat matstëmmen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Loosst mer zum Vote kommen, engersäits **d'Hausse vum Waasserpräis**, déi Taxe gëtt gehuewe vun 2,05 op 2,50 Euro. Wie stëmmt deem zou? Dat ass LSAP, CSV an Déi Gréng.

**Wie stëmmt deem net zou? Keen.**
**Wien enthält sech? Déi Lénk.**



Dann dee selwechten Exercice fir d'Hausse vum Ofwaasserpräis, déi Taxe vun 1,80 op 2,00 Euro.

**Wie stëmmt deem zou? LSAP, CSV an Déi Gréng. Wien enthält sech? Déi Lénk.**

### 5. Gemengefinanzen - Gaztariffer

Am virleschte Gemengerot hate mer vun der Durchlaufgebühr vun Oktober, November an Dezember geschwat, wou mer als Propriétaire vum Gasréseau als Gemeng jo da fakturéiert kréien, déi Zouliwwerung op d'Gemeng Diddeleng, d.h. CREOS fakturéiert eis de Volet vum Gas a mir mussen dat jo da weider fakturéieren u SUD-GAZ, respektiv un ENOVOS. Do gëtt e ganz savante Calcul gemaach um Niveau vun de Molekülen. Hei ass dann am Fong eng Taxe, déi ëmgeännert gëtt fir d'ganzt Joer vum 1.1.2016 bis den 31.12.2016 an do sinn Haussen, déi stattfannen um Niveau vun der Composante Volume, respektive vun der Composante capacité, virun allem an der Kategorie G4-G16, dat sinn d'Haushalten, G25-G40, respektiv d'Locatioun vum Compteur, d'Redevance mensuelle fixe, déi bleift am Fong bal d'selwecht, dat ass eng liicht Hausse, déi do stattfënnt. Engersäits verbuche mer dat als ordinaire Dépense an et gëtt dann eng Recette, also ass et am Endeffekt eng Nulloperatioun. Dat als Erklärung fir déi heiten Taxerhéijung.

**Ass de Gemengerot mat deem Calcul averstanen? Dat ass unanime.**

### 6. Genehmegung vun den Devis estimatifs

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer zu den Devis estimatifs. Mir hunn net all eenzel Punkten an der Budgetsdiskussioun erläutert well mer einfach déi Zäit net haten an ech wëll déi Devis-estimatifen dann elo hei duerch huelen an da stinn se zur Diskussioun. Si betreffen alleguerten de Budget 2016.

- Annexe vun de Pompjeeën - d'Sanitairen, de Chauffage an natierlech de Buedem, et ginn nei Plättercher gemaach - 58.000,00 Euro
- Ateliers communaux - dat ass de Salzdépôt, dee frësch gemaach muss gi fir datt e méi operationell ass, och fir d'Camionen, déi dann ënnert de Silo ginn a mat Salz gefëllt ginn. De Moment geschitt dat deelweis nach mat der Schëpp a mam Bagger, also gëtt dat moderniséiert - 140.000,00 Euro.
- Schoul Balzeng, de Local de nettoyage - 85.000,00 Euro
- Schoul Brill – Plafond acoustique an alle Schoulklassen – 21.000,00 Euro
- Schoul Brill – Erneierung vun 159 Fënsteren - 380.000,00 Euro
- Schoul Brill - de Sous-sol gëtt frësch gemaach nodeem den CAD-Power eraus gaangen ass – 65.000,00 Euro
- Gemengenhaus – Signalétique dynamique an Ticketing – 70.000,00 Euro
- Haus Nummer 106 an der Rue de l'Hôpital – Renovatioun – Do sinn Infiltratiounen, morsch Maueren, den Dach, dee muss sanéiert ginn, d'Fassad muss reparéiert ginn - 70.000,00 Euro
- Service Ressources humaines – Nei Miwwelen a Büroen – 34.000,00 Euro
- Musée municipal / Galerie Nei Liicht – Dach an Isolatioun – 115.000,00 Euro
- Nummer 77, Rue Adolphe – Stützmauer frësch maache well déi bréckelt an do musse Stabilisatiounsaarbechte gemaach ginn aus Sécherheetsgrënn well et op der Voie publique ass – 140.000,00 Euro (70.000,00 Euro dëst Joer a 70.000,00 Euro d'nächst Joer)
- Schoul Strutzbierg – Isolatioun vun der Dall – 30.000,00 Euro
- Centre sportif René Hartmann a Park beim Lycée Nic Biever – Réaménagement vum Park an den Alentouren – 1.200.000,00 Euro fir datt dee Park anescht genotzt ka ginn
- Stroosse Boujel a Curie - Raclage a Refektioun - 550.000,00 Euro
- Réseau vum Gas – 500.000,00 Euro am Kader vun de Chantiere mat der Post, op fënnef Joer verdeelt, 100.000,00 Euro pro Joer
- Avenue Grande Duchesse Charlotte - Réaménagement - 3.500.000,00 Euro. Hei ass dee ganze Deel mam Mobilier urbain, mam neie Bus-Arrêt, dee mer do installéieren, mat deenen néidege Plantatiounen. Déi 3 Phase vum Shared space wäerten am ganze bal 6 Milliounen Euro kaschten.
- Kanalisatioun vun Eaux mixtes – 760.000,00 Euro, och déi 3 Phasen
- Remaniement Chantier vun der Post – 2015 bis 2019 – 800.000,00 Euro (200.000,00 Euro pro Joer)
- Complexe scolaire Strutzbierg B – Mise en sécurité vum Sous-sol – 30.000,00 Euro
- Centre sportif René Hartmann – Kaltbad (CRYO-Spa) – 64.000,00 Euro



- Salle Fos Grimler – Buedem frësch maachen – 215.000,00 Euro
- Drénkwaasserleitung Avenue Grande-Duchesse Charlotte – 400.000,00 Euro, dat ass de Volet vum Shared space
- Schoul Butschebuerg – d'Iolation thermique vun der Dall vum Gymnase – 60.000,00 Euro
- Gasleitung Avenue Grande-Duchesse Charlotte (Shared space) 400.000,00 Euro
- Maison sociale – Miwwelen - 75.000,00 Euro
- Rue du Nord - Kanalisatioun Eaux mixtes - 500.000,00 Euro
- Drénkwaasseréseau am Kader vun Aarbechte vun der Post – 500.000,00 Euro (5 Mol 100.000,00 Euro)
- Rue du Commerce – Réaménagement ronderëm d'Maison sociale – 200.000,00 Euro
- Am Duerf – Acquisitioun vun 2 Appartementer vum subventionéierte Wunnengsbau – mat Keller a Stellplaz am ënnerierdesche Parking, eng équipéiert Kichen, am Ganzen 78 Quadratmeter, 2 Zëmmeren - 800.000,00 Euro
- Devis remanié Roudebierg – Verstäerke vum Drénkwaasserréseau, do war en Devis initial vun 100.000,00 Euro, dat kascht elo 150.000,00 Euro
- Devis remanié Route de Zoufftgen – Verleeë vun enger Drénkwaasserleitung, do war en Devis initial vun 75.000,00 Euro, dat kascht elo 275.000,00 Euro
- Devis remanié Route de Zoufftgen – Verleeë vun enger Gasleitung, do war en Devis initial vun 85.000,00 Euro, dat kascht elo 285.000,00 Euro
- Devis remanié Rue Pierre et Marie Curie – Verleeë vun enger Drénkwaasserleitung, do war en Devis initial vun 20.000,00 Euro, dat kascht elo 115.000,00 Euro
- Devis remanié Rue Edison – Verleeë vun enger Drénkwaasserleitung, do war en Devis initial vun 8.000,00 Euro, dat kascht elo 45.000,00 Euro
- Devis remanié Rue Pierre et Marie Curie - Verleeë vun enger Gasleitung, do war en Devis initial vun 14.000,00 Euro, dat kascht elo 105.000,00 Euro
- Devis remanié Rue Edison – Verleeë vun enger Gasleitung, do war en Devis initial vun 6.000,00 Euro, dat kascht elo 43.000,00 Euro
- Avenue Grande-Duchesse Charlotte – Shared space - Erneierung vun der Kollektivantenn, déi gëtt ënnerierdesch verluet – 112.000,00 Euro
- Parking Centre sportif René Hartmann – Erneierung vum Éclairage public – 60.000,00 Euro
- Éclairage public – Moderniséierung vun der Krëschtbeliichtung – 64.250,00 Euro
- Avenue Grande-Duchesse Charlotte – Shared space - Éclairage public, Sonorisatioun a verschidden elektresch Ausrüstungen – 280.000,00 Euro
- Rue Fleming - Ersetze vum Transformator, deen net méi ausbaufäeg ass a keng Reservë méi huet – 35.000,00 Euro

Esouvill zu den Devis-estimatifen, duerno kommen nach d'Décompten. D'Diskussioun ass op.

Colette Kutten (Déi Gréng): Ech wollt nach gär wëssen, déi Devis-estimatifen z.B. vum Centre Hartmann, fir d'Alentouren, ginn déi elo definitiv hei ofgestëmmt? Et ware jo keng Pläng am Dossier a mir hu keng gesinn. Mir hätte jo vläit bei de Bureau technique kënne goen, mä et ass jo och net esou, dass all Member vum Gemengerot kann dohi goen, déi gi jo geckeg wa mir all eenzel dohinner trëppelen. Gëtt dat nach eng Kéier opgegraff oder kréie mer elo hei zousätzlech Erklärungen, wat den Inhalt ubelaangt? Mer stëmme jo awer net esou en Devis, dee finanziell héich ass, wa mir kee Plang gesinn hunn an eis net kënne virstellen, wéi dat ausgesäit. Wann déi Diskussioun awer elo hei gefouert gëtt, an dat wëll ech hoffen, dann ass et awer esou, dass mer déi Leit vum Office social esoulaang hei sëtze loossen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mir hunn hei déi selwecht Prozedur wéi bei der Presentatioun vum Budget, wéi all Joer. Et ass keen neie Moment wat d'Devis-estimatifen ugeet an natierlech kann hei eng Diskussioun stattfannen. An de Shared space ass jo virgestallt. Sinn nach aner Froen zu den Devisen?

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech schléisse mech menger Virriednerin un, ech fannen, hei sinn awer ganz grouss Projeten dran. Dir hutt gesot, de Shared space géif d'Diddelenger Gemeng am Ganze 6 Milliounen Euro kaschten, fir dat elo hei rupp der dupp ze décidéieren, duerchzewénken, ouni dat nach eng Kéier in extenso virzestellen, dat geet net. Net jidderee kann dohinner goen a sech dat vu Fachleit erkläre loossen. Oft si mer op dee Wee gaangen, datt mer Fachleit hei bei eis haten. Et gëtt nach Villes ze beschwätzen an et gëtt ganz vill Froen. Et ass awer derwäert fir déi Punkte méi seriö ze behandele mat Experten hei sur place. Dat zu deenen zwee Punkten. Ech fänken dann einfach vir un an ech kommen zu der Annex Pompjeeën, do ass d'Fro: Wéi steet et mam Gesamtkonzept vun deem ganzen Areal, do ass ëm-



mer gesot ginn, mir musse kucken a wéi eng Richtung mer gi mat där ganzer Surface, Do war eng Demande gemaach gi fir dat ze klasséieren, dat ass och vu Sites et Monuments klasséiert ginn.- Wéi gesäit dat aus, kréie mer do e Subsid, wa mer bannen am Gebai eppes veränneren. Dat war déi éischt Fro.

Dann zum Dépôt de sel, 140.000,00 Euro, dann denkt een awer, Mann o Mann, dat ass awer deier fir dat d'Aarbechter net méi musse mat der Schëpp d'Salz an den Auto geheien. Bon, wann dat dann esou muss sinn, wann dat haut des Daags esou üblech ass, da wäert dat alt e Poste sinn, deen ee mat muss droen, mä et ass en immensen Invest. Dann ass meng Fro och,: Mir si jo amgaang ze iwwerleeën, d'Atelier-communauxen eng Kéier entzwousch anescht ze maachen, ass dat doten dann elo eng Installatioun, déi amovibel ass an déi mer kënne mathuelen? Net, dass mar dat nom Plënneren nach eng Kéier kënne votéieren.

Eng weider Fro: Wat ass an der Schoul Balzeng en Aménagement vun engem Local de nettoyage fir 85.000,00 Euro? Dat musst der eis emol erklären an et wier gutt wann een emol e Plang gesinn hätt well och an der Gaffelt am Neibau gëtt e Local de nettoyage opgeriicht, anscheinend e Raum fir d'Botzpersonal, woubäi ech mech froen, wa mer elo op de Wee ginn, datt all Schoul e Raum fir d'Botzfraen, de Portier kritt, dann ass erëm eng Millioun fort.

An dann an der Schoul Brill, Réaménagement du Sous-sol, dat si 65.000,00 Euro: Et wier interessant, emol nozevollzéie wéivill mer do eréischt do investéiert haten. Dat war e Riiseninvest deemools wéi den CAD-Power eragesplënnert ass, war dat alles fir d'Kaz oder firwat musse mer elo awer nach eng Kéier esouvill no investéieren? Dann ass och meng Fro, firwat kënnt eng Kitchenette an de Keller vun der Briller Schoul?

Dann am Haus op 106, rue de l'Hôpital, do hutt der gesot, datt d'RMG-Equipe dat Haus benotzt. Ech weess guer net, wat dat ass? Ass dat dat Gebai dat mer eng Kéier viru Joere kaf hu fir datt d'Veräiner hir Aktivitéiten do maachen. Ass dat net en Haus, dat dem CHEM gehéiert? Ass et dann net un deene fir dat ze aménagéieren? Ech hätt do gären Detailer, wat dat Haus do ubelaangt.

Réaménagement des alentours du parc dat sinn awer ëmmerhin 2,5 Millounen, hei stinn zwar e puer Detailer dran op enger klenger Säit notéiert awer wat elo genee do geplangt ass, wär interessant dat ze gesinn. Wéi get et mat de Beem, déi do sinn, ginn déi geschützt? Dat ass no dem Problem bei der Kierch jo awer wichteg. Wann dat Areal zum Lycée gehéiert, wéi eng Participatioun kréie mer dann do vum Staat well dat misst jo awer opgedeelt ginn.

Dann zum Thema Shared space: Dat ass jo awer e wichtege Punkt fir op den Ordre de jour fir datt jidderee sech positionéiere kann zu där ganzer Approche, wéi mer dat maachen. Dat ass en Invest vu 6 Milliounen, dat ass jo awer schliisslech net näischt an och wa mer eréischt déi éischt Phas stëmmen, ass dat awer derwäert, in extenso driwwer ze diskutéieren. Hale mer eis un dee Projet, deen 2004 vum Architektebüro Nico Steinmetz proposéiert ginn ass? Wann ech awer elo kucken, alleng de Belag ronderëm d'Kierch an alleng de Belag vun de Weeër am Monopolspark, dat ass net dat, wat deemools bei Nico Steinmetz am Projet war. Beliichtung, wéi eng Luuchte kréie mer, wéi eng Litfasssäule kréie mer, wéi eng Bushaiserchen, dat war deemools e ganz detailléierte Projet, dee mega interessant war, an et wär derwäert gewiescht, dat ze diskutéieren an allgemeng zum Vote ze stellen.

Natierlech freeë mer eis datt dat Thema Shared space, dat mir deemools viru laange Joren als éischt hei erwänt hunn an den Här Theobald als Verkéiersschäffen d'Ae gerullt huet, an datt dat mëttlerweil an alle Bänken en unerkannten Term ass. Do gehéiert och derzou, de Reaménagement vun der neier Avenue Grande Duchesse Charlotte. Wéi ass et mat de Beem ronderëm d'Kierch? Dat ass och an deem Shared space Areal. Wat hunn déi kascht, wien huet déi bezuelt, wat sinn d'Indemnitéiten, déi mer kritt hu fir de Schued? Wou kommen déi nei Beem hin? Wat sot de Ministère de l'Environnement, deen eis seet wéivill Setzlinge mer musse planzen, etc. Dat gehéiert jo awer alles zu deem Konzept derzou.

Am Budget goung och Rieds vun enger Spillplaz am Areal vun "Am Duerf", do goung Rieds, datt e Waasserspill dohinner kënnt. Wat geschitt mat der Neumannplaz, wou kënnt dat Denkmal hin? Do si Froen iwwer Froen. Wann Dir elo Zäit hutt, dat nach alles hei ze beäntweren, mä eis Propose ass, dës zwee Artikelen erauszehuelen a mol eng Kéier dem Gemengerot an och der Allgemengheet ze presentéieren. D'Leit sinn och interesséiert, gewuer ze gi wat dann elo iwwerhaapt geplangt ass. Mir kréien hei Zuelen a Begrëffer, domat ka kee vun eis schrecklech vill ufänken awer mat engem



flotte Plang wäre mer besser zervéiert gewiescht.

Weider am Programm, de Buedem nei maachen an der Salle Fos Grimler dat ass eng laang Demande vum Basket, déi och scho Fotoe gepost haten op Facebook mat den Dégâten, dat ass eng absolut néideg Investitioun. A wann ech da kucken, dat ass jo eng Hal, déi haaptsächlech eisem T71 zegutt kënnt, mat 215.000,00 Euro, ech mengen, wann ee kuckt, wat mir fir de Fussball ausginn, dann ass dat en Devis, dee mer mat zwou Hänn ënnerschreiwen.

An dann zum Beispill och nach: Acquisitioun vun zwee Appartementer fir den Aménagement vu Logement-sociauxen. Bravo! Do si mer natierlech immens frou! A wien hat dat dann ëmmer erëm gesot? D'CSV hat dat gesot. Firwat huele mer net vun deenen 10 vun de Logement-sociauxen, déi musse gebaut ginn, 2 dovun a ginn déi an eise Pool eran. Bravo, datt de Schäfferot dorop agaang ass, mä do muss een awer och derzou soen, mir wëssen, datt dat zu 70% subventionéiert gëtt, mä mir hunn awer och déi onangenehm Iwwerraschung krit, datt mer ganz vil Subsiden net kritt hunn, déi mer eis ausgerechent haten, well dat plafonéiert gëtt. Wéivill kréie mer dann do elo vum Ministère? Sinn dat wierklech déi 70% vun 800,000,00 Euro oder ass dat e manner héijen Taux wéi mer leider hu misse feststellen, wéi mer de Budget ausgeschafft hunn, wéi et fir aner Sozialwunnenge war. Wéi gesot, do huelen ech un, dass déi zwee Appartementer an de Pool vun de Wunnenge ginn, déi den Office social geréiert. Dat ënnerschreiwe mer mat zwou Hänn well mir jo schliisslech déi eenzeg waren, déi ëmmer gesot hu fir dat doten ze maachen.

Jean-Paul Gangler (CSV): D'Madame Kayser huet an hirem Élan praktesch alles gefrot, wat ech och wollt froen. Ech kommen zeréck op déi Local-de-nettoyagen an de Schoulen, baséiere mer eis do op iergendee Gesetz oder op eng Revendikatioun vun der Inspection du Travail et des Mines, datt mer dat obligatorescherweis musse maachen? Oder maache mer dat einfach fir e klenge Plus ze maachen? Dat wëll ech gär wëssen. Gëtt et do eng rechtlech Basis, déi eis dozou bréngt, dat mussen ze maachen?

An dann déi Verglasung an der Schoul Brill: Dat ass jo ee Gebai, wat vun der Gréisst hier vergläichbar ass mat der Gemeng, do wéilt ech gär wëssen, hunn ech nëmmen den Androck oder ass dat wierklech esou, datt déi Duebelverglasung do vill méi deier ass wéi déi Dräifachverglasung vun eisem Gemengenhaus? Ech hunn d'Zuelen net bei Hand vun der Gemeng deemools, mä dat war méi bëlleg ewéi hei bei der Duebelverglasung vun der Schoul Brill.

Da si mer beim Raclage vun de Stroossen, hutt der vläit eng Iddi, wat fir eng Stroossen dat sinn? Et wier interessant fir déi Leit, déi an deene Stroosse wunnen a betraff sinn, dass déi wëssen dass hier Strooss nei gemaach gëtt.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat hat ech awer gesot: Boujel a Curie.

Jean-Paul Gangler (CSV): Firwat si bei den Devis-remaniéen d'Montante esou schrecklech vill méi héich wéi beim Ufanksdevis? Vun 20.000,00 Euro op 115.000,00 Euro oder vu 6.000,00 Euro op 43.000,00 Euro, dat ass jo enorm. Kann ee sech da bei engem éischten Devis esou schrecklech verrechnen oder kommen do esou fierchterlech Saachen derbäi, datt dat esou héich gëtt? Et ass jo schwéier fir eng Gemeng, anstänneg ze plangen, wann se sech op esou enorm Steigerunge muss gefaasst maachen.
An da meng lescht Fro: Dat passt elo ganz gutt an dës Zäit, an eng Zäit, wou an enger Nopeschgemeng de Krëschtmaart zu engem Wantermaart degradéiert ginn ass a wou e Krëschtbeemchen nëmmen nach e Wanterbeemchen ass. Mir hunn awer nach ëmmer als Gemeng de Courage, datt mer eng Krëschtbeliichtung maachen. Mir hu Leit gesot, datt mir déi schéinste Beliichtung hätten an déi ass anscheinend komplett op LED ëmgestallt gi fir datt se méi spuersam soll sinn. An elo liesen ech hei vun engem Devis vu 64.250,00 Euro fir eng nei Beliichtung. Firwat? Ass déi al net méi gutt a firwat huet dat mat der LED-Ëmstellung no engem Joer näischt bruet?

Romaine Goergen (Déi Gréng): Wann ech dat richteg verstanen hunn, huele mer d'Niddeschgaass an de Park eraus an da kënne mer eis Remarquen dozou zu engem spéideren Zäitpunkt maachen.

Effektiv, zu den Devis-remaniéë muss ee sech awer wierklech Froe stellen. Ech denke jo, datt déi Frais d'étude duerno komm si well sech iergend eppes erginn huet, wat néideg gemaach huet, zousätzlech



Investissementer ze maachen? Mä esouwuel bei der Gasleitung an der Pierre et Marie Curie-Strooss wéi och bei de Waasserleitungen ass jo eng enorm Steigerung vum Devis. Do hätte mer awer wierklech gär zousätzlech Informatiounen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech probéieren, op déi verschidde Froen eng Äntwert ze ginn. Shared space - Mir hunn domat absolut kee Problem. Et gouf eng Reunioun mat de Leit, déi do wunnen an och de Geschäftsleit an och de Gemengerot war invitéiert ginn, wéi mer de Shared space virgestallt hunn.- Deen doten Devis an den Devis fir d'Aménagementer ronderëm d'Sportshal an de Park, wou mer kee Subsid vum Staat kréien, well d'Gemeng Propriétaire vum Park ass an net de Staat, muss gekuckt ginn, wien d'Gestaltung mécht, dat kucke mer zesummen. Et kënnt keng finanziell Participatioun derbäi.

Mir hu kee Problem dermat fir déi zwee Devisen erauszehuelen a kee Problem fir am Januar en informelle Gemengerot ze maachen, wou ee mat den Architekten dat doten nach eng Kéier presentéiert an an engem offizielle Gemengerot dann nach eng Kéier déi doten zwee Devise mat op den Ordre du jour hält an zum Vote bréngt, well nämlech haut och nach fir deen nächste Gemengerot aner Devise, wat d'Joer 2016 ugeet, mat drop kommen. Mir maachen dat jo ëmmer an zwou Etappen, da kann een de Wee goen, déi doten zwee Punkten ofzedecken.

Da ginn ech op déi verschidde Froen an.

D'Madame Kayser huet gefrot par rapport zum Gesamtkonzept. Dee ganzen Areal ass klasséiert, d'Gemengenhaus, de Kiosk, hannen d'Gebaier, d.h. all Interventiounen, déi mer maachen, mussen ofgestëmmt gi mat Sites et Monuments. Mir maachen elo d'Toilettë frësch dat fält net ënnert de Subventionnement vu Sites et Monuments. Wa mer d'Police-Gebai frësch maachen, ass dat eng aner Saach.
Wat mer hei wëlle maachen, ass engersäits natierlech d'Police-Gebai frësch ze maachen, dat ass een Deel vum Konzept, datt mer déi existent Gebaier esou oprüsten, datt erëm modern Büroen do opgeriicht kënne ginn, déi konform sinn.
Den Dépôt de sel ass amovibel. Wa mer eis zukënfteg Atelieren op Nei Schmelz maachen, kann dee matgeholl ginn.
Dann zu där Fro iwwer de Local de nettoyage. Ech muss awer hei soen, datt ech awer e bëssen erstaunt sinn, well all Beruffsspart, an dat ass net nëmmen hei esou, déi eng Aarbecht ausübt, huet e Lokal (respektiv e Büro) wou se hier Aarbecht kann ausféieren. Elo kann ee soen, d'Gemengebotzpersonal bräicht kee well se jo solle botzen, mä och déi brauchen e Lokal, wou se hirt Material kënnen niddersetzen, wou se mol eng Paus kënne maachen. Do ass am Fong iwwer déi lescht Joeren an eise Schoulgebaier ni dru geduecht ginn an do, wou mer Plaz hunn, wou mer konnten norüsten, do hu mer dat gemaach. Et ass och eng Saach vu Responsabilitéit an Dignitéit, dass een dem Botzpersonal e Lokal zur Verfügung stellt, wou se hiert Material hi maachen, eng Paus aleeën a sech zeréck zéie kënnen. Dat schéngt mer dat Elementaarst ze sinn, mä et ass oft vergiess ginn. Et ass kee Gesetz, mä et ass awer ganz kloer eng Prioritéit a vu Wäertschätzung.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech hunn nach eng Zousazfro: Sinn dann d'Botzfrae fix de ganzen Daag affektéiert an enger Schoul oder wéivill Stonne sinn d'Botzfraen dann an der Schoul? A mir hu jo awer och Portierswunnengen an de Schoulen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Normalerweis hunn se eng fix Affektatioun. Eng Portierswunneng ass eppes ganz Aneschtes wéi e Local de nettoyage fir d'Botzfraen, wou déi eng Paus kënne maachen an hiert Material stockéieren. Dat muss jo grëffbereet sinn, dat kënne mer net an eng Portierswunneng maachen, déi oft um leschte Stack ass. Dat muss operationell sinn an deem gëtt hei am Balzeng-Gebai an op anere Plaze Rechnung gedroen.

Dann de Brill: Déi Kitchenette ass keng Kichen, et ass einfach eng kleng Kitchenette wann en Atelier wéi Art à l'école ass, dass een do mol ka seng Hänn wäschen, datt een e Produit kann ofbotzen, et ass an déi Richtung geduecht.

Wat 106, rue de l'Hôpital ugeet, do ass d'Gemeng Propriétaire vun deem Gebai, dat ass e Gebai, dat net méi konform ass a wou mer frësch maache well do och d'RMG-Équipe hir Aarbechte ronderëm mécht, respektiv wann se vun do aus fort gi fir am Quartier Schmelz hiren Tour ze maachen. Dat ass e Gebai, dat instand gesat muss ginn an do fänke mer mam Dach un, well do Material läit vun der Gemeng.



Eng Participatioun vum Staat fir d'Alentoure vun der Sportshal, respektiv beim Park gëtt et net.
Wat d'Beem ugeet, déi si frësch geplanzt ginn.

Déi Appartementer an "Am Duerf", do seet d'CSV et wier hier Iddi gewiescht. Den Office social décidéiert mat, ob se déi Kapazitéit hu fir dat Ganzt ze géréieren. Vu datt mer Feu vert kritt hunn, hu mer déi zwee Appartementer kaf an déi 70%, déi mer kréien, sinn natierlech um Appartement.

Wat dem Här Gangler seng Fro ugeet iwwer de Brill, dat ass eng aner Affektatioun, dat gëtt kannergerecht gemeet. Deen Invest, dee mer deemools getätegt hunn, war net vir näischt, mä et muss en Aménagement gemeet ginn, wou Kanner sech kënnen ophalen. Virdru war et fir Erwuessener, dat war e Fitnessraum. De Raclage, wéi gesot, gëtt an de Stroosse Boujel a Curie gemeet.

D'Kältebad wäert vu méi ewéi dräi Persoune genotzt ginn. D'Sportler wäerten dat appréciéieren, dat war och eng Demande vun hinnen.

Betreffend d'Devis-remaniée par rapport zu der Post: Et war eng Zouso komm, dofir sinn d'Devisen esou niddereg ausgefall, quitte datt mer herno hätten Devise misse stëmmen. D'Post war averstane fir e Préfinancement ze maachen, mä en cours de route hätte mer dee Préfinancement missen zeréck bezuelen. Elo ass et awer esou, datt d'Post kee Préfinancement méi tätegt. Dofir musse mir en Devis remanié maachen an déi Chargen elo ophuelen. Anerwäerts wieren se eis duerno fakturéiert ginn. Et ass just eng aner Approche.

Wat d'Krëschtbeliichtung ubelaangt, denken ech, datt et nach ëmmer déi selwecht ass. De Loris Spina kann eis nach eng Erklärung dozou ginn.

Loris Spina (LSAP – Schäffen): Ech si jo zoustänneg fir gutt Laun ze verbreeden an däser Gemeng an d'Krëschtbeliichtung gehéiert derzou. Do ass eppes deelweis falsch verstane ginn. Déi nei, déi elo bestallt ginn, do ass LED virgesinn, et ass net esou, datt déi al ersat gi sinn. Déi ware laang a flott am Betrib a mir halen déi, déi nach ze récupéréiere sinn an hänken déi aus dem Zentrum eraus op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Wa mer de Shared space maachen, solle mer dann net waarde mat de Luuchte bis mer mol d'Poteauen do stoen hunn?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Par rapport zu deenen heiten Devisen, wéi gesot, de Shared space an de Reaménagement vum Parc huele mer eraus a setzen dat an deem nächste Gemengerot op den Ordre du jour.

Da komme mer elo zum Vote vun deenen aneren Devisen, déi hei leien.

**Wien ass mat deenen Devisen averstanen?**
**D'LSAP, déi Gréng an Déi Lénk.**
**Wien ass dergéint? Keen.**
**Wien enthält sech? D'CSV.**

### 7. Genehmegung vun den Décompten

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Elo komme mer dann zu den Décompten. Den Décompte par rapport zu der Rue Karl Marx-Rue de l'Etang, dat war déi Mauer, déi mer gebaut hunn, dat war e Budget vun 180.000,00 Euro an d'Dépense effective war 166.878,32 Euro iwwer d'Budgetsjoer vun 2014 bis 2016 an do ass och déi Contrepartie financière vun der Famill Bausch komm vun 38.000,00 Euro.

Dann de Stade Meyer, den Terrain synthétique, do war den Devis 1.600.000,00 Euro an d'Dépense effective 1.584.411,79 Euro am Budgetsjoer vun 2012 bis 2015. Do hu mer e Subsid vun 303.000,00 Euro vum Ministère des sports kritt.

D'Maison-relais Strutzbierg, d'Extensioun um 2. Stack, dat war en Devis vun 1.705.00,00 Euro an eng Dépense effective vun 1.635.609,04 Euro iwwer d'Budgetsjoer 2013-2014-2015 an do krute mer och vum Ministère de l'Éducatioun nationale e Subsid vun 852.500,00 Euro.

Ass de Gemengerot mat deenen Décompten averstanen?

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech géif proposéieren, separat ofzestëmme well mir deen Devis fir deen deieren Terrain synthétique deemools net mat gestëmmt haten.



Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Soss nach separat Ofstëmmungen?

**Wien ass da mat deenen Décompten averstanen, dee vum Terrain synthétique erausgeholl? Dat ass unanime.**
Da komme mer zum Terrain synthétique: **Wien ass da mat deem Décompte averstanen? Dat ass d'LSAP, déi Gréng an Déi Lénk.**
**Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.**

**8. Genehmegung vun den Subsides extraordinaires**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer nach zu de Subsiden:

- 8.463,39 Euro, e Subside extraordinaire fir d'Société avicole als Participatioun un der Renovatioun vun hirem Dach. Dat Gebai fält un d'Gemeng zeréck wann si hir Aktivitéite géingen ophalen.
- 3.670,35 Euro fir de Grupp Gréng Scouten a Guide fir zwou Kichen an en Zelt mat ze finanzéieren. Do ass et esou, dass deen dote Montant 25% ausmécht vum globale Montant, do si 50% vum Ministère iwwerholl ginn a mir hu gesot, vun deene 50%, déi nach opstinn, iwwerhuele mir 25% an de Rescht 25% muss de Grupp selwer droen.
- 2.250,00 Euro fir den Dëschtennis, 500,00 Euro fir den 1. Tour an der Coupe d'Europe a fir den 2. Tour 750,00 Euro a fir d'Aachtelsfinale 1.000,00 Euro.
- 1.561,20 Euro fir de Cercle de billard, deen zwee Billardsdëscher renovéiert huet.
- 100,00 Euro als Subsid fir Krank Kanner Doheem.

**Ass de Gemengerot mat deene Subsiden averstanen? Dat ass unanime.**

## 4.OFFICE SOCIAL

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Komme mer zum Punkt Office social vum Budget 2016. Di hunn eis eng Presentatioun gemaach fir datt mer en Abléck an déi ganz wichteg a wäertvoll Aarbecht kréien, déi si maachen.

Conny Théobald (President vum Office social): Dat heiten ass ëmmer eng Geleeënheet, e Bréckeschlag ze maache fir den Office social vum verflossene Joer mam aktuelle Joer de Rectifié ze presentéieren an en Ausbléck op d'Zukunft, d.h. op deen nächsten Exercice ze maachen.

De Rapport d'activité 2014 ass de 27. November vum Verwaltungsrot eestëmmeg ugeholl ginn, wéi och de Rectifié 2015 an de Budget 2016 den 13. November vum Verwaltungsrot ugeholl gi sinn a mir kommen elo bei Iech fir ären Accord ze kréien an an engems Merci ze soe fir déi grouss Hëllef, déi Dir eis am Laf vun deene Joere ginn hutt.
Et ass 2011 eng nei Zäit ugaang mat deem Établissement-public, dee mer hunn.

Dëse Rapport d'activité, mat deem ech ufänken, wäert e bëssen en anert Gesiicht hu wéi déi vun deenen 2 Joere virdrun, well mer op Wonsch vum Verwaltungsrot méi mat Graphiquen a manner mat Text schaffen an et ass och dat, wat mer en Zukunft wäerte maachen.

Bei verschiddene wichtege Positiounen hu mer e Réckbléck bis op 2011 gemaach fir datt een och e Suivi vun den Aktivitéite behält. Ech wëll virausschécken, dass mer och eng nei Notioun hunn, wat d'Clienten ugeet.



Mir hunn am Laf vun deene leschten 3 Joer ronn 4 879 Clientë gehat a mir hunn alleng am Joer 2014 955 nei Kontakter gehat. Virdru si mer mat Ménagë gefuer, elo schwätze mer vu Kontakter well mer all Kéier do déi Leit erfaassen, déi mer och touchéieren. Virdru war et ee Ménage, dat war dann eng Persoun, een Dossier, mä elo hu mer alles wat an deem Ménage mat dran ass, d.h. och d'Kanner mat dran, well déi si jo och vun deenen Hëllefe betraff. Mir fannen dat méi richteg.

Op dësem Slide gesitt der d'Opdeelung vun deene Kontakter, déi mer haten, do ass virun allem och déi Rubrik vun de Célibatairen, do sinn och d'Monoparentauxen dran. Mir hunn déi Donnéeën aus der Populatioun, déi kennen déi Notioun net vu Monoparentauxen, dat sinn net d'Ménagen an do sinn d'Kanner mat dran.

Dir hutt alleguer am Detail déi Opschlësselungen an Ärem Dossier, mir huelen elo just déi Haaptpositiounen eraus. Dat do entsprécht 8 041 Ménagen, déi mer bis den 31.12.2014 haten an do kann ech soen, no der aler Notioun hate mer 10,1% vun de Ménagen, déi eemol am Joer de Kontakt mam Office social hate fir eng Hëllefstellung ze kréien.

Op deem nächste Slide gi mer eriwwer an dat ass dat wat ech ëmmer soen, den ënneschten Deel vum Äisbierg, déi sechs Siwentel, déi ënnert dem Waasser leien, dat sinn alleguerten déi Aides non financières, déi mer ginn a mir hu vun 2014 3 619 Dossiere gemaacht an dat huet 5 555 Akten entsprach. Dat wëllt awer och soen, dass dat doten net nëmmen Hëllefstellunge sinn, mä och Orientatiounen, Enquêten, administrativ Hëllefstellungen, Beäntwere vu Froen, Orientatiounen a Richtung Chômage, Emploi a Logement. Et sinn awer och déi Hëllefen, déi mer ginn hu wat de Kleederbuttek ugeet, wou d'Gemeng eng Konventioun huet, respektiv mat dem Cent-Buttek, wou mer och eng Aide ginn, oder si si cibléiert op aner Servicer vun der Gemeng, vum Staat oder vun Asbl, wou mer d'Leit weider orientéieren.

Ee vun eisen Haaptpunkten an dat ass elo ausserhalb vun dem Service Logement, dee jo eréischt dëst Joer e bësse gegraff huet a voll 2016 am Budget steet, sinn déi normal Aktivitéiten, déi mer haten am Verwaltungsrot a bei eisen Assistante well dat alleng de Logement ugeet, wou mer Informatioune ginn hunn an d'Leit orientéiert hunn un de Fonds de Logement, un d'Agence immobilière sociale, wou mer Aides au Logement ginn hunn oder d'Leit bei staatlech Instanze geleet hunn.
Dir gesitt um Graphique, wou mir selwer intervenéiert hunn, dat waren zu 51% Loyeren a Kautiounen. Dir gesitt awer och, dass mer 69% vun eise finanziellen Hëllefe beim Logement, respektiv alles wat ronderëm de Logement ass - an do gehéieren och d'Energiekäschten derbäi - iwwerholl hunn. D'Kautioun, d'Loyeren, do gehéiert awer och derbäi et sinn net nëmme Locatairë mä heiansdo Propriétairen, do si mer intervenéiert fir bei Leit, déi hir Heizungskäschten, Repartiounskäschten, oder d'Käschte fir en Dach ze flécken net méi droe konnten, ze iwwerhuele.
Dir gesitt an deem nächste Slide d'Opschlësselunge vun de Secourse vun de Loyere, dat ass e Betrag dee sech vun 2011 bis 2014 praktesch verduebelt huet. Mir hunn eng 50-50-Opschlësselung wou mer Secourse ginn, déi d'Leit net zeréck ze bezuele brauchen, dat anert si Kautiounen, déi den Office social virstreckt, wou mer dann, wann d'Leit aus de Wunnengen eraus plënneren, kucken, dass mer déi Kautiounen erëm kréien.

2016 gëtt en Tournant wat d'Politik am Logement vum Office social ugeet. Ech soen Iech do nach eng Kéier Merci, dass mer den Optrag kritt hu fir d'Gestioun vun deene Wunnengen ze maachen. Mir hunn och do déi Critère-sociauxen 2014 zesummen ausgeschafft an Iech hei presentéiert.

Et ass esou, dass déi Leit, déi eng Mise à disposition vun enger Wunneng kréien, de Projet de vie musse maachen an et ass eis Bestriewen, déi Leit no maximal 36 Méint nees op deem normale Maart eranzekréien, wou mir dann eng Gestion bénévole vun hirem Akommes maachen do wou et néideg ass.
Hei sinn dann elo déi Präisser, wou mer eis renseignéiert hunn, déi dorëmmer gefrot ginn, déi sozial Präisser sinn. Fir d'Wunnenge leie mer do ganz flott mat tëschent 300 bis iwwer 500 bis 1.000 Euro fir en Appartement fir Famille-nombreusen.
Et ass och esou, dass déi Leit, déi do era kommen, déi Loyeren och bezuelen. Mir maachen also do am Prinzip Nulloperatiounen a mer maachen herno eng Balance mat der Gemeng. Déi nächste Kéier kënne mer Iech dat beim Rapport d'activité 2015 méi in extenso erklären.
Ee Punkt, wou mir deelweis mat géréieren, wou een awer ganz an de Gemengefinanzen erëm fënnt, dat ass déi gutt Saach vun den Allocation-compensatoirë vun den Taxe-communalen, déi jo ugehaang sinn un déi



staatlech Taxen. Wann d'Leit do eppes kréien, da gëtt d'Gemeng zënter 2014 45% dovunner nach eng Kéier de Leit bäi an dat ass eng grouss Hëllef, wou d'Leit finanziell ënnert d'Ärem gegraff kréien. Déi sinn och geklommen an iwwerhaapt, dat wat ech elo hei soen, dat huet 2015 net ofgeholl, am Géigendeel, dat klëmmt, zwar liicht, mä et klëmmt.

E wichtege Volet op dee mer ëmmer hiweisen, dat ass d'Affaire vun de Gestion-financièren a volontairen, wou d'Leit eis fräiwëlleg Verfügungsgewalt iwwer hir Gelder ginn a mir géréieren hir Gelder. Mir hunn d'lescht Joer, also 2014, 26 esou Gestioune gemaach. Déi bedeite vill Aarbecht, net nëmme fir d'Assistanten, mä och fir de Kontabel, mir hunn domat 57 Persounen touchéiert, 32 Erwuessener a 25 Kanner, dat ware Kontabelsinventiounen, 2550 Facturen déi mer bezuelt hunn a mer hu bal eng hallef Millioun Gelder do geréiert. Mir soen och ëmmer, dass dat doten eis hëlleft fir déi direkt Hëllefen erof ze kréien.

Ech maachen drop opmierksam, dass wann de Projet Logement social 2016 uleeft, dass mer do 35 Gestioune méi kréien an dofir fannt der och am Rapport d'activité an den Décisiounen erëm, déi de Verwaltungsrot geholl huet, dass mer well mer do e Suivi social maachen am Verwaltungsrot en halwe Poste kreéiert hu fir d'Gestioun vun deenen dote Familljen ze maachen.
Dat schéngt an eisen Aen extrem noutwenneg ze sinn, och am Hibléck op dat wat no 2016 op eis duer kënnt an zwar Asylanten, déi de Statut kritt hu fir eventuell hei zu Diddeleng ze bleiwen. Ech wëll ënnersträichen, dass déi d'selwecht behandelt ginn ewéi all Diddelenger Bierger, dat heescht, déi sinn an all deene Konditioune wéi déi normal Leit och a si ginn och no deene selwechte Critèrë behandelt an dat gëtt en zousätzlzechen Opwand fir eis. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass mer dat packen, well mer gutt opgestallt sinn a scho laang dorunner schaffen.

Wat mer vun direkte Secoursen, dat heescht finanziell Interventiounen um Terrain haten, dat ware 497 Demanden am Joer 2014. Mir hu 85% dovun ugeholl am Verwaltungsrot an ech muss soen, dass déi Verwaltungssitzunge keen Zuckerschlecken ass méi reell Aarbecht, reell Diskussiounen an dass mer eis ganz vill hannert d'Enquêtë knéie vun eisen Assistanten, well mer schwätzen hei vun Zuelen, mä eigentlech sinn et mënschlech Schicksalen, et ass Leed, et ass Misär, wou mer kucken, ze hëllefen.

Mer hunn awer och 77 Demandë refuséiert, do muss ech och ganz kloer soen, dass vun Zäit zu Zäit probéiert gëtt, eis op d'A ze drécken, dass mer do awer relativ gutt a sec reagéieren, wa mer esou eppes entdecken. Net méi spéit wéi virun e puer Deeg konnt der an der Press liesen, dass Leit forcéiert gi sinn, erëm ze bezuelen, net nëmmen un den Office social mä och un d'Fondation de solidarité.

Et ass esou, sozial Hëllef ass ewell jo e Recht, mä ween e Recht huet, huet och Flichten a mir kucken, dass déi Flichten dann och agehale ginn an esou ass e pädagogeschen Aspekt bei all Diskussioun vum Verwaltungsrot.

Dat war en Total vu ronn 173.000,00 Euro an da kommen ech ganz kuerz iwwer op eng aner Tâche, déi mer hunn, dat ass d'Gestioun vun dem Personal an eng ganz enk Zesummenaarbecht mat eisem SRAS, deen net nëmme fir Diddeleng mä och fir Schëffleng zoustänneg ass a wou mer 318 Dossieren haten. Do gesitt der och d'Opschlësselung dovunner an domat géif ech dann ofschléissen, wat de Rapport d'activité betrëfft. Et ass vläit e bësse séier gaangen an ech si prett fir alleguerten är Froen ze beäntweren.

Fir eis et extrem wichteg, dass dat heiten eng Aarbecht ass, déi diskret geschitt an och diskret soll bleiwen, dass et awer och eng Aarbecht ass, déi zu der Kohesioun an eiser Gesellschaft bäidréit an et ass do wou de Sprengstoff eigentlech läit.
Wa mer et ronn bréngen, dee sozialen Niveau an eiser Gesellschaft ze halen, mat enger équitabeler Behandlung vun all Mënsch, da leie mer richteg an all Ustrengung, déi mer do maachen, ass eng Ustrengung wou all Cent et wäert ass fir dat ze maachen.

Nach eng Kéier Merci fir dat grousst Vertrauen, dat d'Politik an eis setzt. Mir probéieren, deem och an Zukunft gerecht ze ginn a wäerten och an Zukunft nach méi wéi eng Kéier Diskussioune féieren. Ee vun de gréisste Wënsch vum Verwaltungsrot ass deen, dass mer am Service Logement weiderhin déi néideg Ënnerstëtzung kréien, well et ass do, wou et am Ament am meeschte brennt.
Ech ginn elo dem Här Gilbert Loos d'Wuert fir d'Presentatioun vum Budget rectifié an initial 2016, net ouni drop opmierksam ze maachen, dass et e bëssen en anert Gesiicht huet well mer 2016 fir d'éischt vun eisem Kapital huelen, also vun der Gemeng hirem Kapital, vun den Donen, déi mer era kréien an eist



gréisste Quell ass d'Oeuvres Grande-Duchesse Charlotte. Dës Kéier setze mer 2016 fir de Projet Logement social 100.000,00 Euro dovunner an, a mir hunn domat gerechent, mat enger virsiichteger Approche, datt dat ongeféier dat ass, wat et eis géif kaschten an da gesi mer weider, wéi et ausgesäit.
Do ass natierlech och an eisem Budget en halwe Posten Assistante sociale zousätzlech, déi mer ugefrot hunn, mat dran, dee géing financéiert gi vun der Gemeng am Kader vun enger Ofrechnung Enn des Joers.

Gilbert Loos (Receveur): Ech setzen dann elo an Zuelen ëm, wat de Conny grad alles erzielt huet.

2015 hat de Budget Gesamtrecettë vun 1.992.000,00 Euro an eng Gesamtdépense vun 1.905.000,00 Euro, dat geet dann 2016 ëm ronn 43.000,00 Euro an d'Luucht, also dann op 2.035.000,00 Euro Recetten an 1.948.000,00 Dépensen.

Ech ginn elo nëmmen op d'Conventiounen an, déi d'Gemeng betreffen, déi aner gi jo souwisou direkt finanzéiert vum Ministère de la Famille, vum SRAS a vum Ministère de la Santé.

Wann een elo 2015 d'Participatioun vun der Gemeng an der Conventioun Null kuckt, dat ass déi wou de Ministère de la Famille an d'Gemeng sech d'Käschten deelen, do huet d'Gemeng eng Dépense vu 466.375,32 Euro.
Esou wäit ech weess ass dat ongeféier dat, wat mer och virgesinn haten am Budget, sou dass do elo keng Iwwerraschung derbäi ass. Wann een dat op de Kapp pro Habitant kuckt, da sinn dat 24,06 Euro par Habitant wou den Office social d'Gemeng kascht.

Mir hu fir 2016 virgesinn, 419.972,71 Euro, d.h. d'Participatioun vun der Gemeng geet do erof an der Conventioun Null mä dat huet och deelweis eppes mam Logement ze dinn. 2016 géif et da pro Kapp op 21,28 Euro erof goen.

Wa mer elo d'Dépensë kucke vun der Conventioun Null, wat fält do drënner? Do hu mer d'Administratioun, d'Jetonen, d'Paien, d'administrativ Paien an d'Aiden, déi maache ronn 200.000,00 Euro aus an da kënnt d'Aide aux nécessiteux wou 2015 nach 734.000,00 Euro ausgemaach hunn an elo 2016 e Montant vu 637.000,00 Euro.

Dann hu mer nach d'Conventioun 1, wou d'Gemeng alleng dréit, do gesäit een, dass d'Dépensë vu 52.000,00 Euro erop ginn op 201.000,00 Euro, dat ass schwéier dat richteg ze bewäerten, vu dass et eng ganz nei Saach ass, déi do kënnt.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Am Numm vun der CSV soen ech wéi all Joer e grousse Merci all deene Leit, déi am a ronderëm den Office social schaffen, och deenen, déi am Hannergrond an um Terrain schaffen.

Merci och fir déi flott Presentatioun, et wär vläit just flott, wa mer déi eenzel Tableauen an eisen Ënnerlagen hätten, besonnesch e globalen Tableau ass ëmmer flott, wann een dat virun Aen huet.
Dës Kéier ware méi Graphike wéi Text, ech wëll awer soen, datt ech den Text an deene leschte Rapporten extrem interessant fonnt hunn. Et ass net esou brutal sec wéi d'Zuelen, et ass eng aner Approche. Dat ass awer net relevant, wichteg sinn déi Zuelen, déi an deem Rapport stinn an et ass interessant, dass der et dës Kéier anescht opgedeelt hutt an net nëmmen no de Famillje kuckt mä och no de Kontakter.

Den Här Manderscheid huet et virdru scho gesot, 16,4 % vun de Leit zu Lëtzebuerg sinn direkt vun der Aarmut bedrot an den Trend geet unaufhaltsam an d'Luucht. Mer haten och esouguer op der Journée vun der Médecine scolaire virun zwou Wochen den Här Urbing do fir de Leit national, déi an de Schoule schaffen och bewosst ze maachen, datt virun allem d'Kanner déi Leidtragend sinn an datt dat och fir deene Leit, déi um Terrain schaffen, déi Schoulmedizin maachen, deenen hir Aen ze schärfe fir wa Kanner do sinn, déi vun der Aarmut bedrot sinn, opzefänken, Dat ass ganz wichteg, datt eis Gesellschaft do sensibiliséiert gëtt a mir wëssen all, dass virun allem Monoparentaux ganz schwéier kämpfe fir aus der Aarmut eraus ze kommen oder net an d'Aarmut ze rutschen. Do si jo ëmmer Kanner mat betraff, wat dramatesch ass.

Dir hutt gesot gehat, dass der virun allem och vill Dossiere kritt vu Leit, déi eng Aide non financière ufroen, 3 619 Dossier, dat ass en extrem impressionante Chiffer bei enger Awunnerzuel vun 20 000 Leit hei zu Diddeleng, mä am Fong schwätzt dat och fir iech, dat weist, dass de Bierger vun Diddeleng weess, dass en un den Office social kann eruntrieden, dass keng Hemmschwell do ass, dass jiddereen do korrekt a respektvoll behandelt gëtt an dass och wann et nëmmen



einfach Froe sinn, dass d'Leit sech kënnen un Iech wennen. Dofir nach eng Kéier e grousse Merci, och am Numm vun eiser Populatioun, dass Dir dat esou onbürokratesch an effizient erleedegt.

Wat de Logement ubelaangt, do hat der schonn déi lescht Kéier an ärem rapport in extenso referéiert, datt de Loyer eng Problematik ass mä virun allem déi grouss Kautiounen, déi ëmmer méi gefrot gi well de Propriétaire sech ëmmer méi wëll ofsécheren.

Ech kennen de Fall vun enger syrescher Famill, déi de Statut kritt huet, déi wollt dann och en Haus lounen a quitte dass de Mann momentan RMG-Empfänger ass, do huet de Propriétaire gesot, hie géif deem Auslänner nëmmen eng Wunneng verlounen, wann deen e lëtzebuergesche Bierger géif matbréngen. Dat sinn awer traureg Momenter an dat ass net gutt.

Duerfir ass et gutt, datt mer en Office social hunn, wou d'Leit net ernidderegt ginn. Dat ass just ee Beispill, wéi et an der Realitéit, um Maart ass an dat ass e grousse Problem.

D'Gestioun vun de Logementer, do laaft der bei eis offen Dieren a fir dat ze ënnerstëtzen, mir waren ëmmer der Meenung, dass dat eng ganz wichteg Aarbecht ass, dass eis Logement-sociauxe koordinéiert solle verdeelt ginn.

Den Här Théobald sot, et géife streng Oplage bestoen, déi Leit mussen e Projet de vie matbréngen. Mat enger Guidance vum Office social ass et méiglech, de Leit eng aner Perspektiv ze ginn.

Meng Fro ass, Dir hutt gesot, do ass eng Gestion bénévole vum Akommes. Ass dat Flicht wann d'Leit sech an enger sozialer Wunneng aquartéieren oder ass dat optionnel?

De Loyer, do hutt der gesot, 300, 500 bis maximal 1.000,00 Euro, ech mengen, dat kann een opbréngen. Ech bedaueren awer, an dat ass en nationale Problem well d'Kannergeld niveléiert ass, datt 1.000,00 Euro fir Leit mat 3 Kanner vill Geld ass. Mir wëssen, datt de Ministère op de Wee gaangen ass, all Kand gläich ze behandelen, mä wann een eng Fratrie vun 3, 4 oder 5 huet, do ass net dat ee Kand wéi dat anert, do komme vill méi Fraisen op d'Famill duer. Ech bedaueren dat an dat si Constaten, déi wahrscheinlech och am Office social gemaach ginn.

Ech hunn eraus fonnt, datt et 35 Logementer sinn, déi mir elo géréieren. Wéivill Leit betrefft dat? Wéivill Plaze sinn do dran? Wéivill, net Familljen, mä wéivill eenzel Persoune kéinte mir do logéieren?

Dann iwwer d'Taxe Allocation compensatoire war scho Rieds, den Här Manderscheid huet et scho gesot, et ass selbstverständlech, dass dat an d'Luucht geet obwuel mer dat natierlech bedaueren.

Ech ënnersträichen awer och nach eng Kéier, dass mer unanime déi Décisioun geholl hate fir d'Schoulmaterialsubsiden och bei den Office social ze stellen. 212 Demanden hate mer explizit fir d'Schoulmaterial vu Famille-nécessiteusë kritt, dat gëtt eis dann och d'Bestätegung, dass mer an der Subsidekommissioun do eng ganz gutt Décisioun geholl haten.

Wat d'Gestion financière volontaire ugeet, déi 26 Leit, dass dat en Impakt huet op är Aarbecht, dat ass absolut nozevollzéie, wann Dir sot Dir hutt e Budget vu 500.000,00 Euro deen der musst géréieren an 2 650 Facturen ze bezuelen, dat ass jo awer och net näischt.

A mat de Réfugiéen, wann déi 90 Leit hire Statut hunn, mir hate jo och Rieds op der Versammlung mat der Madame Corinne Cahen, dass et wichteg ass, dass een herno kuckt, wouhin déi Leit wunne ginn.
Mä à première vue geschitt dat net vun engem Dag op deen aneren an déi wäerte sécherlech Recours hunn op den Office social an et ass och wichteg, dass jiddereen heibannen dat ënnersträicht an och no baussen ze droen, dass déi Leit net besser behandelt ginn ewéi den Diddelenger Bierger, dee scho laang hei wunnt. Mä datt déi sech gerad esou gutt hannen an d'Rei stelle wann se eng Wunneng, eng Aarbecht oder den RMG oder soss eng Aide wëllen, wéi all déi aner och. Dat ass e wichtege Message an dat ass jo och hei an eise Bänke ëmmer ugeklongen.
Dir hat gesot vun den Demandë fir eng Aide financière, Dir hätt der 85% ugeholl a 77 Demandë refuséiert, ech fannen dat och wichteg, datt do e strenge Contrôle ass well et sinn ëmmer Leit, déi wëllen abuséiere vun eisem Sozialsystem an dat kann nëmme fonctionnéiere wa kontrolléiert gëtt an deene Leit Hëllef zur Verfügung gestallt gëtt, déi en Usproch an och de Besoin hunn. Dat ënnersträiche mer och, datt der sollt mat strammer Hand sollt virgoen an och déi Leit musst sanktionéieren, déi Abus bedreiwen. Mir kommen net all Mënsch op d'Schléch, mä wa mer en Abuseur detectéieren, da soll deen dat awer och erëm



riicht béie well deen huet jo vun der Allgemengheet hire Sue profitéiert an da muss en der Allgemengheet dat och zeréck ginn.

Wat mech e bësse beonrouegt, dat ass bei Autres aides, do hutt der och ënnerstrach, dass der bei der Garde d'enfants 30% vun ären Demandë Fraise vun de Crèchë waren oder Kompensatioune vun de Maison-relaisen oder Participatiounen dofir. 30% vun deenen Aiden sinn dann och erëm néideg gewiescht well Kanner do impliziéiert waren. Kanneraarmut ass e grousst Thema an eisem Land an och an eiser Gemeng a mir dierfen dat net aus den Ae verléieren.
Vun eiser Partei aus e ganz grousse Merci fir d'ganz Équipe vum Office social ronderëm den Här Conny Théobald. Dir sot Merci fir dat Vertrauen, dat mir Iech entgéint bréngen, Dir kënnt Iech dees 100% sécher si fir déi formidabel Aarbecht, déi Dir maacht, a Merci och fir déi transparent Rapporten, déi mer ëmmer kréien. Mir kënnen eis net virstellen, dass et kéint besser funktionéieren.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Ech wëll der Madame Kayser am Numm vun der LSAP an am Numm vun engem Member vum Verwaltungsrot Merci soen. Och dem Conny Théobald an dem ganzen Office social e grousse Merci, och un eis Assistante-socialen.
Ech fannen et gutt, datt d'Presentatioun mam Rapport an dem Budget zesumme gemaach gëtt well dat jo awer alles zesummen hänkt.
Den Här Loos schwätzt eis ëmmer vun all deene Conventiounen, ech mengen, hei interesséiert eis virun allem déi Conventioun Null mat 50% Gemeng a 50% Ministère. Wann en de Budget kuckt, da sinn do keng grouss Differenzen, do changéiert net vill ausser den Augmentatioune vun de Salairen.

Dat wat den Här Loos richteg gesot huet, dat ass, datt de Secours fir Loyeren oder Garantie-locativen erof geet. Dee geet zeréck, mir sinn elo bei 634, virdu waren et der 770. Datt déi Chargen do erof ginn, datt déi Dépensen do erof ginn, do muss ech erëm eng Kéier betounen, dat läit nëmmen do drun, datt mer nei Wunnenge kafen als Gemeng an datt vill méi Invest do ass vun deene Leit, déi sech um Terrain dorëms këmmeren.
Dat heescht, mir hunn Noutwunnengen, mir brauchen déi net méi eraus op de Marché lounen ze goen an dat bréngt mat sech, datt déi Dépensen erof ginn.

Wat nach erof geet an engem och opfält am Budget, dat ass Gas an Elektresch. Do muss ech soen, datt d'Zesummenaarbecht mat ENOVOS gutt ass an d'Leit kommen net méi mat esou risege Rechnungen, wou se soen, mir hunn elo siwe Joer Retard. Wa Leit a Retard kommen, ginn se no 3-4 Méint drop higewisen an an den Office social geschéckt.

Wat ech och hei begréissen, ass, dass mer 35 Wunnengen hunn, do kommen der nach 2 derbäi, dat bedeit natierlech och méi Aarbecht. Ech muss soen, wa mer vun Aarbecht schwätzen, et gesäit ëmmer esou aus datt et sech mam Kafen huet. Neen, do hängt e grousse Koup Aarbecht drun. Déi Leit, déi an die Situatioun kommen, datt se eng Wunneng kënne vun eis kréien, do muss fir d'éischt en Dossier gemaach ginn. Da muss de Suivi social gemaach gi vun eisen Assistanten an d'Gestioun, et kann ee jo net soen, halt är Suen, mir stellen Iech d'Wunneng. Déi solle jo esou wäit ewéi méiglech erëm an en normaalt Liewe kommen.

Wann een eraus plënnert, mussen di Wunnengen ëmmer erëm a Stand gesat ginn.
Et mussen och Responsabilitéite verdeelt ginn. Wie sëtzt d' Dreckskëscht eraus, an esou weider. Déi Saache kritt een net esou mat mä och esou Detailer gehéieren zu der Gestioun.
Den Här Théobald huet eis eng Lëscht mat Präisser presentéiert, wéi dat kéint ausgesinn. Natierlech hängt dat ëmmer vum Dossier of a wéi dramatesch d'Situatioun ass. Dat doten ass op jidder Fall eng Basis, op déi ee sech ka bezéien.
Schwéier ass et och, dat an de Budget eranzekréien, well, wei gesot, mir sinn am éischte Joer, wéi ass et mat de Recettë, wéivill Onkäschte kommen herno derbäi? Alles dat gesäit een eréischt d'nächst Joer, mir sinn do wierklech am Ufank.

Wat ech nach wëll soen, wat och en Deel Aarbecht ass, wou awer jidderee seet, jo, si maachen dat esou, den Dossier Tiers payant social. Wann ee kënnt a seet, ech hätt gär den Tiers payant social, dann ass et net esou, datt den Office social engem dräi Ticketen an de Grapp dréckt an da geet deen eraus, mä och do ginn Dossiere gemaach. Och do muss een noweise kënne firwat den Tiers payant social gebraucht gëtt. Do gëtt ganz genau all Kéier am Verwaltungsrot analyséiert ob et an der Situatioun noutwenneg ass.

De Rapport d'activité ass vun 2014, do gesäit een d'Entwécklung vun 2012-2013 op 2014, datt do eng Augmentatioun ass, datt et awer erëm méi Stéit an Diddeleng ginn, déi op den Office social musse goen. Mir leien 2014 bei 10% vun de Stéit, déi an den Office social ginn, dat mécht mer Gedanken a mer brauchen do sécher an deenen nächste Joeren nach Leit, déi eis do wäerten ënnerstëtzen.

Wat ganz nei derbäi kënnt an och méi akut ass, dat sinn natierlech d'Réfugiéen, déi mer op der Schmelz wäerte bäi kréien, wou den Office social net direkt betraff ass well d'Croix rouge jo do de Suivi mécht, mä déi Leit solle jo net 15 Joer an deene Containere sëtze bleiwen. Di sollen, esou bal se an d'Prozedur kommen oder esoubal d'Prozedur ofgeschloss ass, an normale Wunnenge ënnerkommen an eng Aarbecht kréien an déi wäerten och un den Office social erun trieden.

Mir sinn natierlech frou wann eist Haus do uewe fäerdeg ass, dat wäert jo dann awer relativ séier goen, do kommen och erëm Wunnenge bäi, do kommen Noutwunnenge bäi. Déi Leit, déi do schaffen, virun allem d'Assistanten, mä och déi aner Leit sinn e bësse méi protégéiert, do ass en Ëmpfang, do kënnt een net direkt bei d'Assistante, dat ass awer eng Noutwennegkeet well ganz oft d'Leit och aggressiv ginn an hei ass dat méi einfach ze kontrolléieren.
Selbstverständlech stëmme mir dee Budget mat.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci fir d'Presentatioun vum Tätegkeetsbericht an den Eckdate vun de Budgeten.

Ech wëll am Numm vun deene Gréngen zu deenen zwee Dokumenter Stellung huelen. Et geet net drëm, alles ze widderhuele wat scho gesot ginn ass, mä ech wollt e puer Neierungen ervir sträichen. Ech géif da mam Rapport d'activité ufänken, well deen dee beschten Iwwerbléck iwwert d'Aarbecht vum Office social erméiglecht.

Et huet ee mol fir d'éischt en Iwwerbléck iwwer d'Aarbecht, déi am Office social vun der ganze Équipe geleescht gëtt, dat ass wichteg fir eise Gemengerot an doriwwer eraus fir déi Diddelenger Leit. Déi Aarbecht ass ganz villfälteg, et brauch een dofir Fangerspëtzegefill, Frëndlechkeet an awer och Konsequenz. Gläichzäiteg kann een awer och matkréie wat an deene leschte Joer anescht gelaf ass a wéi sech an deene Joer virdru bestëmmte Trende bemierkbar maachen.

Mir verfüge jo mëttlerweil iwwer dräi esou Tätegkeetsberichter, déi mer vergläiche kënnen. Och dës Kéier sinn d'Graphiquen e bëssen ofgeännert gi fir eng méiglechst sënnvoll Analyse dervun ze erméiglechen.

Gläichzäiteg sinn d'Texter méi kuerz gehale ginn a just mat noutwennege Verständniserklärungen zu deene Graphiquen erweidert ginn.
Mir gefält déi nei Opmaachung ganz gutt an ech soe Merci, datt mer op dëst Dokument kënne zeréck gräifen.

Da wëll ech e puer e bësse méi opfälleg Graphiquen erausgräifen.

Bei der Zuel vun den Demandë fir finanziell Hëllef fält op, dass déi Zuel an d'Luucht geet an zwar no deem grousse Sprong vum virleschte Joer elo nach eng Kéier ëm 85 Unitéiten, dat drop hiweist, dass et hei zu Diddeleng ëmmer méi Leit gëtt, bei deenen et finanziell enk ass. Den Här Manderscheid huet de Moie schonns national Zuelen zitéiert a mir leien zimlech genau an deem Trend.
Gläichzäiteg sinn och méi Refusen ze verzeechnen, wat sech duerch d'Philosophie vun der Diddelenger Sozialaarbecht erkläre léisst. Et geet net duer, einfach finanziell ënnert d'Ärem ze gräife mä och ze hëllefen, säi Liewen a seng Ausgaben an de Gréff ze kréien.
Déi Refuse erkläre sech meeschtens duerch onkomplett Angaben oder mangelhaft Matschaffe vum Client.

Am selwechte Sënn geet och d'Zuel vun deenen erop, déi gehollef kréie fir Suen ze verwalten, wat ëmmer méi noutwenneg gëtt well d'Leit iwwer hir finanziell Mëttele liewen an net méi aus de Scholden eraus kommen.

Par contre ass d'Zuel vun de Benotzer vum Cent-Buttek erof gaangen, mat 564 Benotzer läit déi zwar kloer méi déif ewéi 2013 awer iwwert dem Niveau vun 2012.

Domat wäre mer dann och bei deem Betrag, deen d'Gemeng fir déi accordéiert Hëllefen op den Dësch leet, woubäi de Staat déi aner Halschend bäileet. Et sinn am Budget ronn 417.000,00 Euro virgesinn. Ech hunn am Gemegebudget deeselwechte Poste versicht erëm ze fannen, hunn awer gemierkt, dass do een opgerënnt ass. Et ass mer dunn awer opgefall, dass och d'Montante vun 2015 Initial a rectifié liicht geännert sinn. Par contre, beim Montant vum Kont gëtt et carrément zwëschent den Zuelen, di am Budget vum Office social sinn an deene, déi am Budegt vun der Gemeng stinn, en Ënnerscheed vu 4.000,00 Euro. Gëtt et dofir eigentlech eng Erklärung?



Ech wär frou, dës Erklärung ze héieren. Ech géif dann elo weiderfuere mat den Zuelen, di am Budget initial 2016 vum Office social virkommen. Déi grouss Neierung an deem Budget sinn eng Rei Posten, déi mat der Gestioun vu Logementer zesummen hänken. Mer wëssen alleguerten hei bannen, dass d'Loyere meeschtens dee gréisste Problem si fir Leit di net vill Suen hunn. Et ass schwiereg, eppes Präiswäertes ze fannen oder awer regelméisseg e Loyer ze bezuelen, deen iwwert de Moyene läit. Dofir gëtt den Office social oft solicitéiert fir Loyeren ze bezuelen oder Kautioune virzestrecken.
Elo hu mer e Studio, 4 Haiser a 17 Appartementer zur Verfügung, fir ze verlounen, an och e Modell, no wéi engem System dat soll geregelt sinn. De Modell lehnt sech och erëm un déi Philosophie un, de Leit esou laang ze hëllefe bis datt se sech selwer hëllefe kënnen, d.h. esouwäit hir Finanzen am Gréff ze hu fir um fräie Wunnengsmaart eppes ze fannen.

Besonnesch wichteg sinn dofir och déi 14 Zëmmeren, déi mer elo ubidde kënnen. Si si bescheiden a funktionell a wäerten erlaben, Leit, déi op Zëmmeren an onwierdege Situatioune liewen, ze relogéieren. Doduerch kenne mer Drock op Leit maachen, déi iwwerdeiert an insaluber Zëmmeren ubidden. Dat kascht natierlech och eppes. En Deel vum Montant vun der Lotterie nationale ass fir d'Équipement geholl ginn. Et sinn och Montante virgesi gi fir d'Gestioun, eng Persoun als Portier an als Uspriechpersoun an en halwen Assistantesocialesposte fir de Suivi vun de logéierte Persounen. Deen halwe Poste gëtt nach an dëser Sitzung ofgestëmmt.
Mir mengen, dass dësen neie Projet eng gutt Initiativ ass, déi och op gutt Erfahrungen aus der Nordstad kann zeréck gräifen a mer stëmmen dësem Projet och voll zou. Allerdéngs wëll ech awer ervirhiewen, datt Diddeleng net déi eenzeg Gemeng ass, déi Ustrengungen am soziale Wunnengsbau mécht. Am Mémorial vum September 2015 ass de Konstruktiounsprogramm vu subventionéierte Wunnengen opgeläscht ginn, bei deene Gemengen als Promoteur fungéieren. Do gi mer awer locker iwwerholl vun Esch mat hiren iwwert 180 Wunnengen, mä mat deene kënne mer eis net vergläichen, a mir ginn och iwwerholl vun Déifferdeng mat 91 Wunnengen, mä mat deene wëlle mer eis jo net vergläichen.
Fairerweis muss ech allerdéngs soen, dass mär wéineger Wunnengen an e gudde Suivi eigentlech méi wäert sinn.

An dat wäert nach schwiereg genuch ginn, mer vun deene Gréngen hu jiddefalls vollt Vertrauen an de President vum Office social a seng Equipe, déi eng exzellent Aarbecht maachen an deene mer wëlle villmools Merci soe fir hiren Engagement.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wa keng weider Stellungnahme méi sinn, géif ech eis Kollege vum Office social bieden, op déi verschidde Froen ze äntwerten.

Conny Théobald – President vum Office social: Merci fir ären Encouragement an déi eenzel Analysen, déi ech deelen. Ech géif da global op déi Saachen äntweren, déi sech iwwerschneiden, mat Ausnam vun der Budgetsfro, déi gestallt gouf.

Et stëmmt effektiv an ech wëll dat nach eng Kéier ënnersträichen, dass mer de Wee gaange si fir e Suivi social ze maachen, dat ass nämlech net an all Gemeng de Fall. Mer waren awer am Verwaltungsrot all eens, dass dee Suivi social extrem wichteg ass.

Do kënnt et awer och fir bei der Gestion bénévole, dass et kee Must muss sinn, mä mir hunn och Dossieren, an dat huet d'Erfahrung 2015 bewisen, wou mer Leit aus der Gesellschaft ausschléissen, déi capabel sinn, hire Loyer ze bezuelen, mä déi aner Problemer hunn, déi dräi, véier Kanner hunn an déi falsch Hautfaarf.

An do muss ech soen, do hunn ech zwee Fäll am leschte Joer erlieft, wou ech un de Plafong gaange sinn, wou och e Patron mat sengem Personal bei e Locataire gaangen ass, wou am Virfeld gesot ginn ass, dat ass kee Problem, wou een da gesinn huet, datt déi Leit déi falsch Hautfaarf haten an do war et op eemol net méi wouer. Och do hëllefe mer de Leit a firwat maache mer dat mat enger Mise à disposition, well ëmmer effektiv déi ganzen Zäit probéieren, d'Leit mat der Hänn ze huelen an ze kucke fir mat hinnen e Locataire ze fannen, deen hinne weider hëlleft, deen se hält, dat ass eng vun de Saachen. De Prinzip ass deen, dass mer d'Gestioun zwar maachen, mä et ass net en absolute Must.
Richteg ass och, dass d'Maison sociale eis eng nei Perspektiv gëtt well och do, an der Situatioun wéi se an der Zukunft op eis duer kënnt, probéiere mer ëmmer méi Symbiosen ze siche mat aneren Associatiounen zesummen ze schaffen an do wäerte mer 2016 dovu profitéiere fir déi eng oder aner Iddi, déi mer hunn, mat eran ze bréngen.



Et schéngt nämlech ganz wichteg, et net isoléiert ze kucken, e soziale Problem huet meeschtens eng ganz Rei Facetten. Mir sinn eigentlech um Enn vun der Chaîne fir kënnen ze hëllefen. Mir si komplementar zu deem wat besteet, dat bréngt awer och mat sech, dass mer ëmmer méi zu engem Déngschtleeschtungs-betrib ginn a kucke fir d'Vernetzung ze maachen an deene Facettë vun deene Sozialfäll, déi mer hunn, do kënnt villes derbäi. Heiansdo si mer och dépasséiert, mä wéi gesot, nach eng Kéier, den Trend ass deen, dass et net erof geet mä datt mer méi solicitéiert wäerte ginn.

Mir gesinn och, dass verschidde Déngschtleeschtun-gen e bëssen erof gi wéi de Recours op den Cent-Buttek, dat huet awer och domat ze dinn, dass et an der Teschenzäit sozial Epiceriё ginn, déi eigentlech méi professionell schaffen an déi aner Produiten och hunn, déi eigentlech wéi eng Epicerie sinn, just zu en-gem anere Präis, an dass et an der Teschenzäit och vum Staat aus iwwer d'FEOGAR 10 Produite ginn, déi elo och an de Cent-Buttek eraginn, déi d'Leit d'office kënne kréien. Dat spillt och mat.

Déi aner Fro, déi war iwwert d'Gestion bénévole op-tionnelle, jo, mer hunn um Terrain konventionéiert 130 Aarbechtsstonnen, dat muss ee sech mol eng Kéier op der Zong zergoe loossen. Fir dee Volume vun Aar-becht ass dat den absolute Minimum, dofir si mer och frou fir deen halwe Poste fir eng Assistante sociale bäizekréien.

D'Hemmschwell ass effektiv méi kleng ginn an dat ass och eise But. Déi Maison sociale soll eng Plaz ginn, wou een Hëllef kritt ouni direkt e Stempel op d'Stir ge-dréckt ze kréien, dofir siche mer jo déi Symbiose mat aneren Déngschtleeschtungsbetriber am selwechte Volet natierlech ze fannen.

Et ass och eng Rigueur derbäi, ganz kloer, et ass jo och esou, dass all Refus, deen de Verwaltungsrot gëtt, juristesch Stand hale muss virun engem Conseil arbitral. Et ass net méi esou, dass dat aus dem Aarm gerëselt gëtt, dat muss och fondéiert sinn a mir hate bis elo véier Plaintë virum Conseil arbitral, déi mer och gewonnen hunn. Fir ze soen, dass dem Verwaltungsrot seng Décisiounen awer richteg louchen.
Déi Fro mat deene 4.000,00 Euro Budgetsënner-scheed, do weess ech just zwee Fäll, wou ech direkt vläit eng Äntwert hunn, dat eent kéint sinn, dass mer do eng Diskrepanz eventuell hate mat dem Wuesse vun der Bevëlkerung, wat eis jo dann all Kéier de Fonds de Roulement erhéicht, respektiv kann ech mech erën-neren, dass mer ee Fall hate vun enger Feelbuchung di redresséiert ginn ass well eng statlech Instanz Suen, déi mer gerechent haten, erëm ze kréien, net erëm kritt hunn. Ech ginn déi Fro weider un d'Carole Wag-ner fir Iech do eng präzis Äntwert ze ginn, ech sinn net capabel, elo aus dem Stegreif op déi dote Fro eng Äntwert ze ginn.
Vu menger Säit aus, wann ech näischt vergiess hunn, wieren déi Haaptfroe beäntwert an da soen ech Iech Merci an ech hoffen, dass de Vote dann och unanime a positiv ausfält.

Ech hunn nach eppes vergiess: Mat deenen Zuelen do, et däerf een net aus den Ae verléieren, dass mer jo net nëmmen d'Gestioun vu Gemengewunnenge maachen.
Mir hunn ugefaangen 2015 d'Experienz ze maachen, dat ass e wichtegt Element, esou dass mer an de Privatsecteur miwwléiert zwee Haiser loune gaange sinn an d'nächst Joer och nach en Appartement. Et ass wichteg, dat ze soen, do si mer a Verhandlungen, déi d'Madame Wagener mat Propriétairen mécht, déi bereet sinn, op en Deel vun hirem Loyer ze verzichten, op hir Kautioun ze verzichten, an eis awer e miwwléi-erte Raum zur Verfügung ze stellen. Mir stelle sécher, dass de Loyer kënnt, respektiv maache mer eng Be-standsopnahm fir hinnen herno dat Haus och an deem Zoustand erëm ze ginn. Den Office sociale mécht dann e Contrat de bail mat de Leit en vue vun enger Mise à disposition.

E klengen Appel un all eis Vertrieder an der Chamber. Bei der Mise à disposition, beim neie Loyersgesetz vum August 2015, wat jo da ganz rezent ass, ass d'Mise à disposition erméiglecht gi fir Gemengen, fir verschidden Associatiounen, mä et ass vergiess gi fir do d'Office-sociauxen dran ze setzen. Dat ass och e Bestanddeel vun enger Diskussioun op der Plattform vun der Entente des Office sociaux, wou mer och ganz aktiv sinn. Et wier vläit net onwichteg, mat der Madame Minister Maggy Nagel doriwwer ze schwätze fir dass do nogebessert gëtt well verschidde Projete vun de Gemenge soss net méi an där Form gemaach kënne ginn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech pro-poséieren, zum Vote iwwer ze goen, wat de Budget ugeet, awer och den Office social an d'Approbatioun vun der Kreatioun vun deem halwe Poste fir de Service Logement.




Da géife mer mam Budget vum Office social ufänken. **Wien ass mam Budget vum Office social averstanen? Dat ass d'Unanimitéit.**

**Wien ass mat der Kreatioun vun deem halwe Poste fir de Service Logement averstanen? Dat ass och d'Unanimitéit.** Villmools Merci dofir.

## 5. KOMMUNALPLANUNG A STADENTWÉCKLUNG

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Loosst eis elo zum Urbanismus kommen an zwar gi mer eriwwer bei d'Fondatioun Kräizbierg, wou hei eng Modification ponctuelle vum Gesamtbebauungsplang (PAG) virläit, dat ass am Fong e Projet wou d'Fondatioun Kräizbierg, respektiv de Staat, dee Propriétaire ass, un d'Gemeng eru getrueden ass a gefrot huet ob et méiglech wär, eng Modification ponctuelle vum PAG ze maachen, well d'Fondatioun Kräizbierg Wëlles huet, en zweeten Atelier ze bauen an do muss eng Ännerung gemaach gi well de Kräizbierg eng Zone spéciale ass, déi extra fir déi Aktivitéite kreéiert ginn ass.

Déi Demande ass am Juli 2013 gemeet ginn an do waren dann eng ganz Rei Entrevuen, och mat der Fondatioun Kräizbierg, mam Architekt, deen de Projet hei begleet vu WW+ fir den Dossier esou sprochräif ze maachen, dass een di Modification ponctuelle maache kann an net méi spéit wéi gëschter ass och nach de Courrier komm vum Ministère de l'Environnement, dass am Fong keng Étude sur les incidences brauch gemaach ze ginn.

Op alle Fall hu mer gëschter do d'Äntwert kritt vum zoustännege Ministère. Fir op déi verschidde Punkten anzegoen, wat d'Modification ponctuelle vum PAG hei ugeet, d'Iddi ass e kohärent Développement ze maache vum Site Kräizbierg fir en neien zweeten Atelier protégé ze baue fir och administrativ Servicer, therapeutesch Servicer nach kënnen unzesidelen.

Et geet natierlech an déi Richtung, datt wann deen Ausbau ka gemeet gi vun deem zweeten Atelier, da kënnen zousätzlech 110 Persounen, déi en Handicap hunn an deenen Atelier-protégée schaffen, dat sinn der effektiv ganz vill. Ech mengen, et geet hei ëm e wichtege Projet fir d'zukënfteg Weiderentwécklung vun der Fondatioun Kräizbierg, dat ass jo eng exzellent, wäertvoll an integrativ Aarbecht, déi do geleescht gëtt an ech mengen, datt dat och zukunftsweisend ass fir dëse Site duerch déi Ausweidung, déi se wëlle maachen.

Dir hutt de Plang an ären Dokumenter leien. Wat am Fong bäikënnt, dat ass deen zweeten Atelier protégé laanscht d'Zoufftgerstrooss, do soll, an dat ass mat Ponts et Chaussées ofgeklärt, en neien Accès gemeet gi vun der Zoufftgerstrooss aus, d.h. deen neien Accès an der Mëtt bei den Atelieren.

Natierlech kommen do och Parkingplazen derbäi fir dass een do kann erafueren a parken. Natierlech heescht déi Modifikatioun, dass enger Rei Punkte Rechnung gedroe muss ginn, fir dass de Projet och viabel ass.

Normalerweis ass d'Marge de recul 5 Meter vun der Voie publique ewech an 10 Meter vun deenen anere Limiten. De Projet, wéi e sech hei presentéiert, respektéiert déi Margen, mä mer wollten nach dra setzen, dass eng gewësse Flexibilitéit an där Zone spéciale soll méiglech ginn an do kann de Buergermeeschter jo eng Derogatioun ginn. Mä wéi gesot, de Projet, esou wéi en agereecht ginn ass, respektéiert déi Limiten.





Mir hunn och mat enger Konstruktioun ze dinn, déi e bësse méi héich ass a wou de Bau par rapport zu der Natura 2000 – Zon muss respektéiert ginn an do hu mer de Courrier kritt, dee muss een nach bäifügen. Den Avis vum Ëmweltministère läit derbäi an et steet dran, datt mer keng Ëmweltétude brauchen ze maachen.

Natierlech, wat huet misse geännert gi well jo verschidden Héichten an Déniveléë sinn, da gëtt ëmmer gekuckt, wat d'Referenzpunkte fir d'Héichte sinn. Normalerweis sinn d'Referenzpunkten d'Axë vun der Strooss geholl oder den Terrain naturel, hei ass als Referenz geholl ginn d'Héicht vun der Corniche bei der Residenz vum fréieren Emile Mayrisch, d.h. de Referenzpunkt 327,86 well wann ee vun der Strooss aus kuckt, respektiv wou déi nächst Ateliere kommen, do si jo lauter Dénivelléen an dat bréngt eis zum 3. Punkt, nämlech, dass en zousätzlech Remblai muss gemeet gi fir eng Plattform kënnen ze kreéieren, wou deen 2. Atelier protégé ka gemeet ginn an et ass och hei festgehale ginn, vu dass mer an enger Zone spéciale sinn, dass 10% vum Dach Maximum op 15 Meter kënne goen. Normalerweis ass d'Héicht 10 Meter, hei ass gesot ginn, et ass 10% op Maximum 15 Meter méiglech fir dee Projet kënnen ze realiséieren.

Wat och gekuckt ginn ass mat Sites et Monuments, dat ass déi Maierche laanscht d'Zoufftgerstrooss, déi gëtt natierlech erhalen, mä de Remblai gëtt opgeschott fir dass ee kann déi Plattform maachen an dass een natierlech vum Site kann de plain-pied an deen neien Atelier protégé gelaangen.

Dat ass dat, wat an der Partie écrite dran ass, natierlech muss dat hei als Partie graphique, respektiv als Partie écrite vervollstännegt ginn a mir hunn natierlech an der Modification ponctuelle och déi néideg Modifikatiounen, déi ech elo duer gaange sinn, hei afléisse gelooss a wann dat approuvéiert ass, da kann de Staat de Projet dann esou realiséieren.

Natierlech hu mer an der Modifikatioun och dra gesat, dass e Konzept muss virleien, an deem et generell ëm d'Integratioun vum Site geet an dat ganzt Natura 2000 – Konzept muss deemno virleie fir eng gutt Integratioun vum Site an dat Ganzt ze garantéieren.
Et ass e Projet, dee vir dës Fondatioun ganz wichteg ass, déi esou scho vill solicitéiert gëtt a vill gutt Aarbecht leescht fir déi Persounen, déi en Handicap hunn an déi mat dëser Modification ponctuelle, déi op alle Fall och zukunftsweisend ass well se en zweete Atelier protégé baue kënnen an doduerch 110 Leit méi Méiglechkeeten nach kréien, an deenen Atelier-protégéen ze schaffen.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech hu keng Fro, just e puer Iwwerleeungen. Et ass kloer, déi Ateliere si vir bäi an hanne widder, si brauche Plaz. Ech fannen dat super, déi Zuel vun 110 Leit, ronderëm d'Naturschutzgebitt. Et ass normal, datt et hei nëmme een eenzege Wee gëtt.

Ech fannen et erstaunlech, wat alles an enger Zone spéciale gemaach ka ginn, do kann opgeschott ginn, do kenne ganz aner Referenze geholl ginn, d'Recule kënne geännert ginn. Wann ech heiansdo gesinn, wat fir Probleme mer an der Bautekommissioun hu fir datt d'Leit sech un d'Gemengereglement hale sollen, dat ass heinsdo net einfach. An do kéint ee sech virstellen, das d'Leit soen, mir sinn als Privatleit awer benodeelegt. Hei si mer an enger Zone spéciale a mir fannen dat och ganz begrënnt a sënnvoll, das déi Zone spéciale gemaach gëtt. Och wa verschidde Leit do vu Privilegie géife schwätzen, da vergiesse mer awer och net, datt et sech an der Fondatioun Kräizbierg ëm Leit handelt, déi an hirem Liewen am Fong ni Privilegien haten an ëmmer benodeelegt waren. Selbstverständlech soll alles gemaach gi fir datt déi an deene beschte Konditioune kënne schaffen. Mir stëmmen dat dann och mat.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Ech mengen, ech kann et kuerz maachen, ech wollt eisen Accord gi fir dës Ofännerung well se eis vernünfteg an duerchduecht schéngt. Doduerch kann ee Gebai entstoen, dat sech a senger Ästhetik dem Site upasst. Besonnesch erlaabt dës Ofännerung awer de Bau vun engem Gebai, dat als Atelier protégé ka genotzt gi vun zousätzlech 110 Persounen, déi do eng Aarbechtsplaz fannen, déi soss wahrscheinlech keng Chance um Aarbechtsmaart hätten.

Romy Rech (LSAP): Fir eis ass schonns alles gesot, fir eis Fraktioun ass et selbstverständlech, dass mer dee flotten an impressionante Projet do zoustëmmen a mir wäerten déi Modification ponctuelle vum Plan d'aménagement als Fraktioun stëmmen.



Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt nach just eng kleng Iwwerleeung maachen. Et gëtt dauernd drop gepocht, dass dee Site en historeschen Hannergrond huet. Et ass déi al Villa vum deemolegen Direkter Emile Mayrisch. Wann dat doten elo gebaut gëtt, da gesäit een dat Schlass herno guer net méi. Dat ass ee klenge Wermutstropfen, et ännert awer näischt un eiser Iwwerzeegung, dass dat do eng sënnvoll Saach ass.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi doten Zoustëmmung. Hei geet et ëm e Gesamtkonzept, och wann een d'Villa Mayrisch effektiv herno manner gesäit. Et ass eng speziell Situatioun mat enger anerer Topographie a mat aneren Nivelléen, et gi grouss Ënnerscheeder an et muss ee sech de Kader kënne ginn. De PAG an d'Bautereglement sinn evolutiv a kënnen ofgeännert ginn an deem droe mer hei Rechnung. Mir wëllen der Fondatioun Kräizbierg deemno gréng Luucht gi fir deen dote Projet ze realiséieren.

**Kann ech dervun ausgoen, dass de Gemengerot dëser Modification ponctuelle unanime zoustëmmt? Dat ass d'Unanimitéit. Merci villmools.**

## 6. GEMENGEPERSONAL

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert dem Punkt Gemengepersonal hu mer dräi Saachen an der offener Sitzung an dräi Punkten am Huis clos.

Den éischte Punkt betrëfft d'Kreatioun vun engem Posten als Fonctionnaire communal an der Carrière vum Redakter. Dat betrëfft ganz kloer hei e Mataarbechter vun der Gemeng, den Tom Bernard, deen an der Carrière vum Expéditionnaire administratif war an dee gesetzleche Kader erfëllt huet fir eng Demande de Changement de carrière ze maachen.
Dat hu mer och gutt geheescht, hien huet och missen alleguerten d'Exame maache fir an déi Carrière ze kommen. Hien huet och d'Exame gepackt fir säi Changement de carrière, mä fir en an déi Carrière kommen ze loossen, musse mer e Poste kreéiere fir en do dran ze setzen an dat ab dem 1. Januar 2016. Hie schafft am Service technique a bleift och do. Mir proposéieren, deem Changement de carrière gutt ze heeschen.

Ass de Gemengerot domat averstanen?

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Dëse Poste stëmmt d'CSV mol eng Kéier gär matt well mer eis bewosst sinn, dass dat do eng sënnvoll Saach ass. D'Vergréisserung vun eiser Stad huet en Impakt op de Bâtiment, déi kréien ëmmer méi Aarbecht an déi administrativ Aarbecht hëlt ëmmer méi zou. Mir fannen dat eng ganz gutt Saach.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Eis Politik hei an der Gemeng war nach ëmmer fir Leit, déi wëlle viru kommen, ze ënnerstëtzen, well jidderee soll jo kënnen als Gemengepersonal seng Situatioun verbesseren, wann en engersäits de gesetzleche Kader respektéiert an anerersäits och d'Exame packt. Merci fir déi doten Zoustëmmung.



**Wien ass mat där Kreatioun averstanen? Dat ass unanime. Merci.**

Da komme mer wéi all Joer op d'Zuel vun de Cadres-ferméen, déi mer ze bestëmmen hunn, dat ass jo ëmmer déi savant Logik nom Gesetz, dass ee muss kucken, wéivill Effektiven een huet, wéivill Posten ee muss besetzen an deene verschidde Graden, da muss een dann och déi verschidde Graden duerch huelen, vum Architecte de la ville bis zum Agent municipal, also déi zéng Carrièren, déi mer hei dran hunn, do sinn natierlech och Cadres-ferméen, déi mer einfach fixéieren an och de Leit erlaben, an hirer Carrière ze evoluéieren, d'Carrièrë si jo evolutiv. Et ass all Joer dat nämlecht, dofir erspueren ech lech d'Erklärungen.

**Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass d'Unanimitéit.**

De Gemengerot hat zougestëmmt, dass mer dëse Punkt nach op den Ordre de jour huelen, wou ech just wollt soen, dass et ee Punkt ass, dee mer votéieren. Den Alain Becker huet eis matgedeelt, dass hie mat Wierkung vum 1. Januar 2016 géif demissionéieren als Vertrieder vum CHEM, respektiv als Vertrieder vum Diddelenger Spidol. Dat vum Diddelenger Spidol géif ech lech proposéieren, zeréck ze setzen, well do geet d'Propositioun vum Schäfferot net duer, do muss och nach d'Propositioun vum Verwaltungsrot gemeet ginn, no de Statuten, dee muss also zesumme kommen an eng Propose maachen an dat kënne mer dann am nächste Gemengerot den Aval ginn. Mer kënnen awer hei déi Diskussioun féieren iwwer d'Propositioun, wat d'Ersetze vum Alain Becker ugeet am Verwaltungsrot vum CHEM an do ass d'Propose vum Schäfferot, d'Britt Schlussnuss an deen dote Gremium ze nominéieren.

Ass de Gemengerot domat averstanen?

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Eng Fro hutt der mer scho praktesch beäntwert well ech mech gefrot hunn, d'Démissioun vum Hospice civil, Dir hutt elo gesot, dat muss duerch de Verwaltungsrot goen, ech wollt awer nohaken, wéi maache mer et iwwerhaapt mam Hospice civil, do war mol Rieds, dass een deen einfach kéint opléisen dofir nach eng Kéier meng Fro: Wéi sinn do d'Démarchen, wat ass do virgesinn.

Dann zur Démissioun vum Här Becker aus dem CHEM-Verwaltungsrot, ech hat dat schonn ugeschnidden a gefrot, wien eis géif representéieren, vu datt den Här Becker och aus dem Gemengerot ausgetruede war. Als CSV hu mer eis besuergt gewisen, wéi et mam Diddelenger Spidol géif weider goen no der Fusioun - 2004 hu mer gehofft, dass eis Représentanten am CHEM-Verwaltungsrot sech fir eise Site géife staark maachen.

Grouss war awer d'Enttäuschung wéi bei der Presentatioun vum Site vum neie Südspidol, wou Diddeleng mat Koibestrachen och nach am finale Renne war, wéi sech dunn eis Diddelenger Représentanten deemools am CHEM-Verwaltungsrot, dat waren dunn den deemolege Buergermeeschter an den Här Becker, sech net nëmmen enthalen hunn an och net dergéint gestëmmt hu fir datt dat Spidol op Esch sollt kommen, mä dofir gestëmmt hunn. D'Diddelenger Leit waren enttäuscht a hunn dat mat Besuergness a Befrieme festgestallt well d'Fro war dunn, wat geschitt dann elo am Diddelenger Spidol wann emol net eis Diddelenger Représentante sech fir den Diddelenger Site asetzen. Et geet net duer - an et ass e Message un déi nei Delegéiert am CHEM-Verwaltungsrot - et geet net duer, alles duerchzedenken, et geet drëm, sech fir de Site Diddeleng anzesetzen, d'Geriatrie an d'Post-Stroke-Unit um Liewen ze halen a sech net bei all Décisiounen als Diddelenger iwwer den Dësch zéien ze loossen.

Schuet, dass och keng aner Leit am Gemengerot d'Méiglechkeet kritt hu fir sech fir dee Posten ze bewerben. Mir hu jo awer Leit, déi 10 Joer aktiv do matgeschafft hunn an iwwer deen Historique e bëssen Knowhow matbréngen an do géifen e bësse méi Courage opbrénge fir och emol eng Kéier d'Stëmm ze hiewen. Et muss ee bedenken, 2017 leeft d'Autorisatioun fir eist Spidol aus. Wat geschitt duerno? Et huet geheescht gehat, de Buergermeeschter hat eng Entrevue mat der Ministesch an déi huet gesot, bis 2022 géif alles tel quel bleiwen.Op der Informatiounsversammlung vum Südspidol hat ech, wéi mer deen neie Projet virgestallt kritt hunn, d'Fro gestallt, wéi et da mat Diddeleng ass, wéi et da weider geet an ech krut keng richteg Äntwert. Et huet just geheescht, déi Servicer géife wahrscheinlech bestoe bleiwen an den Här Nathan huet mer gesot, hie kéint mer nach net soe wat mat Diddeleng geschitt.

Dir gitt herno och gemooss fir ären Asaz fir d'Stad Diddeleng an Dir sidd net als en LSAP-Member do, mä Dir sidd de Représentant vun der Stad Diddeleng. Duerfir hoffen ech an ech wënschen lech et, dass der eng gutt Vertriederin fir Diddeleng sidd.

Maacht Iech staark a bleift hannert den Iddie fir Diddeleng. Mer hate jo nach aner Iddien, wéi Koi-bestrachen, fir do eng Reha-Klinik mat Post-Stroke-Unit opzebauen. Weist Charakter a setzt Iech a fir Diddeleng. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et geet hei ëm d'Bestëmmung vun engem neien Delegéierten, net ëm d'Ausriichtung vun der Politik vum CHEM a vum Diddelenger Spidol.
Am Lycée wier dat do eng Datz, en Hors sujet.
Et muss een och de Kader wahren, an deem ee sech befënnt an deen huet d'CSV hei haut ganz kloer iwwer-schratt. Ech mengen, mir mussen nach eng Kéier um Reglement schaffe fir ganz kloer e Kader auszeschaffe fir ze bestëmme wéi laang a wat ee schwätze soll, well dat dote war wierklech carrément en Hors sujet.
Et gëllt, gewësse Formen ze wahren, mer schwätzen hei iwwer eng Delegéiert, déi mer hei nominéieren. Mir ginn eis sécher ganz gären e Moment wou mer doriw-wer schwätzen, mä dat dote war net déi appropriéiert Form. Nach mengen ech, dass d'Madame Schlussnuss eng gutt Vertriederin am CHEM wäert sinn an ech pro-poséieren iech, elo zum Vote iwwer ze goen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Déi Propose hu mir eréischt gëschter Moien um aacht Auer matgedeelt kritt an ech denken, wéini hätt een da soss kënnen doriwwer schwätzen? Mir kréien dat heiten ënnerge-schuppst an dann dierf awer keen eppes soen. Dat ass fir mech net déi richteg Approche.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Déi richteg Approche ass, dass ab 2016 d'Diddelenger Vertrieder vollzäleg sinn am CA vum CHEM an dat ass dat wich-tegst op dësem Ordre du jour. Also géif ech elo zum Vote iwwergoen.

**Wien ass mat där Propose averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, déi Gréng an Déi Lénk.**
**Wien ass dergéint? Keen.**
**Wien enthält sech? D'CSV.**

An domat gi mer an de Huis clos.

# Conseil pratique N°7 pour économiser de l'eau

**Souscrivez à la newsletter sur www.diddeleng-klimapakt.lu**

Économiser de l'eau permet de préserver cette ressource rare et vitale, mais aussi de contribuer à la réduction des émissions de $CO_2$. La surconsommation d'eau chaude est souvent sous-estimée. Un ménage moyen consomme 12 fois plus d'eau que d'électricité.

**Prendre une douche plutôt qu'un bain** permet de réduire fortement sa consommation d'eau.

**Coupez le robinet** pendant que vous vous savonnez.

**Réparez les robinets qui fuient** 10 gouttes d'eau gaspillées par minute représentent 170 litres par mois.

**Utilisez un régulateur de débit** pour contrôler le débit d'eau et obtenir la température souhaitée.

**Les chauffe-eaux à gaz modernes** sont plus économes en énergie.

**Les chauffe-eaux électriques** permettent d'économiser de l'énergie en ajustant la température de l'eau avec précision.

Das Wassersparen hat zur Folge, dass diese lebenswichtige und begrenzte Ressource bewahrt wird, und trägt auch dazu bei, die $CO_2$-Emissionen zu reduzieren. Der Überverbrauch von Warmwasser wird oft unterschätzt. Der Durchschnittshaushalt verbraucht zwölfmal mehr Wasser als Strom.

**Nehmen Sie lieber eine Dusche als ein Bad** Dies ermöglicht, den eigenen Wasserverbrauch erheblich zu reduzieren.

**Drehen Sie den Wasserhahn zu** während Sie sich einseifen.

**Reparieren Sie tropfende Wasserhähne** 10 Tropfen pro Minute machen 170 Liter pro Monat aus.

**Verwenden Sie einen Durchflussregler** um den Wasserdurchsatz zu kontrollieren und die gewünschte Temperatur zu erreichen.

**Moderne gasbeheizte Wassererhitzer** verbrauchen weniger Energie.

**Elektrische Wassererhitzer** ermöglichen das Energiesparen, weil die Wassertemperatur genau eingestellt werden kann.

Le collège des bourgmestre et échevins/Das Schöffenkollegium
Dan Biancalana, bourgmestre/Bürgermeister
René Manderscheid, Loris Spina, Claudia Dall'Agnol, échevins/Schöffen

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BP 73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1
ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu
/villededudelange @villedudelange

KlimaPakt European Energy Award
www.diddeleng-klimapakt.lu




DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BP 73 L-3401 Dudelange /// T516121-1
ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu

/villededudelange @villedudelange

Plus de renseigements sur:

**www.diddeleng-klimapakt.lu**